




# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 14.12.2018







# SOMMAIRE

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 14 DÉCEMBRE 2018

Séance publique:

|                                                                                                                                                 |           |
|-------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------------|-----------|
| <b>1. CORRESPONDANCE</b>                                                                                                                        | <b>10</b> |
| <b>2. CIRCULATION</b>                                                                                                                           | <b>10</b> |
| 2.1. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses 2019                                                      |           |
| 2.2. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de la Bierenger Kiermes 2019                                            |           |
| <b>3. FINANCES COMMUNALES</b>                                                                                                                   | <b>11</b> |
| 3.1. présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2018                                                                          |           |
| 3.2. présentation et approbation du budget initial de l'exercice 2019                                                                           |           |
| 3.3. fixation des taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2019                                                                   |           |
| 3.4. approbation de la convention de mise à disposition d'un terrain à l'association<br>« Natur & Umwelt a.s.b.l. »                             |           |
| 3.5. approbation d'un acte de cession gratuite concernant une place sise à Dudelange,<br>rue Milly Steinmetz-Ludwig                             |           |
| 3.6. approbation d'un acte d'échange avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg                                                                   |           |
| 3.7. approbation du devis remanié de 330'000,- € relatif aux travaux de réaménagement des aires<br>de jeux                                      |           |
| 3.8. approbation du devis de 75'000,- € relatif à l'installation d'une sculpture Bikers – fontaine<br>place de l'Hôtel de Ville                 |           |
| 3.9. approbation du devis de 1'105'000,- € pour les travaux de réaménagement de la rue des<br>Minières et de la rue Gare-Usines                 |           |
| 3.10. approbation du devis de 1'550'000,- € pour les travaux de réaménagement de la rue de la<br>Brasserie et de la rue Dr Welter               |           |
| 3.11. approbation du devis de 250'000,- € pour les travaux de raclage de la rue Pasteur et<br>de la rue Mathias Cungs                           |           |
| 3.12. approbation du devis de 80'000,- € pour l'aménagement transitoire d'un terrain de padel tennis                                            |           |
| 3.13. approbation du devis de 700'000,- € pour les études et les travaux de réaménagement et de<br>mise en conformité des passages pour piétons |           |
| 3.14. approbation du devis remanié de 1'600'000,- € pour la participation à l'exécution de chantiers<br>par la société Post                     |           |
| 3.15. approbation du devis de 50'000,- € concernant la remise en état de la passerelle au site<br>NeiSchmelz                                    |           |
| 3.16. approbation du devis de 22'000,- € concernant le réaménagement de l'ancienne salle de<br>répétition au kiosque Parc Le'h                  |           |
| 3.17. approbation du devis de 10'000,- € concernant l'installation d'une isolation acoustique au<br>gymnase de l'école Gaffelt                  |           |
| 3.18. nouvelle fixation de l'indemnité à allouer aux membres du service de médiation                                                            |           |
| 3.19. subsides extraordinaires à accorder                                                                                                       |           |



#### 4. OFFICE SOCIAL

57

- 4.1. approbation des bilan et compte de profits et pertes de l'exercice 2016
- 4.2. approbation du décompte annuel 2017
- 4.3. présentation du rapport d'activité de l'exercice 2017 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2018 et du budget initial de l'exercice 2019

#### 5. APPROBATION DES CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION D'UNE COMMISSION COMMUNALE ET D'UN GROUPE DE TRAVAIL

65

#### 6. PERSONNEL

66

##### Service éducation et accueil

- 6.1. reprise des activités de l'association « Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l. » – création de postes
  - 6.1.1. un poste d'employé communal, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social
  - 6.1.2. quatorze postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social
  - 6.1.3. trois postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social
  - 6.1.4. un poste de salarié (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'artisan DAP (H3)
  - 6.1.5. deux postes de salariés (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'agent de nettoyage (A2)
- 6.2. création de deux postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.3. création d'un poste d'employé communal, à raison de 20 heures par semaine, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.4. création d'un poste d'employé communal, à raison de 20 heures par semaine, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.5. création de cinq postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 6.6. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif

##### Autres services

- 6.7. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique (anciennement ingénieur-technicien) pour le service technique des bâtiments et électricité
- 6.8. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (anciennement rédacteur) pour le service communication et relation presse
- 6.9. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (anciennement expéditionnaire technique) pour le service architecture et domaines
- 6.10. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (anciennement expéditionnaire technique) pour le service informatique et nouvelles technologies
- 6.11. création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement D, groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal) pour le service des agents municipaux
- 6.12. création de trois postes de salariés (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'agent polyvalent (A3)(chômeurs de longue durée)
- 6.13. approbation du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'une montre pour 20 ans de bons et loyaux services et du relevé des personnes auxquelles il est fait cadeau d'un bon d'achat à l'occasion de leur départ à la retraite



## 7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Séance à huis clos

### 8. PERSONNEL

#### Service éducation et accueil

- 8.1. reprise des activités de l'association « Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l. »
- 8.1.1. engagement avec décision de classement d'une employée communale, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 8.1.2. engagement avec décision de classement de quatorze employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social à tâche variable
- 8.1.3. engagement avec décision de classement de quatre employées communales, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social à tâche variable  
Office social – ratification de décisions du conseil d'administration en matière de personnel
- 8.2. démission d'une employée communale
- 8.3. engagement d'un assistant social, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social
- 8.4. engagement d'un assistant social, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social, à tâche partielle

#### Autres services

- 8.5. engagement avec décision de classement d'un employé communal, catégorie de traitement A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social pour le service local pour l'emploi
- 8.6. augmentation de la tâche d'un employé communal de l'école régionale de musique de Dudelange
- 8.7. promotion à accorder à une fonctionnaire communale
- 8.8. départ à la retraite d'un fonctionnaire communal



## RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 14 DÉCEMBRE 2018

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries (sauf pour le point 3.11 de l'ordre du jour) et Claudia Dall'Agnol (sauf pour les points 3.17 à 3.19 de l'ordre du jour), échevins.

Mesdames Sylvie Andrich-Duval (sauf pour le point 3.3 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude; Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin (sauf pour les points 3.9, 3.10 et 5 de l'ordre du jour); Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: néant.

### Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

1. Avant la liquidation de l'ordre du jour, Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal que Monsieur Vic Haas a démissionné du parti politique ADR. Néanmoins, Monsieur Haas restera membre du conseil communal en tant que mandataire indépendant.

### 2. Circulation

Deux règlements temporaires de la circulation sont approuvés unanimement. Il s'agit de réglementations à l'occasion des kermesses et de la Bierenger Kiermes en 2019.

### 3. Finances communales

3.1 et 3.2. Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2018 et le projet de budget de l'exercice 2019. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 21 décembre 2018. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date.

3.3. Les taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2019 sont fixés avec l'accord de tous les conseillers communaux. Les taux sont les suivants:

- a) la catégorie A (propriétés agricoles et forestières) à 500 %;
- b) la catégorie B1 (constructions industrielles ou commerciales) à 750 %;
- c) la catégorie B2 (constructions à usage mixte) à 500 %;
- d) la catégorie B3 (constructions à autre usage) à 250 %;

- e) la catégorie B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport) à 250 %;
- f) la catégorie B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation) à 500 %;
- g) la catégorie B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation) à 600 %.

Ensuite, le conseil communal approuve, chaque fois par des votes unanimes,

3.4. la convention de mise à disposition d'un terrain à l'association « Natur & Umwelt a.s.b.l. ». Il s'agit d'une partie de terrain, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section B de Burange, lieu-dit « Im Gebrannten », d'une surface approximative de 1 hectare, 22 ares et 70 centiares. La Ville apporte son soutien à l'Association, dans la mesure où l'Association mène des actions positives pour la vie communale, notamment par la gestion et l'exploitation du centre de soins pour la faune sauvage sis au parc Le'h. L'Association procédera à une transformation du centre de soins pour la faune sauvage combinée à une extension de celui-ci, sachant que la capacité du centre a atteint ses limites;

3.5. l'acte de cession gratuite aux termes duquel les époux Jean-Marie Kontz et Nancy Meisch et la société anonyme « STUGALUX CONSTRUCTION S.A. » cèdent gratuitement à la Ville de Dudelange une place sise à Dudelange, rue Milly Steinmetz-Ludwig, contenant 46 ares 45 centiares. L'acte est fait dans un intérêt d'utilité publique, à savoir qu'une école sera édiflée sur l'immeuble faisant l'objet de la cession;

3.6. l'acte administratif d'échange sans soulte avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg pour des parcelles de terrains sises à Dudelange, section





B de Burange. Ledit échange est opéré en vue d'intégrer les terrains échangés dans la voirie communale publique;

3.7. le devis remanié de 330'000,- € relatif aux travaux de réaménagement des aires de jeux Parc Mayrisch, Brill (Rue Victor Tesch), Baltzing, Boujel et Soibelkaul;

3.8. le devis de 75'000,- € relatif au projet de réalisation de 12 sculptures « Bikers » - fontaine place de l'Hôtel de Ville, projet élaboré par l'artiste graphiste Armand Strainchamps. Il s'agit de la fourniture de sculptures métalliques représentant un cycliste, lot composé de 12 pièces, dont 8 pièces avec découpes de détail et 4 pièces pleines suivant les contours. Les dimensions approximatives seront de 2,5 m de haut et 2,5 m de long. Le chef-d'œuvre est réalisé en acier d'une épaisseur de 10 mm et les cyclistes seront montés sur socle individuels. La finition est réalisée par métallisation et thermo-laquage.

3.9. le devis estimatif de 1'100'000,- € pour les travaux de réaménagement de la rue des Minières et de la rue Gare-Usines (près de la structure publique) – travaux de génie civil, conduite de gaz, canalisation/eau usées, conduite d'eau, éclairage public, antenne et télécommunications;

3.10. le devis de 1'550'000,- € pour les travaux de réaménagement de la rue de la Brasserie et de la rue Dr Welter - travaux de génie civil, conduite de gaz, canalisation/eau mixtes, conduite d'eau, éclairage public, antenne et télécommunications;

3.11. le devis de 250'000,- € pour les travaux de raclage de la rue Pasteur et de la rue Mathias Cungs;

3.12. le devis de 80'000,- € pour l'aménagement transitoire d'un terrain de padel tennis à proximité du stade Kennedy;

3.13. le devis de 700'000,- € pour les études et les travaux de réaménagement et de mise en conformité des passages pour piétons;

3.14. le devis remanié de 1'600'000,- € pour la participation à l'exécution de chantiers par la société Post – réaménagement de diverses rues;

3.15. le devis de 50'000,- € concernant la remise en état de la passerelle au site NeiSchmelz;

3.16. le devis de 22'000,- € concernant le réaménagement de l'ancienne salle de répétition au kiosque Parc Le'h;

3.17. le devis de 10'000,- € concernant l'installation d'une isolation acoustique au gymnase de l'école Gaffelt;

3.18. la nouvelle fixation de l'indemnité à allouer aux membres du service de médiation. Dorénavant l'indemnité à allouer aux médiateurs agréés est fixée à 60,- € par heure (n.i. 814,40) et l'indemnité kilométrique (Dudelange-Luxembourg aller/retour) suivant le barème du règlement grand-ducal du 14 juin 2015 sur les frais de route et de séjour ainsi que sur les indemnités de déménagement des fonctionnaires et employés de l'État à 9,60- €;

3.19. les subsides extraordinaires suivants: 170,- € à Amateurs Astronomes, Dëschtennis Diddeleng, Fuesveräin Knabbermais, H.B. Dudelage, Judo & Ju-Jitsu Dudelage, Syndicat d'Initiative et de Tourisme Dudelage, Société municipale de Gymnastique Union Diddeleng, Greng Scouten a Guiden Diddeleng, Basket T71 Diddeleng Jugendkommissioun, Guiden a Scouten Saint Jean Diddeleng, Luxembourg Steelers of Dudelage-Junior, Luxembourg Steelers of Dudelage-Senior, Union Luxembourgeoise des Femmes Baha'ies, Red Sappers Baseball Team, Aikido-Dojo-Diddeleng, Badminton Club Dudelage, Elterevereenegung Lycée Nic Biever, Natur & Ëmwelt Diddeleng, Croix Rouge Migrants et Réfugiés, Comité du Quartier Italie - les Bons Voisins, Ludoland, Rugby Club Terres Rouges, Alma Academy, pour avoir participé à l'édition 2018 de Summer, Spill a Spaass.

#### 4. Office social

Les décisions suivantes de l'office social de la Ville de Dudelage sont ratifiées à l'unanimité:

- les bilan et comptes de profits et pertes 2016 de l'office social;
- le décompte annuel de l'exercice 2017 de l'office social;
- le budget rectifié de l'exercice 2018 et le budget initial de l'exercice 2019 de l'office social.



5. Les changements suivants sont adoptés avec les voix de tous les conseillers communaux dans les commissions et groupes de travail:

- commission de surveillance de l'école régionale de musique: Monsieur Paul Klein est remplacé par Madame Sandra Lux;
- groupe de travail « Promotion centre commercial »: Monsieur André Mathieu est remplacé par Monsieur Christian Flammang.

## 6. Personnel

Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité:

- service éducation et accueil, reprise des activités de l'association « Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l. » – diverses créations de postes: un poste d'employé communal, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social, quatorze postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, quatre postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social, un poste de salarié (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'artisan DAP (H3) et deux postes de salariés (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'agent de nettoyage (A2);
- service éducation et accueil – création d'autres postes pour le service: deux postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, un poste d'employé communal, à raison de 20 heures par semaine, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, un poste d'employé communal, à raison de 20 heures par semaine, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social, cinq postes d'employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social et un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif;
- service gestion et maintien du patrimoine, génie technique des bâtiments: création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe

scientifique et technique (anciennement ingénieur-technicien);

- service communication et relation presse: création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (anciennement rédacteur);
- service d'architecture et des domaines: création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (anciennement expéditionnaire technique);
- service informatique et nouvelles technologies: création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (anciennement expéditionnaire technique); avec 14 voix et 5 abstentions
- service gestion et maintien du patrimoine, circulation, agents municipaux: création d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement D, groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières (agent municipal); à l'unanimité
- création de trois postes de salariés (convention collective des salariés des communes du sud), carrière de l'agent polyvalent (A3)(chômeurs de longue durée).  
Finalement, le conseil communal décide avec toutes les voix d'allouer,
- aux personnes, reprises ci-après, au service de la commune depuis vingt ans, un bon d'achat pour une montre d'une valeur de 1'000,- € pour bons et loyaux services: Françoise Back, institutrice, Marc Ewerling, instituteur, Maryse Flammang, chargée de cours, Raymond Graf, instituteur, Jasmine Hamtiaux, institutrice, Jessica Mack, institutrice, Joël Schroeder, instituteur, Jenny Simon, institutrice, Isabelle Heischbourg, chargée de cours, Flavio Albertini, concierge, Giulio Basile, chauffeur, Gérard Bausch, ouvrier communal, Chantal Klein, agent de nettoyage, Friederike Migneco, bibliothèque municipale, Marco Papa, concierge, Marco Puleo, centre d'intervention et Frank Wagner, centre d'intervention;
- aux personnes, reprises ci-après et parties à la retraite en 2018 un bon d'achat de 200,- €:





Luc Hensen, instituteur, Patricia Barthels, employée communale, Fernand Britz, artisan, Marianne Cerri, agent de nettoyage, Noëlle Clause, agent de nettoyage, Michelle Ehrhardt, agent de nettoyage, Anita Guillod, agent de nettoyage, Jeannot Harpes, chef d'équipe, Ghislaine Lisarelli, employée communale, Romain Mack, ouvrier communal, Robert Schmeler, aide-artisan, Jean-Marie Schroeder, chauffeur, Pascal Seil, chauffeur, Jean-Pierre Vanin, artisan et Guy Woicik, ouvrier communal.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

#### 8. Décisions de personnel

- service éducation et accueil, reprise des activités de l'association « Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l. », les personnes suivantes sont engagées comme employés communaux: Carole Rotens, Christine Schumacher, Christel Tiberi, Fabienne Scheitler, Jessica Huynen, Joëlle Seyler, Linda Bingen, Laure Benassutti, Muriel Colombo, Marie-France Toschi, Mikael Teixeira Pinto, Pamela Dreiling, Sylvie Benning, Tania Cotas, Nathalie Calvisi, Annick Ewen, Cindy Michaelis, Janine Schilling et Nadine Brasi;
- office social – ratification de décisions du conseil d'administration en matière de personnel: démission de Nathalie Bley, engagement de Mélanie Pinho Pereira et Andrea Filipa Trigo Pires;
- Pit Hemmerling est engagé pour le service local pour l'emploi;
- Gilles Leyers obtient une augmentation de sa tâche près de l'école régionale de musique;
- Manou Schroeder obtient une promotion dans sa carrière près du service d'architecture et des domaines;
- démission de son poste de fonctionnaire communal est accordée à Nicole Faber, service des ressources humaines.

Fin de la séance vers 13.10 heures.



## GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 14. DEZEMBER 2018

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, ech begrëssen lech hei allegueren an eiser Gemengerots-sitzung vun haut, de 14. Dezember, déi sech virun allem mat der Presentatioun vum Budget 2019 beschäftegt, deen hei de Schäfferot virstellt, dann den normalen Ordre du jour an den nächste Freiden, den 21. Dezember, ass et dann un de Conseillere vun der Majoritéit an der Oppositoun, Stellung ze huelen, respektiv och de Vote ze huelen, wat de Budget vum Joer 2019 ugeet.

Éier mir awer do drop iwwerginn, hu mir e Punkt ënnert Korrespondenz.

### 1. KORRESPONDENZ

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Éischtens wollt ech de Gemengerot informéieren, wat déi Aarbechten um Site vun der Geothermie sinn. Déi hunn direkt näischt mat der Geothermie ze dinn, mä dat sinn Aarbechten, déi d'Firma Cloos amgaangen ass ze maache fir de Fonds de Logement am Kader vun engem Opdrag an engem Accord vun 2010 mat Arcelor Mittal, wou effektiv bäi der Bréck Schlaken ewechgeholl ginn. Ech wollt lech am Fong just déi Informatioun hei net virenthalen.

An dann hu mir dem Gemengerot e Courrier zoukomme gelooss vun engem Gemengerotsmember, den Här Vic Haas, deen dem Inneminister an och hei dem Schäffen- a Gemengerot matdeelt, dass e vum ADR demissionéiert an an Zukunft hei als onofhängege Gemengerotsmember an deem Gremium wëllt siegieren. An deem Kontext wollt den Här Haas och e puer Wieder hei soen.

**Victor Haas (Onofhängege Gemengerotsmember):** Ech soen lech Merci, Här Buergermeeschter. Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, wéi Dir wësst, hunn ech beim ADR opgehal, ech sinn erausgaangen.

D'Ursaache sinn haaptsächlech d'Integratiouns- an d'Immigratiounspolitik vum ADR, dass den ADR d'EU-Immigratioun net wëll matdroen. Ech fannen dat net gutt an et sinn nach verschidde Saache mä ech well hei net zevill an den Detail goen. Also, Leit déi vun Honger a Krich an Nout fortlafen, soll een net de Wee verspären. Dat verbitt den Anstand. Wichteg awer ass, dass ech elo hei am Gemengerot keng Parteilinn méi brauch ze vertrieeden a mech a fräie Stécker an no mengen Usiichte fir d'Diddelenger kann asetzen. Well ech sinn net gewielt gi well ech am ADR sinn, mä ech si gewielt ginn, well ech de Vic sinn, deen all Mënsch respektéiert an deen all Mënsch déi selwecht Rechter zoudréit. Ech sinn net gewielt gi fir géint schwaach Leit a Minoritéiten ze gëften. Ech soen lech Merci.

(Applaus)

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, Här Haas, fir Är kloer a propper Stellungnam a Beweeggrënn, déi lech dozou bruecht hunn, dee Schratt ze maachen a mir huelen dat esou zur Kenntnis.

### 2. VERKÉIERSREGLEMENT

#### 2.1. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement während der Kiermes 2019

#### 2.2. Approbatioun vum temporäre Verkéiersreglement während der Bierenger Kiermes 2019

**Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin):** Mir hunn zwee Verkéiersreglementer um Ordre du jour, zu deenen et awer eigentlech net vill ze soe gëtt, well déi jo reegelméisseg erëmkommen, nämlech d'Summer- an d'Wanterkiermes hei niewendrun op der Fohrmanns-plaz an natierlech och Christi Himmelfahrt eisen traditionelle Rendezvous op der Bierenger Kiermes. Wéi gesot, dozou gëtt et näischt ze soen, well et näischt Neies ass.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci Claudia Dall'Agnol. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall, da komme mir zum Vote vum deem Verkéiersreglement. Ass de Gemengerot domadder averstanen?

Dat ass **unanime**, da soen ech hei dem Gemengerot Merci.



## 3. GEMENGEFINANZEN

### 3.1. Presentatioun an Approbatioun vum Budget rectificié fir d'Geschäftsjoeer 2018

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Elo komme mir zu der Presentatioun 2019, respektiv och vum Rectifié 2018, de Gemengerot huet eng ganz Rei Dokumenter virleien. Normalerweis niewent dem Budget maache mir och eng PowerPoint-Presentatioun mat den Eckdate vum Budget.

Dir hutt och de Rapport vun der Finanzkommissioun virleien an awer och e Relevé vun de Bauxen, déi mir hunn, wou mir Locataire sinn, respektiv wou mir Sous-locatioun maachen, dat sinn alleguerten déi Dokumenter wou Dir virleien hutt.

D'Finanzkommissioun huet virun e puer Deeg getagt, den 10. Dezember, an ech wollt vun dëser Plaz aus dem Pascal Poull an all senge Mataarbechter aus der Comptabilitéit Merci soen an awer och all eise Mataarbechter, déi bäi der Ausschaffung vun dësem Budget matgehollef hunn, an déi soumat hëllefen, dat ëmzesetzen, well dat heite gëtt mat Teamgeescht op- an ëmgesat.

Dee Budget, dee mir haut presentéieren, wäert natierlech och op den Internetsite kommen, et ass en öffentlecht Dokument, also och accessibel fir eis Bierger.

Wat d'Virgaben ugeet, Dir hutt engersäits d'Circulaire budgétaire vum Inneminister virleien, déi op de 6. November datéiert ass, an do gesäit ee generell, dass d'Hausse vun de staatlechen Dotatiounen esouwuel am Rectifié 2018 wéi och am Initial 2019 eng zimlech staark Hausse ass. Dat ass och generell op déi gutt Konjunktur zeréckzeféieren, déi hei zu Lëtzebuerg herrscht, an do gesäit een och am Initial 2018, dass de Fonds de dotation globale des communes mat gutt 2 Milliarden Euro gespeist gëtt an dat verdeelt sech herno natierlech och am Kader vun de Kritäre vun de Gemeengefinanzen, respektiv deem neie Gesetz iwwer d'Gemeengefinanzen.

Wa mir elo op d'Eckdaten agi vum Budget rectificié 2018, do gesäit een, dass mir am ordinäre Beräich Recettë vu 87 230 526,04 Euro hunn, mir hunn en Total vun Dépensë vu 75 778 146,08 Euro, dat mécht eis e Boni propre vun 11 452 379,96 Euro.

Wa mir dann op den extraordinäre Budget eriwuer ginn, do hu mir Recettë vun 12 688 324,08 Euro an Dépensë vun 23 880 145,18 Euro, dat mécht dann e Mali vun 11 191 821 Euro.

Wann ee gesäit, wat mir eriwuerhuele vu Konte vum Joer 2017, dat sinn 12 664 564,48 Euro, esou dass mir e Boni général hu vu 24 116 954,44 Euro, esou dass - wann een de Mali aus dem extraordinäre Budget ofzitt - mir e definitive Boni hu vun 12 925 133,34 Euro, also ronn 13 Milliounen Euro, also e Boni vu gutt 11 891 914 Euro méi wéi den Initial vun 2018.

Dat, muss ee soen, ass eng ganz gutt Assise fir de Budget initial 2019, dat ass e ganz positiivt Resultat, dat mer an den Initial mat eriwuer huelen.

Wann een e bësse méi op d'Zuelen ageet, e puer Erklärungen zum Rectifié: Wann een d'ordinär Recettë kuckt, do hu mir e Plus vu 5,9 Milliounen Euro, dat virun allem och duerch déi staatlech Dotatiounen, déi méi héich ausfalen, dat gesäit een och am Kader vun der Circulaire.

Am Rectifié hu mir awer och déi 1,2 Milliounen Euro vum Restanten. De Restanten ass jo ëmmer eng Recette am Rectifié, dee kënnt jo ni am Initial erëm, an d'Participatiounen bäi de Frais de fonctionnement vun der Maison Relais, déi falen och do méi héich aus.

Wann een eriwuer geet op d'Recettes extraordinaires, do ass jo eng Hausse vum Initial vun 7,3 op 12,6 Milliounen Euro, do sinn och staatlech Subsidien, déi méi héich ausgefall sinn, respektiv Verschibungen, de Pacte Logement, deem huet och méi agespillt wéi initial virgesinn.

Mir hunn och eng Subventioun vum Office social, déi dobäi kënnt par rapport zum Wunnungsbauprojet an der Rue du Commerce a mir hunn e Remboursement vum STEP vu liicht iwwer 300.000 Euro.

Wat d'ordinär Depensen ugeet, do si keng gréisser Verschibungen, mir hunn do manner Dépensë getätegt vu ronn 73.000 Euro.

Wa mir op d'extraordinär Depensen eriwuer ginn, do hu mir par rapport zum Initial gutt 5 Milliounen Euro méi getätegt, dat ass engersäits duerch Kreditter, déi mir hei am Gemengerot am Laf vun dësem Joer méi gestëmmt hunn, anerersäits awer och



Verschibunge vun deem engen oder anere Projet duerch d'Prozedure vum Marché-Publicques-Gesetz, am Kader vun der Ausschreiwung, dem Zouschlag an der Exekutioun, esou dass een d'Conclusioun fir de Rectifié 2018 kann zéien, dass mir an enger exzellenter finanzieller Situatioun sinn, dass mir e Boni hu vun 12,9 Milliounen Euro an, pour mémoire, 2018 hu mir keen Emprunt opgeholl, mir hu keng Reserven ugetaascht an Enn 2018 leeft en Emprunt of, deen 1999 getätegt gouf. Vu, dass deen ofleeft, huet dat och en Impakt op d'Annuitéite vum Joer 2019.

Dat zum Budget rectifié 2018.

### 3.2. Presentatioun an Approbatioun vum Budget initial fir d'Geschäftsjoer 2019

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Wann ech eriwuer ginn op d'Presentatioun vum Budget initial 2019, vläicht e puer generell Consideratiounen als Toile de fond, éier mir op déi verschidde politesch Aktivitéiten agi fir d'Joer 2019 an och d'Kollegen aus dem Schafferot op hir respektiv Ressorten aginn.

Wat ee kloer ka soen unhand vum Rectifié 2018 an och vum Initial 2019 mat där Ausrichtung, déi mir dem Budget ginn, ass, dass d'Stad Diddeleng gesond Gemeengefinanzen huet an dat gëtt eis natierlech e Gestaltungsspillraum, deen net onwichtig ass, a mir halen och dëst Joer, also 2019, fir eis Verhältniss-er en héijen Investitiounsvolume vu 96,7 Milliounen Euro, ouni awer ze iwwerdreiwen, a mir setzen d'Prioritéiten op d'Schoul, d'Structure-d'accueilen, de Sport, d'Weidermoderniséierung vum Stadkär, also e wichtige Pilier ronderëm d'Stadentwécklung an awer och ronderëm sozial Projeten.

Ech maachen do vläicht just eng Klammer op, ech konnt an de leschten Deeg an enger vun eisen Tageszeitunge liesen, dass et méi populär schéngt ze sinn, sozial Projeten ze maachen. Niewent dem Fait, dass et och onpopulär ass, sozial Projeten ze maachen, mécht d'Stad Diddeleng sozial Projete well se eng gesellschaftspolitesch Prioritéit huet a well se Prinzipie huet, déi verankert sinn an der Solidaritéit an der sozialer Gerechtegkeet.

Et ass dat wat eis hei kloer dreift wa mir esou Projeten ëmsetzen a soss näischt anescht.

Wa mir all déi Projeten ëmsetzen, da wëlle mir d'Zukunft vun Diddeleng weider ofsécheren a mir setze weider an Diddeleng de Stempel vun der Dynamik fir d'Liewensqualitéit weider ze stäerken, fir dass Diddeleng weider liewenswäert bleift an och fir dass et flott ass, hei ze wunnen, ze liewen an ze schaffen, och ënner de Viraussetzungen, dass mir vun enger gudder, genereller Konjunktur profitéieren.

Den Invest vu 26,7 Milliounen Euro, dee mir am extraordinäre Budget tätegen, ass deen héchsten an deene leschten 10 Joer an och 2019 maache mir dat ouni Emprunt an dat ass dat drëtt Joer konsekutiv, wou mir keen Emprunt ophuelen.

D'Reserven, déi mir hunn, déi 9 Milliounen Euro, respektiv 12,8 Milliounen Euro, och déi taaschte mir net un.

Mir ginn an d'Joer 2019 mat engem Emprunt manner, deen 2018 ofgelaf ass an, wat och wichteg ass fir eis Bierger: Keng Taxenerhéijung fënnt an deem Budget statt.

Wann ech elo op de Budget initial aginn, dann hu mir um Niveau vum ordinäre Beräich Recettë vun 92.655 959 Euro, mir hunn Depensë vun 82.274 072 Euro, dat mécht eis e Boni am ordinäre Beräich vun 10.381.886,86 Euro.

Wa mir kucken, wéi d'Situatioun ass um Niveau vum Extraordinären, dat si Recettë vu 5.737.100 Euro a mir hunn Depensë vu 26.766.354,05 Euro, dat mécht mam Boni am Rectifié, dee mir mat eriwuer huelen, a mam Mali, dee mir am Extraordinäre maachen, viraussiichtlech am Budget initial en definitive Boni vun 2.262.766,15 Euro. Och dat ass eng gutt Ausgangspositioun fir de Budget 2019 an Ugrëff ze huelen.

Wat awer och éischter exzeptionell ass, ass, dass mir als Stad Diddeleng scholdefräi sinn, dat ass éischter d'Ausnam wéi d'Reegel well wa mir den initiale Boni vum Joer 2019 huelen, zesumme mat eise Reserven, kann déi Schold vum Joer 2019 integral zeréckbezueelt ginn, esou, dass mir an enger ganz gudder finanzieller Situatioun sinn. Dat ass net onwichtig fir eng Stad Diddeleng, déi op haut 21.070 Awunner huet. Mir hu jo virun e puer Méint d'Marque vun den 21.000 Awunner geknackt.



Wann een d'Annuitéite kuckt, generell fir d'Joer 2019, an och par rapport zum Budget, maachen am Fong d'Annuitéite vun eisen Emprunten 1,6% vun eisen ordinären Depensen aus, och do leie mir an enger exzellenter Situatioun.

D'Pro-Kapp-Verscholdung geet konsequent erof. Wann se 2016 nach 934 Euro war, dann ass se am Joer 2019 nëmmen nach 688 Euro, an d'Schold als solch geet erof vu 15,9 Milliounen Euro op 14,7 Milliounen Euro, alles dat sinn Elementer vun der gudder finanzieller Lag, déi mir de Moment hunn.

Wa mir elo e bësse méi an den Detail gi vun dësem Budget, de Gros maachen natierlech déi staatlech Dotatiounen aus bái eisen ordinäre Recetten.

Wa mir de Fonds de dotation globale des communes kucken, dat sinn 61,5 Milliounen Euro, wa mir d'Gewerbesteier kucken, dat sinn 1.675.000 Euro, wou jo een Deel direkt an d'Gemeengekeess kënnt vum ICC, deen um Territoire vun der Stad Diddeleng produzéiert gëtt, a mir hunn den Impôt foncier, deen ongeféier 810.000 Euro ausmécht, also am Fong zimlech stabil bleift.

Am Fong maachen dat 63,9 Milliounen Euro aus an am Fong 69% vun den net affektéierte Recetten, déi dann och de Garant si fir d'Gemengenautonomie, fir dass mir do Spillraum hu fir déi néideg Ausgaben ze tätegen, déi wichteg si fir hei an Diddeleng verschidde Projeten ëmzesetzen. An da bleiwen 69% vun de Recetten, déi affektéiert sinn, dat sinn engersäits Gemengentaxen, respektiv Subventiounen, Subside vum Staat.

Wann een am Ordinäre kuckt, do hu mir engersäits méi Recetten ewéi 2018, engersäits natierlech duerch déi staatlech Subventiounen, déi méi héich ausfalen awer och well mir gutt 1,7 Milliounen Euro méi vum Staat kréien, respektiv vum Educatiounsministère.

Et ass zwar eng Null-Operatioun herno op der Depensensäit well déi Enveloppe zu 100% vum Staat gedroe gëtt, well mir jo och déi politesch Decisioun geholl hu fir d'Crèchë Minettsdepp an Nuddelsfabrik als Gemeng z'iwwerhuelen nodeems d'ASBL eis och matgedeelt huet, dass se un d'Limiten vum Benevolat ukomm ass fir déi zwou Crèchen um Territoire vun der Stad Diddeleng ze geréieren. D'Gemeng iwwerhëlt se an d'Josiane Di Bartolomeo-Ries wäert herno

nach am Detail dorop agoen. Mä och dat gëtt hei eng Null-Operatioun, mir kréien hei engersäits eng Recette vum Staat, wat d'Salairë vun deenen 21 Leit ugeet, op der anerer Säit tätège mir eng Depense wat 21 Leit ugeet, déi mir an de Personalbestand vun der Gemeng Diddeleng iwwerhuelen.

Mir hunn och eng Hausse generell vun de Subventiounen vum Staat och wat Maison Relaisen ugeet an och d'Remboursementer vum Staat si méi héich, wat am Fong déi sozial Komponente vun der Staat Diddeleng ugeet, wat den Invest ugeet, wat déi jonk Chômeuren ugeet, wat d'Initiative-socialen ugeet an och wat den Aspekt Chômeur de longue durée ugeet, och do iwwerhëlt d'Gemeng Diddeleng hir Responsabilitéit fir vulnerabel Mënschen, am Fong Awunner ze ënnerstëtzen, also och eng Contrepartie, déi mir vum Staat kréien an och Recettë generell, am Kader vun de Maison Relaisen, dat si gutt 5,5 Milliounen Euro, déi mir kréie vu staatleche Subventiounen, zesummen och mat de Frais de participation vun den Elteren, niewent enger Rei Loyereren, déi mir kréien als Stad Diddeleng, sief et fir eis Sozialwunnengen, Studentewunnengen respektiv awer och Lokalitéiten, déi mir zur Verfügung stellen, notamment de Lycée, d'Schwämm, den Hall sportif Hartmann, awer och déi staatlech Subventiounen, wat d'Organisatioun vun der Museksschoul ugeet.

Recetten, déi dëst Joer respektiv 2019 verfallen, do hu mir och schonns hei am Gemengerot Decisiounen geholl, dat sinn all déi Recettë ronderëm d'Asätz vun eise Centre d'Intervention well déi iwwer de CGDIS ofgewéckelt ginn, mä op där anerer Säit kréie mir eng Recette fir d'Mise à disposition wat d'Gebai ugeet.

Dat zum Volet vun den Depensen.

Wa mir elo op d'Säit vun den ordinären Depensen eriwuer ginn, do fannt Dir am Budget vum Joer 2019 natierlech Kreditter, déi mir musse virgesinn, déi eis all iwwer den Circulaire zougestallt goufe fir d'Europawahlen, déi am Mee 2019 stattfannen, dat si gutt 76.000 Euro.

Mir hunn awer och de Fonds pour dépenses communales, dat sinn 213.000 Euro, et ass am Fong dat wat de Remboursement vum Congé politique ausmécht.

Mir hunn awer och de Solidaritéitsbäitrag generell zu der Chômesituatioun hei zu Lëtzebuerg, de Fonds





pour l'Emploi, dee mir mat gutt 33.600 Euro speisen, dat ass eng staatlech Obligatioun, dat sinn am Fong 2% vun eiser Gewerbesteier, déi dat ausmécht.

A wéi gesot, d'Annuitéite vun eisen Emprunten, déi 1,2 Milliounen Euro ausmaachen, a par rapport zu deene Jore virdrun och erofginn, well een Emprunt ewechfält, mir respektiv keng weider Emprunten déi lescht dräi Joer getätegt hunn.

Dann, keen onwichtigen Aspekt, deen een och erwähnen, dat ass d'Promotioun vun der Stad Diddeleng als Geschäftsstad.

Mir si jo virun enger Rei Joren der Initiativ letzshop.lu bäigetrueden am Kader vum "Pakt PRO Commerce", e Projet, deen am September 2018 gestart gouf, wou eng Online-Plattform ass fir d'Lëtzebuerger Commercen, wou eng ganz Rei Diddelenger Commercen op der Online-Plattform sinn, a wou et och dorëms geet, dass d'Diddelenger Commercen, respektiv d'Lëtzebuerger Commercen eng zousätzlech digital Vitrinne kréie fir hir Produiten do dropzesetzen, engersäits fir d'Kafkraaft zu Diddeleng ze behalen an och den Einzelhandel am Stadkär ze stäerken. Och do si mer dëst Joer als Stad Diddeleng dobäi.

Mir haten awer och an Zesummenaarbecht mam Geschäftsverband e Budget vun 170.000 Euro festgehalen fir d'Vermarktung vun Diddeleng ze maachen, sief et am Kader vu Braderien an der Journée commerciale. Dat ass nach méi wichteg well 2019 wäerte mir jo d'Phas 2 vum Shared Space an Ugrëff huelen, ech wäert duerno wann ech iwwer d'extraordinär Densitéit schwätzen, dorop agoen.

An awer en neie Moment ass deen, dass mir ab Januar 2019 wäerten e Commerce matzen am Stadkär ulounen. Mir hate jo am Oktober schonns déi Diskussioun hei am Gemengerot, dat ass e Lokal wat am Moment fräisteet, en face vum Café du Commerce, wou mir a Kontakt getruede si mam Propriétaire. Mir wëlle wierklech do wou et Sënn mécht, do wou e Commerce ass, deen interessant ass, deen an enger zentraler Lag ass, wou eng interessant Geschäftsfläche ass, reagéieren. Mir hunn d'Zousou vum Propriétaire, dass mir dat Lokal loune kënnen, mir sinn amgaangen, e Contrat de bail ze finaliséieren an iwwer eng Sous-locatioun kënnen mir dann och dat Geschäftslokal zur Verfügung stellen.

Dat gëtt eis den Avantage, wann eng interessant Geschäftsfläche do ass, déi an enger zentraler Lag ass, de Choix vum Commerce, deen dohinne kennt, ganz kloer ze steieren.

Mir hunn och Kontakt opgehollet mat Geschäftsleit, déi am kreativen Beräich tätig sinn, déi an der Textilbranche tätig sinn, déi am Beräich vun der Librairie tätig sinn, déi am sozialen Sektor tätig sinn, also et lafen eng Rei Kontakter fir esou e Projet ze finaliséieren fir dass déi sech och kënnen hei zu Diddeleng niederloossen an do hu mir e Budget dragesat vu 50.000 Euro.

Also, mir wëlle ganz hardi deen dote Projet ëmsetzen, esou, dass mir dann och eng Strategie wëllen ausbauen fir den Développement commercial hei zu Diddeleng weiderzedreiwen an dat ass och e Projet, dee mir zesumme mat der CLC ëmsetzen als privilegiéierte Partner. Mir wäerten och 2019 eng Rei Akzenter setzen an och déi Initiativ weiderféieren, dass mir Lokaler, déi eidel stinn, engersäits ulounen an anerersäits awer och konkret probéieren, wa mir wëssen, dass Lokaler eidel sti well hannendrun e Projet vun enger Transformatioun oder vun engem Neibau besteet, en attendant, dass de Projet ëmgesat gëtt, un déi Propriétaires eruntriiede fir déi Lokaler zur Verfügung stellen ze kënnen, fir effektiv Projeten ze maachen, wéi zum Beispill kënschtlerech Projeten, esou wéi mir dat 2017 an och 2018 mat "Kaddo plus" an och mat "Silhouette" gemaach hunn.

Dat sinn also eng ganz Rei Moossnamen, déi zu enger Dynamiséierung bäidroen an och e ganz interessante Public op Diddeleng drainéieren a wann een déi lescht 2 Jore gesinn huet, wat un Initiative ronderëm entstane ass, ronderëm déi Transitioun, dann ass dat ganz interessant.

Wa mir an deem dote Deel bleiwen iwwer den Développement économique, do ass natierlech den Innovation Hub, dee weidergedriwwen gëtt, dee weider Interessenten huet déi virun der Dier stinn, am Beräich vun den Ekotechnologien an de Start-upen, déi sech hei ëm Diddeleng usidelen, do ass e Lien mat Neischmelz an och do gëtt déi weider Kollaboratioun mat Luxinnovation an Technoport weidergefouert.

Do gëtt et och en neie Projet, dee mir dëst Joer wäerten an Ugrëff huelen - de Gemengerot hat do den Aval ginn - dat ass d'Konventioun mat der Uni,





déi mat 20.000 Euro zu Buch schléit an dësem Budget. Mir souze virun e puer Wochen zesummen a sinn eis och eens gi sinn, dass mir am Kader vun deem dote Budget Recherche wäerte maachen, engersäits ronderëm d'Thema Migratioun - ugangs vun der Gemengerotssitzung ass dat Thema nach eemol ganz kloer opgegraff ginn - mä generell den Aspekt vun der Integratioun hei zu Diddeleng, deen e wichtege Stellewäert huet, an awer och ronderëm Neischmelz, wou och d'Uni gesäit, dass dat Thema sinn, ronderëm Neischmelz an d'Nohaltegkeet vun Neischmelz, wou een eng ganz flott Recherche ka maachen.

D'Ausrichtung am Joer 2019 wäert sinn, dass mir eng ganz Rei Konferenzen iwwer d'Lëtzebuurger Geschicht hei zu Diddeleng maache wäerten, also hei d'Recherche pousséiert a gefërdert gëtt, wat eng Win-Win Situatioun ass, zemools jo och eng ganz Rei Mataarbechter vun der Uni soen, dass se net an engem Elfenbeinturm sinn, mä, dass se konkret och wëllen zu der Entwécklung vu Lëtzebuerg bäidroen.

Substantiell Depensë bleiwen natierlech eis Structure-d'accueilen, ronderëm d'Maison Relais, déi Depense déi mir do tätegen ass 5,8 Milliounen Euro an d'Restauratioun 1,1 Milliounen Euro, do sinn och d'Salaire ronderëm d'Crèche Nuddelsfabrik a Minettsdepp mat 1,4 Milliounen Euro, déi iwwer déi Iwwernahm zu Buch schloen.

Dann, wann een och kuckt, d'Rettungswiesen, de CGDIS fënnt seng Nidderschrëft hei am ordinäre Budget, do hutt Dir och d'Circulaire virleie vum 9. November 2018 vum Inneministère, wou de Bäitrag vun der Stad Diddeleng 769 Euro ass, an déi Zomm setzt sech zesummen, een Deel iwwer d'Awunnerzuel, iwwer d'Populatioun vun Diddeleng an een Deel iwwer de Fonds de dotation globale des communes, iwwer den ICC an iwwer de Fonds pour l'Emploi, deen Deel dréit zum Fonctionnement vum CGDIS bäi.

2019 soll viraussichtlech d'Konventioun ëmgesat ginn, wat d'Bien-meublen an d'Bien-immeublen ugeet, de Moment weess ech, dass déi Konventioun tëschent der Stad Lëtzebuerg an Esch ass, aner zwou Südgemeinde wäerten 2019 gemaach ginn, wou de Relevé muss gemaach ginn tëschent dem CGDIS an der Konventioun, wat de Corollaire ass fir d'Konventioun.

En attendant kréie mir, well mir nach Proprietär si vum Zenter, 250 Euro Loyer de Mount an als

Propriétaire nach vun de bestoenden Akeef an dem Material, wat mir hunn, musse mir natierlech déi ganz Prise en charge maachen, wat d'Frais d'entretien et d'exploitatioun ugeet.

Et ass jo esou, dass d'Gesetz wat gestëmmt gouf, eng Durée virausgesat huet vun 2 Joer fir déi Konventioun ëmzesetzen, respektiv och wat d'Reprise vun deem Personal ugeet, mir sinn also nach Propriétaire a mir mussen nach déi Fraisen iwwerhuele wat Gas, Waasser an Elektresch ugeet. Herno, am Kader vun der Konventioun, gëtt jo déi Dispositioun fonnt fir de Remboursement, mä all déi nei Acquisitiounen, déi de CGDIS mécht, respektiv d'Formatiounen, déi stattfannen, dat leeft elo integral iwwer de CGDIS, esou, dass d'Gemeng Diddeleng an deem Sënn komplett eraus ass.

Ech hat virdrun am Kader vun Innovation Hub och iwwer d'Neischmelz geschwat.

Och d'Neischmelz fënnt am ordinäre wéi och am extraordinäre Beräich nach eng Wichtegkeet niewent der Planung, déi och 2019 weidergefuert gëtt. Mir wäerte weider eng ganz Rei Aktivitéite ronderëm Neischmelz plangen, dat zesumme mam Fonds de Logement, fir an enger transitoirescher Phas de Site ze beliewen, do hu mir e Kredit virgesi vu 25.000 Euro, respektiv och den Aspekt ronderëm d'Biergerbedeelegung.

Wann ech elo op d'Personal nach géif iwwergoen, do hu mir natierlech och an eisem Budget, esou wéi et üblech ass, déi normal Evolutioun vun de Carrièren, respektiv deen Deel wou mir un d'Gesondheetskees musse bezuelen.

Mir hunn natierlech den Impakt 2019 vun der Index-tranche, déi spillt, de Volet Minettsdepp an Nuddelsfabrik an och nei Posten, déi mir 2019 virgesinn, manner wéi déi Jore virdrun an awer do wou et néideg ass, wou mir déi Servicer setzen.

Mir hunn awer och en neie Service, dee mir hei an der Stad Diddeleng grënnen, och dat war Ulooss fir d'Diskussioun, déi mir haten am Kader vum Gemengerot hei ronderëm den Organigramm.

Mir wäerten 2019 e Service psychosocial aféieren, also ronderëm d'Psychologie du travail, ronderëm de Bien-être au travail an ech mengen, dass dat net onwichtig ass fir eis bal 600 Mataarbechter well dat



generell mat der Situatioun vun eise Mataarbechter, wat déi psychologesch-sozial professionell Aspekter sinn, oft zesummenhänkt, an och do wëlle mir kloer als Stad Diddeleng nei Weeër goen.

Duerch d'Reform vun der Fonction publique - fir beim Personal ze bleiwen - duerch déi Transitionen am Secteur public, als éischt staatlech, duerno kommunal, do hutt Dir och deen neien Organigramm, deen hei virun e puer Wochen am Gemengerot virgestallt gouf. Dat war jo vill Aarbecht fir eise Personalbüro an dat ware vill Gespréicher mat eise Mataarbechter, ech woll hei och nach Merci soe fir déi Aarbecht, déi se do gemaach hunn iwwer déi lescht Méint, fir awer och e gudden Iwwerbléck ze kréien iwwer déi Hierarchie an de Fonctionnement vun eiser Administratioun.

Also hu mir do eng Viraarbecht geleescht fir och 2019 prett ze si fir e Schratt méi wäit ze goen an och mat Hëllef vu baussen eng Bestandsopnam ze maache vun eisen Services, eng partizipativ Approche, wéi mir eis Aarbecht als Stad Diddeleng besser kënnen zesummen optiméieren, wéi mir besser schaffe kënnen fir eis Awunner, eis Bierger, punkto Déngschtleeschungen. Mir wëssen, dass eis Bierger ëmmer méi exigent ginn, ëmmer méi Uspréich hunn, mir wëssen awer och, dass Diddeleng weider wisst, dofir gëllt et an deem Kontext fir eis besser opzestelle fir d'Zukunft, fir eng modern a performant Administratioun ze sinn an ze bleiwen.

Et geet net dorëms, Personalofbau ze bedreiwen, dat wëll ech hei präziséieren, mä et geet hei ëm eng Analys, déi mir 2019 wëlle maachen iwwer d'Aarbechtsprozesser hei am Haus, zesumme mat eise Mataarbechter an eben och als zweeten Arbeitsgeber um Territoire vun der Stad Diddeleng, fir eis also do eng ganz Rei Steuerungsinstrumenter ze ginn.

Wann ech elo den ordinären Deel ofschléissen an eriwier ginn op d'extraordinär Recetten, déi ausserordentlech Einnahmen, déi mir hu vu 5,7 Milliounen Euro, dovu sinn e gudden Deel, nämlech 73%, staatlech Subventionen, déi en lien direct si mat den extraordinären Depensen, an do am Fong gemeinsam ze liesen sinn, do kréie mir staatlech Subside vum Logementsministère wat d'Maison des Chercheurs ugeet, déi viraussichtlech am 1. Trimester 2019 fäerdeg wäert ginn, also 9 Appartementer fir Chercheure vun der Uni Lëtzebuerg.

Mir kréie staatlech Subside fir déi zwee Appartementer, déi mir op Lenkeschléi kaf hunn, dat Appartement, wat mir zousätzlech och op Lenkeschléi kafen, och do kréie mir staatlech Subsiden, respektiv awer och par rapport zu dem Sozialprojet ronderëm d'Rue du Commerce, subventionéiert Wunnengen, och do kréie mir e Projet vum Office social, an awer och europäesch Subventionen ronderëm de Shared Space, dat si Fördergelder, déi mir kréien.

Mir kréien awer och, well mir dëst Joer méi virsiichteg waren, vu dass mir déi zwee lescht Joren en décke Montant dran hate par rapport zum Pacte Logement, och do hu mir eng virsiichteg Approche gehat, wou mir ronn 92.000 Euro kréien, wou mir déi Jore virdru bäi méi staarkem Wuesstem iwwer d'Millioun kritt hunn.

Fir d'Taxe d'équipements collectifs gesi mer eng hallef Millioun Euro vir, dann hu mer e Subsid vun 2 Milliounen Euro dragesat, wat d'Bildungshaus Lenkeschléi ugeet, wou ech herno och an den extraordinären Depensé wäert drop agoen, an awer och Subsiden, wat eis Investor a verschidde Schoulgebaier ugeet, och do hu mir e Subsid dragemaach, notamment zu Butschebuerg wou mir d'Schoul frëschgemaach hunn, den Daach, respektiv de Gymnase, och do fënnt een déi néideg Kreditter.

Wann ech elo iwwer ginn op d'extraordinär Depensen, wéi gesot, den Invest vun 26,8 Milliounen Euro, dee mir tätegen, dovunner sinn 11,16 Milliounen Euro nei budgetiséiert Projeten, also gutt 42% an d'Prioritéit läit op Schoul, Structure-d'accueil, Sport, Stadkär a Soziales.

Ronn 26% ginn an de Logement an an den Equipement collectif, also ronderëm de Stroossebau, a 37% an den Enseignement, eis Schoulen.

Ech géif mam Urbanismus ufänken, déi zweet Phas vum Shared Space, den ieweschten Deel vun der Niddeschgaass, dee wäerte mir an Ugrëff huelen, also och do eng weider Etapp vun der Moderniséierung vum Stadkär weider ëmsetzen.

Am März-Aprëll 2019 geet et lass, d'Soumissioun war jo an der Zeitung, an ausgeschriwwen, och am Virfeld gouf eng Aarbechtssëtzung mam Geschäftsverband ofgehalen an och mat de Geschäftsleit fir am Virfeld hir Doleancë mat eranzehuele wou mir och eng



Informationsversammlung wäerte maachen éier de Projet richteg lassgeet.

Hei e wichtige Projet fir Diddeleng, dee mat 1,4 Milliounen Euro am Budget 2019 zu Buch schléit, also wierklech do kloer Akzenter setzt a Schwéierpunkt ass fir d'Joer 2019, well et och e Projet ass, deen am Stadkär op enger nevragescher Plaz stattfënnt, well mir wësse jo wat et heescht wann esou e Chantier am Stadkär ass. Mir wëssen awer och wat et heescht wann de Projet bis fäerdeg ass, wat een do fir Attraktivitéit och huet.

Urbanismus, e Corollaire zesumme mat der Mobilitéit, do wäerte mir sécherlech - och wann et net budgetiséiert ass - déi Diskussiounen weider féiere ronderëm d'Direktzich a ronderëm den Tram.

Ech mengen, dass dat och e Schwéierpunkt 2019 wäert sinn, well och dat en Impakt huet op dat urbanistescht Stadbild an ech mengen, do wäerte mir mam neien an alen Transportminister a mat de Bierger zesummen déi Diskussioun kloer weiderféieren, esou wéi och an anere Projeten, déi eis doriwwer eraus beschäftegen.

Dat ass d'Reform vum PAG, wou mir hei virum 1. oder spéitstens den 1. November 2019 deen éischte Vote hei am Gemengerot mussen huelen, wou d'Aarbechten op Héichtouren lafen, wou eng ganz Rei Avise vu staatelechen Administratiounen erakomm sinn, wou och den Aarbechtsgrupp, wou mir agesat hunn 2019 eng ganz Rei Reuniounen wäert hunn, wou och de Volet vun der Biergerbedeelegung vu virum 2 Joer weider gefouert wäert ginn.

Och do hu mir e Kredit vu 85.000 Euro virgesinn, also och dat wäert d'Stad Diddeleng weider beschäftegen. En Deel vun der Reform vum PAG ass och d'Neischmelz, wou mir d'Hürd ronderëm d'Modification ponctuelle vum PAG geholl hunn, wou déi 4 PAPen am Abrëll 2019 wäerten an d'Prozedur geschéckt ginn, mä wou mir awer och e Kredit virgesinn hu vu 50.000 Euro fir eng Passerell ze renovéieren, déi an engem schlechten Zoustand ass, déi mir 2011 opgemaach hunn an déi d'Verbindung soll duerstellen tëschent dem Quartier Schmelz an dem Quartier Italien. Och dee Kredit wäert duerch zwee gedeelt ginn, well vum Fonds de logement och schonns 50% initial virgesi war, an dee 50% effektiv vun de Fraise wäert iwwerhuelen, well wann déi Passerell der Witterung

ausgesat ass, do sinn eng ganz Rei Punkten, déi musse frësch gemaach ginn.

Mir hunn och eng Rei Etüde virgesi fir d'Reseauen op engem Gemengenterrain wou 3 Projeten entstinn, 2 konkret Projeten, dat ass den Terrain ronderëm d'Société agricole, ronderëm d'Fleegestatioun a ronderëm den Déierenasyl.

Wa mir 2 vun deenen 3 Projeten ëmsetzen, déi natierlech technesch immens schwierig sinn, musse mir natierlech och eng Analys maachen iwwer d'Reseauen an och d'Reseauen ëmsetzen, respektiv déi Installatiounen maachen.

D'Fleegestatioun, wou jo am Fong Natur & Ëmwelt Bauhär ass, dat ass en nationale Projet, deen och seng Nidderschrëft fonnt huet, respektiv hu mer d'Déierenasyl, wou jo d'Gemeng Bauhär ass, do sinn och Etüde virgesinn, do musse mir Etüde vun de Reseauen virhuelen, well jo do Veterinäre kommen, well do Medikamenter gehandhaabt ginn, well mat Déiere gehandhaabt gëtt, déi och vläicht stierwen, also wéi gesot eng ganz Rei Reseausaarbechte musse stattfannen an dofir mussen och eng ganz Rei Budgete fir Etüde virgesi ginn.

Dann awer och mëttel- a längerfristeg, wa mir solle kucken, wéi Diddeleng sech soll weiterentwéckelen, ronderëm de Volet Schoul, Maison Relais, Sport, eng Strategie Diddeleng 2025, wa mir engersäits wëssen, dass Diddeleng sech weider wäert entwéckelen, notament och am Kader vun der Reform vum PAG, wa mir wëssen, dass mir hei am Gemengerot eng Rei PAPe gestëmmt hunn, wou nei Awunner sech wäerten usidelen, wann dee PAP ëmgesat gëtt, wësse mir, dass dat natierlech an deenen Quartieren en Impakt huet op eis Schoulen, op eis Structure-d'accueil, op eis Sportsinfrastrukturen, ob dat déi generell Sportsinfrastrukture sinn oder ob dat Gymnase sinn.

An do gëllt et ze kucken, wéi mir och strategesch wëlle virgoen, an dofir hu mir och deen néidege Kredit agesat fir déi Strategie ëmzesetzen, also et ass eng Planungsstrategie fir dat ze maachen an e bësse schonn an där Optik hu mir en éischte Kredit virgesi fir d'Maison Relais Ribeschpont, 1,5 Milliounen Euro, wou mir op engem Gemengenterrain beim Ribeschpont, wou mir jo Reserve vun Terrainen hunn, wäerten eng Struktur hisetzen, déi viraussichtlech



fir d'Rentrée 2020 soll fäerdeg sinn, also sech iwwer 2 Budgetsjore wäert zéien. Dëst also e Projet, wou mir dëst Joer 1,5 Milliounen Euro drasetzen.

En anere Projet, deen zu Buch schléit, dat ass d'Bildungshaus Lenkeschléi, wou 8,7 Milliounen Euro dëst Joer am Budget ageschriwwen sinn, d'Baugenehmigung ass esou gutt wéi prett, d'Autorisatione sinn esou gutt ewéi prett, esou, dass et ufanks nächst Joer ka lass goen.

Wa mir weider an deem Beräich bleiwen, d'Crèche am Quartier Italien, do geet et gutt virun, 1,4 Milliounen Euro hu mir am Budget drastoen, et ass e Projet, wou d'Gemeng 100% vun den Infrastrukturkäschten iwwerhëlt an duerno de Staat 100% vun den Personalkäschten.

Weiderhin hu mir e Kredit ronderëm den Campus Strutzbiereg, wat de Gymnas an d'Schwämm ugeet.

Dann hu mer och e Kredit virgesinn, wat eis Gemeindegessamter ugeet, engersäits d'Gemengentelieren, déi éischt Phas, mir brauchen nei Raim, well mir an eise Regiebetriber aus allen Néite platzen, well et keng Plaz méi gëtt, an och do hu mir en Terrain, dee fräisteet als Reserve, an do hu mir an enger éischter Phase gutt 850.000 Euro dragesat fir dee Projet ëmzesetzen. Dat wéi gesot an der Lëtzebuerger Strooss, beim Laboratoire.

An och hei am Gemengenhaas, wa mir engersäits viru gutt zwee Joer d'Annex ronderëm dat fréiert Policegebai an Ugrëff geholl hunn, fir et an Zesummenaarbecht mat Sites et Monuments ze renovéieren, esou wäerte mir eis och fir dat anert Gebai, dat och um Inventaire supplémentaire ass, eis fréier Pompejeskasär, wou am Moment och eng Rei Servicer drassinn, eng Rei Etüde ginn, fir ze kucken wéi mir dat Gebai mat Sites et Monuments zesumme kënnen ëm-disponéieren fir do Bürosraim ze maachen, nodeems mir elo mol schonns den Dach frëschmaachen, déi Aarbechte sinn amgaang, an och dat an Zesummenaarbecht mat Sites et Monuments.

Dann awer och nach weider hei am Haus selwer wäerte mir iwwer dem Festsall oder am Festsall eng Rei Renovéierungsarbechte maache.

Um, respektiv iwwer dem Festsall wäerte mir och en neie Plafong maachen, wéi och bäi de Bürosraim, dat

kascht eng hallef Millioun Euro, an dat sinn Aarbechten, déi no den Europawale wäerte stattfannen, well mir bis dato och deen dote Sall wäerte brauchen.

Fir bäi de Gemeindegessamter ze bleiwen, wa mir virun d'Gemengenhaas ginn, de Buer, do wäerte mir och eng Aktioun starten, wou mir eng Skulptur vum Armand Strainchamps hisetzen, also och an déi Richtung gi vu Konscht am öffentleche Raum.

Dat ass e Projet vu 75.000 Euro an de "Biker" ass eng Uspilling op de Vëlofuerer, also déi industriell Zäit vun Diddeleng, déi mir modern a kënschtleresch opschaffen.

Wat bäi eise Sportsinfrastrukturen, déi mir op de Leescht huelen, erausstécht, dat sinn d'Renovationsaarbechten an der oppener Schwämm, déi mir weiderféieren ronderëm de groussen Baseng an d'Vestiairen. Déi hunn e ganz nostalgischen Touch, dat ka ganz flott sinn, mir wëssen awer, dass mir do net méi zäitgeméis sinn. Och do hu mir 1,1 Milliounen Euro virgesinn, fir déi Aarbechten ze maachen.

Dann de Fierpark vun der Gemeng, fir dee mir 715.000 Euro virgesinn hunn, doraus hieft sech awer en neie Müllwon ervir, dee mir brauchen, deen och am Alldag an den Asaz wäert kommen, well och do ganz vill Reparaturaarbechte un deene bestoenden Ween sinn. Mir plangen 250.000 Euro a fir déi Déngschtleeschung oprechtzëerhalen.

An och en neie Schoulbus, dee mir musse kafen, fir 350.000 Euro. Dir kënnt lech erënneren, dass mir de Moment, vu, dass mir ee Schoulbus hunn, deen net méi funktionéiert, jo een ausléinen, an dofir Locatioun bezuelen. D'Iddi ass eben, dass mir och ee kafen, fir dass mir Proprietär si vun zwee Schoulbusser, fir dann do e weideren Transport kënnen ze assuréieren. Nei Weeër wëlle mir awer och goen um Niveau vun der Economie circulaire, do hu mir e Kredit virgesi fir eng Etüd ze maache fir dat Gebai an der Beetebuergerstrooss, ronderëm Gaart an Heem, wat am Fong sanéierungsbedürfteg an a kengem gudden Zoustand ass. Dat wëlle mir ofrappen an do en neien Hall polyvalent bauen, respektiv och Versammlungsraim, awer am Kader vun der Economie circulaire, also Raim, déi modulabel sinn, am Holzbau.

Dat maache mir zesumme mat Luxinnovation a mam Wirtschaftsministère, déi den Know-how hunn, well





déi och am Cluster-Beräich ganz innovativ sinn, wou mir och schonn eng ganz Rei Sitzungen esouwuel mat de staatlechen Acteuren ewéi och mat de Veräiner hate fir déi Weeër ze goen.

D'Conclusioun also vun dësem Budget: Et ass e Budget, dee weider Diddeleng de Stempel gëtt vun der Moderniséierung, et ass also e Budget, dee probéiert d'Attraktivitéit an d'Liewensqualitéit vun Diddeleng ze wahren, an Dir wäert dat herno och nach gesinn, wann d'Kollegen aus dem Schäfferot op déi verschidde Ressorten an eenzel Projeten aginn.

Et ass op alle Fall e Budget, wou d'Gemegefinanze ganz gesond sinn.

An et ass och e Budget, deen de Familljen an der sozialer Kohäsioun zegutt kënnt a wou och quasi an all Quartier e Projet ëmgesat gëtt, eis Quartieren, déi zesummen zu der staarker Identitéit vun der Stad Diddeleng bäi droen, also e Budget, dee fir Diddeleng weider zukunftsorientéiert bleift.

Ech soen lech Merci, ech hu probéiert, en Iwwerschlag ze maache vun deene Projeten, déi mech concernéieren an ech géif dann elo hei d'Wuert weider ginn un de Loris Spina.

**Loris Spina (LSAP - Schäffen):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen aus dem Schäfferot a Gemengerot, och vu menger Säit aus dem Pascal Poull an der ganzer Comptabilitéit e grouse Merci, wéi awer och deenen eenzele Servicer, wou ech zoustänneg sinn, fir d'Zesummesetze vun dësem dach ganz komplexe Bichelchen, dat mir de Moien an de Mëtten hei virleien hu fir ze diskutéieren.

Ech fänken u mam Sport, als Europäesch Town of Sports 2019 si mir natierlech ganz houfreg, dass mir dee Präis als Diddelenger kritt hunn, d'Diddelenger, dat sinn alleguerten déi concernéiert Sportsveräiner, Leit, déi fräiwëlleg an deene Veräiner aktiv sinn, wéi dann och d'Sportler an d'Sportlerinnen an dann awer och d'Gemeng.

Ech wëll dann och direkt dovunner profitéiere fir drun ze erënneren, dass de Fairplay am Sport groussgeschriwwe gëtt. Fairplay ënner den Sportler, mam Géigner awer och ënner de Veräiner, ënner deenen eenzele verschiddene Sportarten awer och gesi vun enger Gemengeninstanz an do soll een awer net ee

Sport géint deen aneren ausspiller, esou wéi een dat an der Vergaangenheet an der enger oder anerer Press konnt liesen, dat gehéiert net dozou.

Fairplay gëtt hei zu Diddeleng och groussgeschriwwe an dat war och en Atout firwat mer do an deem Bid Book esou gutt ewechkomm sinn, wéi awer och, dass mir eng Panoplie vu Sportarten ubidde fir de Kompetitiouns- an och de Fräizäitberäich, fir all Diddelenger.

Jee, dat heiten ass eng weider Motivatioun fir eis alleguerten, fir an dësem Beräich hei weider Gas ze ginn.

Wat och flott do erauskomm ass, dat ass dee logistesche Beräich, wou mir als Gemeng de Veräiner zur Verfügung stellen, wat relativ oft onkomplizéiert ass aus hiren Aen awer och den Dialog, dee mir permanent iwwer eisen Service des Sports mat den Veräiner hunn.

Dat ass e participative Prozess wéi a ville Beräicher hei zu Diddeleng, wou Verbesserungsvorschläi an d'Ëmsetzung an d'Begleitung mat deenen eenzele Concernéierte gemaach gëtt fir, dass si kënnen hir Kompetitioun optimal virbereeden, respektiv och hir Trainingsen an Eventer ëmsetzen.

Wourop baséieren eis Standbeen hei zu Diddeleng am Sport? Dat ass ganz kloer Sport fir jiddereen, Sport fir eis Gesellschaft an eis Stad, Veräinslieden, de Kompetitiounssport, de Fräizäitsport, d'Infrastrukturen, d'Manifestatiounen, alles dat dréit dozou bäi, punkto Integratioun an Inclusioun, an dat esouwuel um kompetitiven Niveau wéi awer och am Fräizäitberäich.

E puer Statistike wëll ech awer och net virethalen. Dir wësst, mir haten en Sensationellen Summer, dat huet een och bäi eisen Entréeën an der oppener Schwämm gesinn, dëst Joer hate mir der 43.000, dat ass de Public an d'Maison Relaisen an och d'Schoulen, dat si ronn 19.000 Entréeë méi wéi d'Joer virdrun.

An der zouener Schwämm am Centre sportif Hartmann hate mir 46.000 Entréeën, do ass den Public, wéi verschidde Coursen, d'Maison Relaisen an d'Ecole fondamentale an de Lycée, deen dobäi ze zielen ass. Eppes wat ech ëmmer erëm impressionnant fannen, iwwer 11.000 Stonne Sport sinn dëst Joer am Hartmann vun deenen eenzele Acteure gemaach ginn, dat ass e Chiffer, deen ech ëmmer erëm impressionnant fannen an erëm frou sinn, hei ze presentéieren.





Sport geet bäi deene Klengsten un, dofir sinn ech och frou, dass mir nach ëmmer eng aktiv LASEP-Sektioun hunn, do well ech der Coordinatrice, dem Claudine Goergen, villmools Merci soen. Sechsmol d'Woch gëtt hei zu Diddeleng e LASEP-Cours ugebueden an si maachen och 2019 aacht aussergewöhnlech Aktivitéiten ausserhalb vun Diddeleng, dëst Joer si mir frou fir 185 Kanner, déi sech do ageschriwwen hunn.

Am Budget fannt Dir och d'Sportskommissioun erëm, wéi och d'Sportleréierung. Dir kënnt lech erënnere, viru kuerzem hate mir nach de flotten Event Opderschmelz mat 338 Laureaten a 17 verschidde Veräiner, déi do zu Éiere komm sinn.

Am extraordinäre Budget fannt Dir och eng ganz Rei Akzenter am Sport erëm. En neie Projet vun 80.000 Euro fannt Dir do erëm, de Padel, dat ass eng nei Sportaart, déi Spuenier an Europa matbruecht hunn an et ass e bëssen tëschent dem Squash an dem Tennis, wou d'Mauern och kënne matgenotzt ginn als Spillfeld, et spillt een dann am Double.

Wou kënnt dat hin? Mir hate geduecht fir et am Kennedy ze installéieren, éischters hu mir et dann an enger Infrastruktur, wou mir e bëssen e Concierge ronderëm hunn, an awer och d'Proximitéit zum Tennis, well mir awer dovunner ausginn, dass déi zwou Sportarten sech awer gläichen, an do sinn eng Rei vu Leit, déi Tennis spillen a gspillt hunn, déi dann och emol probéieren, dat doten ze maachen, sou, dass mir och do e fléissenden Iwwergang wäerten hunn.

Wat hu mir nach am extraordinäre Budget? Den F91 gëtt weiderhin ënnerstëtzt an et ass – Neen - natierlech kee Stadion an eisem Budget mat dran, firwat soll et och? Et war net esou ofgemaach a mir halen do eisen Timing fest. Natierlech, esou wéi dat och am Dialog mam Veräin déi lescht Méint a Jore war, ass nach weider Instandsetzung vum Nosbaum an 20.000 Euro ginn do an Tribünen a Vestiairen investéiert fir e gewëssene Komfort ze gewährleeschten, an awer och eng Sprinkleranlag an do si mir frou, well dat wäert engersäits d'Qualitéit vum Wuess verbessern an awer och den Entretien vum Wues duerch eis Leit vereinfachen, esou, dass dat e ganz interessanten Invest ass.

Ouni op déi eenzel Chifferen anzegoen, mir kréien eng nei Auer fir de Basketball, de Filet de protection

am Basketball am Hartman, de Billard kritt nei Dëscher, eng Nacelle brauche mer, fir nëmmen déi ze nennen, a wéi och de Buergermeeschter et gesot huet, e gréisseren Invest an der oppener Schwämm, d'Instandsetzung vum groussen Baseng, dee ganzen Vestiairentrakt gëtt nei gemaach, och d'Entrée gëtt nei gestalt, do hu mir 1,15 Milliounen Euro virgesinn an awer och 400.000 Euro um Campus, um Site vum Strutzbierg muss do investéiert ginn.

Weiderhi si mir awer och nach eng Kulturstad hei zu Diddeleng. Jo, et ass de leschte Budget, deen ech dann och mam Danièle Igniti konnt maachen, e Budget, dee seng Handschrëft dréit, awer och dat wat Diddeleng ausmécht punkto Konzept a Strategie an der Kultur, dat sinn u sech déi Punkten, déi de Ministère och iwwerholl huet, wann et dorëms geet am Kader vun den Konventiounen déi verschidde kulturschaffend Institutiounen ze subsidéieren, do fanne mir praktesch eent zu eent dat erëm, wat Diddeleng ënnert der Leedung vum Danièle Igniti a senger Equipe iwwer déi Joren ëmgesat huet, sou, dass ee weiderhi ka soen, dass mir do e Muster-schüler sinn.

Wat sinn elo déi Pilieren?

D'Kultur hei zu Diddeleng ass zougänglech fir jidder-een. Egal aus wéi engem sozio-kulturellen Hannergrond ech kommen oder wéi enger Generatioun ech ugehéieren, d'Kultur zu Diddeleng heescht héichqualitativ Animatiounen, Eventer, wou ugebuede ginn.

Mir bidden eng Plattform fir Lëtzebuerger Kënschtler, et ass eng breet Diversitéit, déi ugebuede gëtt, a mir hunn eis awer och ganz kloer positionéiert an der Nischeprogrammatioun vum Jazz.

Wat eis och auszeechent, ass eng ganz agreabel a familiär Atmosphär fir de Public a fir d'Kënschtler, déi an deem Reseau mat drunhänken. Och wann et eng Equippenaarbecht ass, wëll ech dovunner profitéiere fir dem Danièle Igniti och vu menger Säit aus a vum Gemengerot Merci ze soe fir säin Asaz, hat huet ganz kloer d'Kulturlandschaft hei zu Diddeleng dynamiséiert, gepräagt a mat beaflosst, dat awer net nëmmen hei zu Diddeleng, mä och d'Lëtzebuerger Land konnt dovunner kulturell profitéieren. Et ass eng exzellent Basis fir de Kulturfändel weiderhin héichzehalen an ech sinn iwwerzeegt, dass den Nofolger-equippe dat wäert esou maachen.



Fir, dass dat méiglech ass, gesi mir an eisem Budget eng Rei vu Punkte vir.

De Plan de développement culturel gëtt weider ausgeschafft mat 20.000 Euro.

2022 steet virun der Dier, do muss dru geschafft ginn, do fanne mir 100.000 Euro am Budget erëm, niewent dem Bid Book, wou ganz vill Elementer dra waren, wéi dat herno kéint konkret ausgesinn. Mir hunn och elo Entrevuë mat deenen eenzele Partner, déi hei zu Diddeleng aktiv sinn an do konnt jidderee seng Iddie virdroen an do gëtt gemeinsam e flotte Programm entstoën, fir, dass Diddeleng och do zu sengem kënnt.

D'Kulturkommissioun, déi eng nei Dynamik ënner dem Martine Bodry-Kohn fonnt huet, ass natierlech och am Budget mat dran an hat wäert do drop agoen, wat do an nächster Zukunft op eis duerkënnt. Ob jiddefalls Merci Martine fir d'äin Asaz an och - wéi ech mir soe gelooss hunn - déi gutt Ambiance déi do herrscht, dat ass wichteg.

Wat gëtt alles ënner anerem ugebueden Opderschmelz an an der Kultur zu Diddeleng?

Natierlech ass den Highlight ronderëm de Centenaire vum Dominique Lang, do wäerte mol eng Rei vu Leit mierken, dass do méi hannendrun ass wéi Stroossen-nimm oder den Numm vun enger Galerie.

Wie war dee Kënschtler, wie war den Dominique Lang? Wat hu seng Wierker duergestallt, wéi war seng Evolution, wat ass a senger Technik erëmzëerkennen an awer och wat war Diddeleng zu der Zäit vun der Belle Époque, respektiv am Éischte Weltkrich?

Et ass d'ëscht e Projet, dee ganz vill spannend Facettë kann opmaachen.

Jo, an och 2019 an duerno wäerten eis Galerien hei zu Diddeleng weider funktionéieren, dat gesitt Dir och am Budget mat deene 85.000 Euro.

Eventer ginn natierlech ronderëm d'Kultur nach weider ugebueden hei zu Diddeleng: Zeltik, Fête de la Musique, We love Girls, Like a Jazzmachine, Concerten, World, Rock, Blues, Singer and Songwriter, klassesch Musek dierf net feelen, mir hu schonns 4 Residenze geplangt, Theater, Cabaret eis Harmonien

wäerten do kënnen optrieden, d'Museksschoul ass e bewäerte Partner an awer och Plaz fir Konferenzen, och dat wäert Opderschmelz méiglech sinn, et geet an deem Rhythmus weider.

D'lescht Joer hate mir 57% vun de méiglechen Deeg wou d'Säll occupéiert waren, also méi all zweeten Dag war do konkret eng lass gewiescht.

Net ze vergiessen, dass mir als Kulturschaffend och der Lëtzebuerger Economie gutt dinn, wa mir notament iwwer den Horesca, d'Hôtellerie, de Catering, ronderëm d'Kommunikatioun awer och alles wat ronderëm esou e Spektakel, iwwer d'Dekoratioun, d'Schneiderei oder Ähnlech ufält, do profitéiert och ëmmer d'Lëtzebuerger Economie, also et ass net esou, dass d'Kultur iergendeppes kascht, mä niewent deem wat gebuede gëtt, bréngt et och der Lëtzebuerger Economie ganz vill.

Mir hunn natierlech eng zukunftsorientéiert Approche, mir schaffe ganz vill mat de Schoulen zesummen, sief dat mat den Ecole-fondamentalen, wéi awer och mat eisem Lycée, d'Jugendhaus hat de Projet Ensemble, si waren och do de bewäerte Partner.

Et soll ee fréi ufänke fir, dass herno e kulturinteresséierten Erwuessenen erauskënnt, dee keng Angscht huet, eppes Neies ze entdecken. Mir sinn och Partner am Kulturpass, souwisou hu mir jo - wéi och schonns virdrun erwäant - ëmmer ganz ganz fair a sozial Präisser.

An den Dépenses extraordinaires muss natierlech weider an dat Gebai investéiert ginn. Luuchten, Moving lights, Beamer, GTC, also eng Schaltzentral fir eis Energie ass och fir d'nächst Joer virgesinn.

E weidere Partner op eisem Diddelenger Territoire ass den CDMH, wou mir och erëm déi bewäerte 40.000 Euro erëmfannen. Wat maachen si d'nächst Joer? Majo, ënner anerem maachen si en internationalen Colloque ronderëm Mapping the Nation, wou och do - wéi schonns ugeschwat - eng Kollaboratioun mat der Uni Lëtzebuerg ugesat ass, awer och den C2DH, wou neierdäns an d'Welt geruff ginn ass an e ganz dynameschen Aarbechtsgrupp ass, an dat soll am Juni stattfannen Opderschmelz mat 80 Chercheuren, wou Sujete vun Nationalismus bis Nation branding ugeschwat ginn.



Innovativ ass och de Projet ronderëm d'Immigratioun aus Rumänien. Dat ass e ganz flotten, dynameschen Prozess, wou awer bis elo wéineg analyséiert a presentéiert gouf a wéi ëmmer bäi esou Projekte gëllt et, de Sujet an d'Expoen, déi do presentéiert ginn, an e lokale Kontext ze setze fir do Verbindungen hierzestellen a Synergien ze fannen.

Och si sinn natierlech bäi 2022 dobäi awer och beim Centenaire vum Dominique Lang.

Wat den Atelier D ugeet, si mir och frou, dass deen hei zu Diddeleng am Hall Fondouq bleift. 20.000 Euro sinn do erëm virgesinn an si wäerten do an där Philosophie weiderfueren, dass se engersäits artistesch a kulturell ronderëm de Patrimoine sidérurgique, dee mir hei zu Diddeleng hunn, Aktivitéiten a Workshops ubidden an awer och d'Photographie ass ëmmer erëm e grousst Thema an awer och gemittlecht Zesummesinn dierf do 2019 net feelen.

E weideren Acteur hei an der Kulturlandschaft zu Diddeleng ass eis regional Bibliothék, do waarden 33.500 Titelen op lech, also fir jiddereen ass do eppes dobäi, et ass eng ganz motivéiert a kompetent Equipe, déi lech do empfängt an enger ganz offener a frëndlecher Bibliothék.

Et ass definitiv eng Success Story, bis Mëtt November hate mir scho méi wéi 9.300 Visiteuren, ronn 300 Emprunte pro Mount, an eng Moyenne vu 37 nei Inscriptiounen an dësem Joer, wat wierklech fir sech schwätzt.

Weiderhi si mir och Partner am Pilotprojet E-Books an iwwer d'Konventioun vum Staat kréie mir och ronn 65.000 Euro. Ganz flott an dat wäert och d'nächst Joer nach weider Bestand hunn, dat sinn déi Workshops fir a mat Kanner, ronderëm d'Buch, ronderëm d'Liesungen, déi samschdes moies do wäerte stattfannen.

E fléissenden Iwwergang zu deem nächsten Beräich ass eise Waasser-Syndikat, den SES, wou ech d'Diddelenger Gemeng dierf vertrieeden.

Do ass de Budget eestëmmeg vum Comité ugeholl ginn. Et muss een och soen, dass 90% vun deem Budget sech praktesch vum selwen opsetzen, well et aus de Chiffere vum SEBES zesummesetzt an de Rescht vun deenen 90% si Personalkäschten an

souzesoen déi 10%, déi iwwereg bleiwen, ginn dofir genotzt fir eis Reseauen a Quellen engersäits a Stand ze setze an anerersäits och esou ze versueren, dass, d'Qualitéit an d'Sécherheet oprecht erhale bleiwen.

Zum Schluss ass beim Budget erauskomm, dass 1,24 Euro pro Kubikmeter Waasser de Gemenge verrechent soll ginn.

Da wiere mir bäi de Fester, Mäert, Kiermes a Manifestatiounen, dat ass niewent dem Sport an der Kultur e ganz wichtege Pilier an eiser sozialer Kohäsion hei zu Diddeleng an awer och fir d'Wuelbefanne vun den Diddelenger an awer och de Visiteuren.

Eis Manifestatiounen si grondsätzlech en Erfolleg, ganz beléift an déi komme prinzipiell och ganz gutt un. Den Highlight ass natierlech d'Fête de la Musique, wou mir als Diddelenger vun Ufank un ëmmer dobäi waren.

De Summer, Spill a Spaass, do hoffe mir, dass deen erëm d'nächst Joer an der Le'h wäert stattfannen.

Eise Chrëschtmaart, deen am Moment stattfënnt, ass liicht an d'Luucht gaangen op 110.000 Euro. Mir haten an engem vun de leschte Gemengeréit jo schonns geschwat firwat do eng Hausse néideg war.

Elo ass nach de Volet Kannerkiermes am Duerf dobäi komm, respektiv awer och hutt Dir scho gemierkt, dass d'Bühn hei virun der Dier iwwerdaacht ass an och d'Signaletik verbessert ginn ass. Dat erkläert am Fong déi zweet Hausse an deem Budgetsposten.

Dudelage on Wheels ass erëm 2019, mir haten e Joer Paus gemaach fir sech och e bëssen ze iwwerleeën, wéi dat kéint weidergoen. Do hu mir elo eng Hausse am Budget virgesi vun 20.000 Euro. Et gëtt e bësse méi grouss opgezunn, si probéieren och do esou e kleng Food Village mat ze integréieren, awer och de Streetball soll eng Renaissance fannen, well jo och do en Terrain ass.

Dat kléngt op jiddwer Fall ganz flott fir 2019.

Et muss ee grondsätzlech feststellen, dass bäi de Fester a Manifestatiounen de Budget vun der Kommunikatioun ëmmer méi wichteg gëtt, dat gëtt och ëmmer méi deier. Kommunikatioun ass eng



Branche, déi boomt, dat kann een esou festhalen, awer och alles ronderëm d'Securitéit gëtt ëmmer méi deier, esou, dass ee wierklech oppasse muss ob een nach genuch Suen huet fir d'Artisten an de Spektakel selwer. Also dat ass wierklech net méi einfach ginn.

Biergerbedeelegung, Participatioun ass zu Diddeleng groussgeschriwwen, systematesch gëtt dat mat agezunn, d'Reform vum PAG Neischmelz ass ugeschwat ginn awer och aner méi kleng a konkret Projekte wéi de Chrëschtmaart oder och Dudelage on Wheels gëtt zesumme mat deene verschiddenen Acteuren duerchdiskutéiert an ëmgesat, esou wéi mir dat och virdru schonn am Sportberäich haten.

Ganz wichteg Acteure sinn do och eis verschidden Comitéen, déi mir an de Quartieren hunn, déi mir reegelméisseg begéinen a wou mir och an hire Quartier gi fir d'Liewensqualitéit ze verbesseren.

Geziilt schaffe mir och do un engem Konzept fir nach méi Biergerbedeelegung ze maachen, fir do e bësse méi eng grouss Dynamik an dem participativen Biergerbedeelegungsprozess eranzekréien, mir loossen eis awer och do vun Experte begleet well et ass awer ëmmer nach e bëssen Neiland fir eis engersäits fir d'Gemeng an d'Politiker awer och fir deen eenzelen Bierger.

Wat sinn déi eenzel Pisten, déi mer do wëllen ugoen?

Ma mir wëllen e Biergerrot aberuffen, wou e Panel vun 20- 30 Leit zu verschidden Themaen soll Stellung huelen, "Dudelage Demain", also "Diddeleng muar", e weidere Panel mat ongeféier 250 Leit, et wier flott wa mir déi hätten, déi dann zu engem gewëssenen Thema eng Rei vun Informatiounen kréien, dass se kënnen herno an engem Questionnaire hir Stellungnam dozou kënnen huelen an an enger nächster Phas wier et flott wa mir do eng Platteforme électronique kéinten opbauen, wou de Bierger och do kann zu Wuert kommen, a firwat och net do mëttelfristeg an engem Budget participativ mam Bierger diskutéieren.

Fir, dass dat herno bäi Erwuessene klappt, musse mir jonk domadder ufänken, dofir hu mir och mam Kannergemengerot an de Jugendgemengerot, nach weider Initiativen déi mir do maachen. Ech wëll lech awer och net virethalen, dass déi Konzepter nach ëmmer flott sinn, nach ass et schwéier, Leit an Encadranten ze fannen, déi do matmaachen an dofir

och Merci deene Leit, déi sech do engagéiere well ouni déi kéint een dat net ëmsetzen.

Voilà, elo hu Dir et bal gepackt. Also, fir déi, déi elo gutt nogelauschtert hunn, sinn ech iwwerzeegt, dass se dëse Budget dann och matstëmme wäerten, well e steet fir eng héich Liewensqualitéit, Familljen a Kanner fannen hei alles wat se brauchen, all Generatiounen wäerten hei an Zukunft zefriddestallt ginn, Integratioun gëtt ganz grouss geschriwwen, eis Infrastructure sinn op engem héije Standard, mir lauschteren de Leit no a setzen e Projet konkret ëm, zesumme fir Diddeleng. Zu Diddeleng kann een sech beweegen, et kann ee Sport maachen, et kann een sech gutt doen, et kann een sech ameséieren, et kann ee vill Leit begéinen an et kann een sech kulturell verwinne loossen. Deemno hu mir hei all d'Ingredienten, déi mir brauche fir weiderhin eng flott, traditionsbewosst, dynamesch a lieweg Stad sinn. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dem Loris Spina fir seng Presentatioun an da ginn ech d'Wuert weider un de René Manderscheid.

**René Manderscheid (LSAP – Schäffen):** Merci Här Buergermeeschter, ech fänken dann traditionsgeméis mat mengem soziale Ressort un, d'Affairesociale, d'Vie sociale, d'Zesummeliewen, Dir wësst Solidaritéit ass hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert. D'Gemeng Diddeleng wäert och weiderhin seng Verantwortung droen an iwwerhuelen. Mir hunn hei am soziale Beräich 4 Pilieren, den Office social, de Service Emploi, eise CIGL an eise Service à l'égalité des chances et à la non-discrimination.

Aarmut hei zu Lëtzebuerg ass alles eng Saach vun der Definitioun.

D'Aarmutsrisiko ass säit der ekonomescher Kris 2008 konstant gewuess a läit elo, Stand op haut, bei 18,7% vun der Lëtzeburger Bevëlkerung.

Besonnenes säit 2011 ass e rasanten Trend no uewen ze verzechnen, dat heescht ëmmer méi Leit lafe Gefor an d'Aarmut ofzerutschen. Waren 2011 nach 13,6 % vun der Lëtzeburger Bevëlkerung an deem Fall si mir haut bei 18,7%.

Wat Aarmut ass, mengt all Mensch ze wësse mä eng exakt Definitioun ass schwéier ze maachen. Dee Begrëff léisst sech just subjektiv deiten, dat heescht





all Mënsch versteet eppes anescht ënner deem Begrëff. Dobäi muss een oppassen, dass d'Aarmut sech jee no Gesellschaftsform, sozialer Roll a Geschlecht funktionéiert.

Ouni déi staatlech Zouwennungen, wéi déi sozial Transferten, dat heescht d'Allocation-familialen, den RMG – wat geschwé REVIS heesche wäert- de Chômage an esou weider, wieren nach méi Leit hei vun der Aarmut beträff. Aarbechtslosegkeet, en Unfall, héich Loyerer, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat sinn Ursaachen, wou d'Leit eisen Office social mussen opsiche kommen. Den Office social, do ginn ech net an den Detail haut de Moien hei an, duerno um Ordre du jour hu mir nach den Aktivitéitsbericht an de Budget, do gi mer méi spéit drop an, duerfir wëll ech dat elo hei ausklammern.

Zum Office social gehéiert awer och eis Cellule Logement. Dir wësst, déi prekär Situatioun um sougenannte fräien Wunnengsmaart, ass bekannt. Fir vill Leit sinn d'Loyerer net nëmmen ze héich mä d'Offer u Wunnengen ass dürfteg. Dofir bedreiwe mir als Gemeng Diddeleng eng aktiv Wunnengsbaupolitik. Zur Zäit hu mir 33 Logementer zur Verfügung a wann ech soe Logementer, mengen ech Appartementer, Haiser an och Chambre-meubléeën, déi mir de Leit kënnen zur Verfügung stellen.

2019 si virgesinn, nach eemol en Akaf vun engem Appartement op Lenkeschléi, mir hunn am Budget stoen d'Renovatioun, respektiv den Neibau vun 37/39 rue du Commerce, do ass déi éischt Tranche vun 500.000 Euro am Budget virgesinn, do kommen herno 3 Appartementer, respektiv 10 Chambre-meubléeën hin, a mir hunn och schonns mat den Oeuvres paroissiales eng Diskussioun gehat, wou mir bäi hirem neie Projet vum Veräinshaus wäerte matschaffen. Dat heescht, do hu mir och Appartementer a Chambre-meubléeë wëlles ze loune fir déi dann an Zukunft weiderzeverlounen.

Eis Cellule Logement besteet zur Zäit aus 2 Mitarbeiter, Carole Wagner an Tamara Cozzi. Niewent de Wunnengen ass och d'Betreiung wichteg. Et muss ee wëssen, wa mir Leit an déi Wunnenge setzen - an d'Leit, déi am Office social schaffen, wëssen dat - wa mir Leit an deene Wunnengen hunn, et geet net nëmmen duer, dass se do wunnen, mä si müssen betreit ginn. A wann ech soen betreit ginn, da geet dat u bäi der finanzieller Gestéiung, an zweetens, och

am Stot musse mir do aktiv mathëllefen, besonnesch d'Aarbechten am Haushalt, d'Propretéit, d'Hygiène de vie, dat sinn alles Saachen, bäi deene mir hinnen hëllefe mussen. Dat ass net alles esou evident, dat ass ganz vill Aarbecht an an Zukunft féiert kee Wee derlaanscht, dass mir déi Cellule Logement als Service Logement wäerte kreéieren, also ab 2020 musse mir déi Cellule anescht organiséieren.

Da wëll ech nach e Wuert zu eiser Matinée Logement soen, déi mir dëst Joer vir d'éischt am Centre Culturel organiséiert hunn, déi hat e ganz grouse Succès a mir hunn och wëlles, déi all 2 Joer do ze organiséieren.

Dann, net ze vergiessen, eis Cellule de Contrôle logement, dat heescht, wou mer eis Cafészëmmere kontrolléiere ginn, och déi Cellule ass all Mount um Dill an déi gi reegelméisseg kontrolléieren, dass do d'Hygiène an och d'Konditiounen, wéi ee wunnt, an der Rei sinn.

D'Zesummenaarbecht vum Office social mat ganz ville Partneren, ech hunn der just e puer erausgepickt, d'ALS, d'Croix Rouge, Jugend an Drogenhëllef, de Surendettement, de LISKO, Profamilia, Cent Buttek a Fréisenger Kleederschaf, alles dat si Veräiner an Organisatiounen, mat deene mir enk zesummeschaffe fir eise Leit dobaussen ze hëllefen.

An dann zum Schluss, am Budget ass et och virgesinn, do hu mer wëlles, an dat mécht den Office social, e Chargé de direction an Hallefzäit anstellen, dat heescht dee Chargé de direction wäert den Daily Business maachen an de President wäert kucke fir mat der CA déi Demande-de-secoursen ze leeden.

Solidaritéit an Zesummeliwwen, do picken ech just e puer Saachen am Telegrammstil eraus, déi wichteg sinn: Aide familiale, Ënnerstëtzung am Stot bäi Krankheet, Subventiounen beim Kaf vu Schoulmaterial, Aktioun Grouss Hëtzt, dat heescht de Plan canicule, Repas sur roues, Téléalarme, de Weltbuttek (deen dëst Joer iwwregens seng 20 Joer gefeiert huet) de Label Fair Trade Gemeng, d'Entwécklungszesummenaarbecht.

D'Solidaritéit, wéi gesot, hält net op der Stadgrenz op, dofir ass "Diddeleng hëlleft" gegrënnt ginn a mir ënnerstëtze weiderhin d'Kastratiounskampagnen fir Kazen an Hënn an et ass scho gesot ginn, och bäi





Natur & Ëmwelt, mir wäerten d'Fleegestation och weiderhin ënnerstëtzen.

Deen nächste Volet ass dann d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet, eise Service Emploi. D'Gemeng Diddeleng ass nach ëmmer déi eenzeg Gemeng, déi sech esou en Service gönnt. 1994 si mir als Pilotprojet gegrënnt ginn a säithir gëtt hei bäi der Neiaféierung vun Aarbechtslosen hei zu Diddeleng eng gutt Aarbecht geleescht. Mir hunn am Moment zwee Vollzäit-Mataarbechter do schaffen, dat ass de Richard Marx an d'Stefania Mangini an 2019 ass en drëtter Mataarbechter virgesinn, fir déi vill Aarbecht do ze maachen.

Nëmmen zu den Zuelen, am Laf vum Joer 2018 sinn 394 Leit virstelleg ginn, dat ass en neie Rekord an eis Initiative sociale, déi huet 31 Leit ënner Kontrakt.

En neie Projet fir 2019 ass eis Pépinière écosolidaire, dat ass eisen neie Projet, dee mir awer wëlles haten, schonn dëst Joer ze maachen, awer aus technesche Grënn war dat net virugaangen. Hannert dem Spidol baue mir elo als Gemeng eng Pépinière, hei ginn dann all déi Planze geziicht, déi eis Gemeengegäertnerei herno brauch fir op Diddelenger Gebitt unzepflanzen fir eisen ëffentleche Beräich ze verschéineren.

Dee Projet leeft als Beschäftigungsinitiativ am Kader vun enger Konventioun mam Aarbechtsministere an do sollen dann am Laf vum Joer 3 Chômeuren agestallt ginn, déi do schaffen.

De Projet Chômeurs de longue durée: 2017 am Juni huet den Aarbechtsminister Nicolas Schmit e Projet lancéiert fir de Laangzäit-Aarbechtslosen eng Aarbecht ze verschafen. Dee Projet huet sech geriicht virun allem un d'Gemengen an d'Gemengesyndikater, déi Leit sollen astellen, virun allem mat engem CDI, an dofir kréien si och vum Staat déi finanziell Ënnerstëtzung.

Mir als Gemeng hunn 2018 4 Leit agestallt an deem Kader an hunn och 2019, 3 Leit virgesi fir do anzustellen.

Da kommen ech zu eise CIGL. Haaptziel vun eiser Sozialbeschäftigungsinitiativ ass nach ëmmer d'Aglidderung an d'Erëmagliddere vu Leit ouni Aarbecht op den Aarbechtsmaart, respektiv an d'Aarbechtliwwen. Den anere Volet ass d'Solidarwirtschaft, d'Haptzil ass do och déi Besoine vun der Bevëlkerung ofgedeck-

en, déi vun deem kommerziellen Deel net ofgedeckt ginn, respektiv vun der ëffentlecher Hand net kënne ofgedeckt ginn.

Do ass de Coup de main selbstverständlech de Projet-phare vun deem Service, och de Recycler huet grouse Succès. Wann ech zwou Zuele soen, den Diddelenger Coup de main hat 1473 Clienten am Joer 2018 an de Recycler ass 959 mol sollicitéiert ginn. Dir gesitt, déi Saache gi frequentéiert.

Doniewent maachen se och nach den Fauchage tardif an der Zone industrielle Riedgen a Wolser an och d'Buerg um Gehaansbiereg fleegen se vum Mount November-Mäerz, a mir hunn och elo en neie Projet mam CIGL ofgemaach, do wäert awer d'Josiane Di Bartolomeo-Ries méi spéit nach drop agoen.

Domat kommen ech bäi d'Chancëgläichheet an d'Solidaritéit. Dir wësst, d'Chancëgläichheet ass en Hauptuleies vun der Diddelenger LSAP, mir wëllen déi bis elo gefouert Politik am Beräich vun der Chancëgläichheet an der Integratioun konsequent hei weiderféieren.

Mir si mat der Schafung vun eise Service à l'égalité des chances et à la non-discrimination hei zu Diddeleng nei Weeër gaangen. Niewent der Berodung kréien d'Leit hei konkret Hëllef ugebuede fir Léisunge fir hir Problemer ze fannen, z.B. Zougang zum Aarbechtsmarché, Vereenbarkeet vu Famill an Beruff, respektiv och den Ofbau vun haislecher Gewalt asw.

Weider Missiounen vun deem Service sinn d'Chancëgläichheet vu Fraen a Männer op lokalem Plang ze promovéieren. An eiser Gesellschaft soll et jo grondsätzlech esou sinn, dass d'Viraussetzungen do si fir dass Fraen a Männer d'selwecht ugesinn a behandelt sinn, a gläichberechtegt bedeelegt sinn, dat ass also eng Missioun vun eise Service, d'Gläichstellung vun de Geschlechter.

Déi Aktivitéiten sinn ënner anerem eng berodend Funktioun par rapport zu der Gemeengepolitik, d'Ausschaffe vun engem järelechtem Gemeengeplang op der Grondlag vun der Europäescher Charta, d'Chancëgläichheet an der Verwaltung an an de Betriber, zum Beispill hate mer den Audit Beruff a Famill.

Chancëgläichheet fir d'Bierger a Biergerinnen: Fir dëst Thema méi nozebréngen, organiséieren se eng Rei vun Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen,



Ausstellungen, Konferenzen, Workshops, Formationen an esou weider.

An et ass och scho gesot ginn, 2019 hu mir och wëlles, en Consultant psychosocial anzestellen, de Buergermeeschter huet dat schonns a senger Interventioun erwänt.

Deen zweete grouse Ressort, deen ech hunn, ass Energie an Ëmwelt an Naturschutz.

Ëmweltschutz ass längst net méi nëmmen Natur- an Landschaftsschutz, mä eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht vum Staat an de Gemengen zesumme mat de Wirtschaftsverbänn a mat de Bierger.

Op lokalem Niveau sinn d'Gemenge gefuerdert, eng Virreiderroll ze spillen an als Klimaschutzgemeng a de Standuert vun engem vun de gréissten Naturschutzgebidder hei zu Diddeleng, d'Haard, huet Diddeleng natierlech d'Verpflichtung, nohalteg mat eisen natierlechen Ressourcen ëmzegoen, d'Aartevillfalt ze schützen an domadder eng aktiv Ëmwelt- an Naturschutzpolitik ze bleiwen.

Diddeleng ass a bleibt eng Stad mat enger héijer Liewensqualitéit.

D'Diddelenger Gemeng muss ech konsequent hirer Verantwortung stellen, et gëllt also, global ze denken a lokal ze handeln. Ëmweltschutz geet bäi jidderengem selwer un.

Ech kommen da bäi eist "Gréngt Haus", dat ass nach ëmmer fir mech trotzdeem déi Ulafstell, déi d'Leit sollen uviséieren, hei kritt all Bierger allméiglech Informatiounen, déi e brauch, vun Naturschutz bis Gemengenterrain, Offallkonzept, Offalltrennung, Recycling, Energiespuermoossnamen, Kompostéieren, Ëmweltchemikalien asw., souwéi och eng grouss Bibliothék vu Bicher, Zäitschrëften, Broschüren an Zäitschrëften zum Thema Natur an Ëmwelt.

Routinenaarbechten hunn se och vill um Programm, dat heescht d'Berodung vun Bierger, déi an de Genoss vun Subventiounen kommen, Berodung vun Bierger an Offallfroen, Opstelle vum Offallkalenner, Reklamatiounen wéinst dem Kaméidi, d'Ausschaffe vu Klimatipps fir eis Beleegschaft, d'Gestioun an den Archivage vun de Commudo-Autorisatiounen, Mataarbecht a verschidden Aarbechtsgruppen, wéi

de Klimapakt, PRO-SUD, Myenergie, Infopoint, STEP an d'Cellule de coordination Neischmelz.

Ausbléck 2019, dee geet un domat, dass mir 2019 en neie Mataarbechter astellen niewent dem Marco Thorn an dem Patrick Hoss wäerte mir dann och den 2. Januar de Jérôme Morbé als neie Mataarbechter begréissen.

Wat maachen déi alles 2019 an doriwwer eraus?

De Klimapakt, och nom Audit vun 2018 gëtt och 2019 weider dru geschafft an eist Zil vu 75% bleibt weiderhi bestoen. Dofir gëtt d'Bestandsopnam am Bezuch op d'Kritären och weidergefouert.

De Jardin communautaire Neischmelz gëtt weidergefouert.

Loftqualitéit: Am Kader vum Klimapakt ginn d'Analyse vun der Loftqualitéit ginn an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltverwaltung weidergefouert an d'Resultater gi reegelméisseg op eiser Internetsite vun eiser Stad publik gemaach.

Energieverbrauch vun de kommunale Gebaier: De Solarkadaster steet och weiderhin eisen Awunner zur Verfügung.

Fotovoltaik: Op dem Neibau vum Bildungshaus Lenkeschléi gëtt eng Fotovoltaiksanlag geplangt.

Stroossebeliichtung: 2019 gëtt d'Ëmrüsten op LED kontinuëierlech weidergefouert.

Eise Projet "Energiesparen macht Schule", dee leeft fantastesch an och elo nach 3 Joer weider.

Klimabündnis: Mir bleiwe weider nach Member am Klimabündnis wat awer och eng Austauschplattform ass mat anere Gemengen.

Offallwirtschaft: Um Offallwirtschaftskonzept soll weider geschafft ginn, fir ze kucke wéi eng Méiglechkeete mir hunn, fir och de Pollueur-Payeur-Prinzip an de Residenzen un d'Goen ze kréien, do ass et net esou evident wéi bäi de Particulieren.

Superdreckschëscht, Label fir Betriber, och do gëtt weidergefouert an 2019 ass d'Maison sociale um Programm fir do dee Label ze kréien.



De Pacte Antigaspi ass e Volet, dee besonnesch d'Maison Relais betrëfft, do gëtt gekuckt wéi mir och an deem Beräich dat ëmgesat kréien.

De Floumaart, dee mir mam STEP all Joer zesumme maachen, ass den 18. Mee virgesinn, Faires Frühstück ass den 29. Juni op der Gemeindeplaz virgesinn, Bampateschafte ginn och weider gefouert an Bampate ginn da wéi ëmmer mat engem Ausflug belount.

Den Dag vum Bam am November gëtt säit 1997 hei zu Diddeleng duerchgezunn a bei den Planzunge vum Dag vum Bam ginn natierlech erëm och d'nächst Joer Aktiounen geplangt, déi vun eise Gärtnerbetrieb logistesesch ënnerstëtzt ginn.

Naturschutz: SICONA, Aarbechten am Beräich Naturschutz, Heckeschnëtt, Biotop uleeën, asw. am Kader vun der Membership ginn déi natierlech weidergefouert, an energetesch Sanéierungs-moossnamen an de rationalen Asaz vun erneierbaren Energie gi weiderhi vun der Gemeng duerch dat Reglement ënnerstëtzt.

Subventiounen och weiderhin op d'Installatioun vun Reewaasserbenutzungsanlage ginn duerchgezunn, an dann am Budget extraordinaire, do hu mir an eise leschte Walprogramm vun der LSAP d'Ausschaffe vun engem Ëmweltmasterplang stoe gehat. Mir hunn dee Projet och an d'Schäfferotserklärung iwwerholl a sinn nach méi wäit gaangen andeems mir aus dem Ëmweltmasterplang en Nohaltegkeetsmasterplang gemaach hunn, deen a senger Ausriichtung vill méi wäit soll goe wéi e rengen Ëmweltmasterplang.

2018 hu mir dann och de Bureau EKOS, deen eis och am Klimapakt begleet an ënnerstëtzt, beoptraagt fir e Konzept auszuschaffe fir deen Nohaltegkeetsmasterplang och aktiv ëmzesetzen. No verschiddene Reuniounen a Presentatiounen si mir dann den 27. Juli iwwer d'Konzept an d'Zilsetzung an d'Virgoensweis eens ginn.

Eng ganz Rei vun Gemengeservicer sinn an dee Prozess vun dësem Masterplang agebonne fir dass d'Gemeng an den Beräicher Nohaltegkeet, Klimaschutz, Ëmweltschutz an Energieeffizienz, Mobilitéit a Gesellschaft fir d'Zukunft gutt opgestallt ass.

Dësen Nohaltegkeetsmasterplang soll 2021 zum Ofschloss bruecht ginn. Zum Nohaltegkeetsmaster-

plang ass et dann awer nach e weidere Projet dobäi komm, deen sech deels mam Nohaltegkeetsmasterplang iwwerschneid, esou, dass déi zwee ënnert engem extraordinären Budgetartikel lafen.

Et handelt sech dobäi ëm de Covenant of Mayors, eng Initiativ vun Europäesche Buergermeeschteren, déi sech an Klimaschutz méi wëllen engagéieren wéi dat am Europäesche Klimaschutzprogramm gefuerdert ass, an eise Buergermeeschter huet déi den 28. Februar zu Wien ënnerschriften a mir hunn als Gemengerot jo och decidéiert, am Juli 2018, do bäizetrieden.

Da wëll ech nach drop hiweisen, et ass schonns gesot ginn, dass mir als Gemeng selbstverständlech den Ausbau vun der Fleegestatioun fir wëll Déieren a Villercher, respektiv den Neibau vum Déierenasyl wäerte finanziell ënnerstëtzen.

Deen nächste Volet, op deen ech awierke wëll, dat sinn eis Senioren, eis eeler Leit. Diddeleng huet en Ambiente, dass eis eeler Matbierger sech hei kënnen wuelfillen an d'Liewen och kënnen an der Gemeinschaft an an Autonomie weiderféieren. Diddeleng bitt eisen eelere Matbierger en Doheem.

En altersgerecht Liewen ze garantéieren ass a muss eent vun eisen Ziler sinn. Diddeleng verfügt iwwer all déi Moossnamen an d'Seniorengeneratioun hält eng wichteg Plaz an der Diddelenger Gesellschaft an.

De Club Senior, dat ass natierlech d'Flagschëff vun där Politik, déi hunn dëst Joer 15 Joer geféiert. Dir wësst, dass mir dëst Joer de Club Senior renovéiert hunn an d'nächst Joer wäerte mir nach e puer kleng Aarbechten do ënnerhuelen, esou, dass och déi eeler Generatioun, déi sech do ophält, wuelfillt a gutt kann encadréiert ginn.

Ech ginn hei net am Detail op d'Aarbechte vum Club Senior an, dat ass all Mënsch bekannt.

Ech wëll awer trotzdem op en anere Projet agoen, dat ass de Senior plus, d'Zesummenaarbecht mat der Stëftung Hëllef doheem. Dat ass e Service, deen alle Leit ab 60 zu gutt kennt, et soll d'Gefill vun der Einsamkeet huelen, respektiv d'Autonomie stäerken. Do kritt ee Rotschléi an Ënnerstëtzung fir Senioren a fir sozial oder gesondheetlech Problemer ze konfrontéieren, wéi Mobilitéit an esou weider.



Dat si Berodungen, déi mir ubidden, si kréien eng Berodung gratis am Kader vun 2 Joer, déi mir als Gemeng wäerte finanzéiere fir de Leit do kënnen ze hëllefen.

Dat zweet ass eise Flexibus, dat ass e Bus, deen sech un Leit ab 60 richt, de Bus kënn d'Leit bäi si heem sichen a bréngt se op déi gewënschten Adress an och nees zeréck. Dat ass e Service, dee mir nei ugebueden hunn.

Dann de Repas sur roues, eng Déngschtleeschung, déi mir säit 1975 hei zu Diddeleng ubidden, fir eeler Leit, awer net nëmme fir eeler Leit, all Leit mat engem Handicap oder déi krank sinn oder en Onfall haten, kënnen dee Service unhuele wann se eng Zäit laang net selwer kënnen kachen doheem. E Service, deen de Moment vun 90 Leit hei zu Diddeleng benotzt gëtt.

Télé-Alarme, e Service dee mir och hei zu Diddeleng ubidde säit 1991, do hu mir zwee Ubidder, nämlech den Help an Hëllef Doheem an do sinn de Moment 272 Clienten, déi vun deem Service profitéieren.

Dann de CIGL, och fir eeler Leit, do hunn ech lech schonn d'Zuele gesot. De Coup de main an de Recycler, déi sinn och staark fréquentéiert.

Weider Infrastrukturen an eisem Gebitt zu Diddeleng sinn eist Altersheem, de Foyer du Jour, d'Croix Rouge, d'ALA-Tagesstätte, den CHEM an eise geriatresch Abteilung net ze vergiessen an och eise Fitness-Parcours am Schnauzelach fir eeler Leit, an esou wéi eis Veräiner, déi mir an dem Domaine schaffen hunn, déi gi selbstverständlech finanziell, materiell a logistesesch ënnerstëtzt.

Deen nächste Volet ass d'Hygiène an d'Propretéit. Mat dem Wuesse vun eiser Stad an der positiver Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stellt dat och nei Erausforderungen an Ufuerderunge fir eis Gemengen. Nei Ufuerderunge si virun allem Propretéit an Hygiène, ëffentlech Plazen, Parkanlagen an Trëtoiren a Stroosse musse geheegt a gefleegt ginn, fir an engem propperen an akzeptabelen Zoustand ze sinn.

Jidderee soll säint zu der Aktioun "proppert Diddeleng" bäidroen, eis Gemengeservicer hu mir verstärkt fir d'Propretéit an eiser Gemeng ze garantéieren. Eis Sensibiliséierungscampagnen gi weidergefouert,

"de richtege Reflex fir eng propper Stad" an eis Campagne "Gehei deng Zigarettestëmp net op de Buedem" ginn och d'nächst Joer weidergefouert.

Mir hunn all Dag ongeféier 35 Leit um Territoire vun der Stad Diddeleng schaffen, all Dag kucken déi, dass Diddeleng propper bleift, an och 2019 wäerten d'Investier an ëffentlech Toiletten a Muppentoilette weidergefouert ginn.

Et gouf schonns gesot, mir wäerten eis och en neie Müllwon zouleeën, dee kascht 250.000 Euro, dat ass am Budget virgesinn, all Bierger soll also matmaachen a bestreift sinn, an enger propperer Stad ze liewen.

Gas, Waasser a Kanalisatioun, dat wëlle mer och konsequent weiderféieren an deem Beräich an der Form vun Ofwaasserentsuergung a Kanalwiesen, am Sënn vum Ëmweltschutz an awer och Präventioun vun Iwwerschwemmungen an och eist Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut.

Dann nach ee Wuert zu menge Syndikater, wou ech responsabel sinn: De STEP, Dir hutt gesinn dës Woch an der Press, do ass de Recycling Center Käl/Téiteng ageweit ginn, dat war en Investissement vu bal 500.000 Euro.

Wéi gesot, de STEP gouf 1999 gegrënnt, 2005 ass en erneiert ginn, fir 95.000 Awunner ass e geplangt ginn, an och do ass de Budget 2019 stabil bliwwen.

Minettkompost, 1993 gegrënnt, fir 185.000 Awunner, do hu mir och e stabile Budget, vu dass mir virun e puer Joer op Eegeregie ëmgewechselt hunn an do kann een och soen, dass d'Präisser 2019 vun eise Servicer am Budget onverännert a stabil bleiwen. Do ginn et also och keng Taxenerhéijungen.

Dat selwecht gëllt fir de SIDOR, do sinn déi selwecht Tariffer 2018/19 en Vigueur. Wéi gesot, déi Budgete vun den Syndikater, déi ech elo genannt hunn, sinn unanime vun den Memberen, déi an deene Comitée waren, gedroe ginn. An deem sënn Merci fir d'Nolauschteren.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, dem Här Manderscheid fir seng Virstellung wat d'Prioritéite vu senger Ressorten ugeet an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo Ries.





**Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter. Ech wëll virdrun e Wuert soen, ech si ganz frou, dass mir dëse Budget am Sënn vun der Famill, vun der Schoul an och vun der Kannerbetreierung maachen, et ass e Budget, wou vill investéiert gëtt an eis Kanner an eis Familljen, dofir mol e grouse Merci am Virfeld.

Ech fänken u bäi der Crèche am Quartier, déi mir amgaange sinn ze bauen. De Moment si mir schonn am Réibau amgaangen, dat sinn 3 Niveauen, déi do solle gebaut ginn, do komme 50 Plazen hin, also 50 Kanner, déi do kënnen opgehol ginn, a wat ganz flott ass, uewendrop gëtt e Raum fir en Airtramp, e Snöselraum an e Psychomotoriksraum ageplangt. Ech kann elo och do scho kuerz drop agoen: Bäi der Psychomotorik, do brauch een dann och eng Psychomotricienne an och do hu mir e Bréif kritt vum Ministère ob mir kënnen an Zukunft esou e Personal huelen. Dat schonns emol am Virfeld.

Dann, wat och am Budget erëmfannen ass, dat sinn d'Allentoure vun der Crèche, déi do soll gebaut ginn, dat sinn 250.000 Euro. Dat sinn awer net nëmmen d'Allentouren, mä och d'Spillplaz ass do mat dran, dofir dee Montant.

Dann eppes, wat fir mech awer ganz wichteg ass, eppes wat mir elo an dësem Budget erëmfannen, dat ass natierlech d'Reprise vun de Minettsdepp an der Nuddelsfabrik. Dat ass eppes, wat mir wichteg war a wou ech och ganz frou sinn, dass mir déi Reprise maachen.

Ech mengen, et ass ganz kloer, dass mer dat am Benevolat net méi konnte maachen, do schaffen de Moment 21 Leit op deenen 2 Siten, dovunner sinn 18 Leit am edukative Beräich an déi aner 3 sinn de Kach, d'Aide menagère an d'Botzfra.

Also einfach am Benevolat war dat net méi ze maachen, well et ass net nëmmen d'Gestioun vum Personal wou dat net méi ze maache war, wann eemol een ausfällt, dat ass och déi ganz Comptabilitéit, déi op de Schëllere vun der ASBL louch an et ass normal, dass si dat net méi konnten esou maachen.

Villäicht e puer Chifferen zu der Nuddelsfabrik, do sinn 2 Gruppe mat 23 Kanner, bei de Minettsdepp, do hu mir 3 Gruppe mat 34 Kanner an net méi spéit wéi gëschter war de Ministère do an ab Januar kënnen mir e Bëbeesgrupp opmaachen tëschent 7 an 8 Kanner.

Déi Crèche ass 12 Stonnen den Dag op, dofir weess een, wéivill Personal do gebraucht gëtt an et ass elo esou, dass d'Gebai eis d'office gehéiert an d'Personal vum Ministère 100% iwwerholl gëtt.

Dofir war et fir eis normal, dass mir déi Crèche géifen iwwerhuelen. Dat wat méi op eis duerkënnt, ass e bësse méi administrativ Aarbecht obwuel si awer d'Aschreiwunge weider wäerte bäi hinne maachen, a mir méi Chèque-Service an esou wäerte maachen.

Dann natierlech eise Service d'accueil an eis Maison Relais, mir hunn dëst Joer 1 062 Demanden erakritt, dat ass enorm vill, an dat geet all Joer erop. Mir hunn ëmmer opgepasst, och wa mir eng Liste d'attente hunn, dass keng Monoparentauxen drënner sinn an och keng Leit, déi zu zwee musse schaffe goen.

Wat och ganz wichteg ass, ass natierlech, dass mir ëmmer eng kleng Reserve halen. Mir hunn ëmmer 3-4 Plazen op Reserve, déi mir net besetzen, ganz bewusst, well et kommen am Laf vum Joer ëmmer Urgencen, wou mir musse reagéieren an déi ginn dann dofir fräi gehal.

D'Demande ass natierlech bäi der Kantin ëmmer am gréissten ass, do leien déi meeschten Demandë vir, mir hunn awer och 320 Kanner am accueil matinal, an eisem Foyer si 500 Kanner. Fir déi Leit an der Schoulkommissioun hunn ech eng Presentatioun gemaach, weider Detailer kënnt Dir herno dann nofroen.

De Precocé, do ass et esou, dass mir 2 Strukturen hunn, mir hunn d'Lenkeschléi wou de Moment 13 Kanner dra sinn an de Strutzbiërg, wou 15 Kanner sinn. Ech wollt do soen, dat ass an der Ganzdagsbetreierung, mir froe jo d'Leit ob se se ganzdags oder hallef Deeg wëllen, mir hunn an der Lenkeschléi nach 3 Plaze fräi an um Strutzbiërg kéinte mir nach 1 Kand ophuelen esou dass do net onbedéngt vill Drock ass.

Dann, wat och ganz flott ass, dat ass d'Maison Relais vun der Lenkeschléi, déi 2020 soll opgoen, do kréie mir 60 Kanner pro Service eran. Mir kënnen och 3 Services maachen, mä bäi engem 3. Service wier et extrem enk, zäitlech gesi kréie mir dat net hin, esou, dass mir do 120 Kanner hunn.

Dann zum Budget, dee mir och elo erëmfannen, dat ass d'Maison Relais Ribeschpont, déi mir plangen,





do komme vill PAPe bäi an do war fir Maison Relais Ribeschpont den Moment net vill do. Mir hunn nëmme kleng Raim, déi eigentlech net geduecht si fir dat Ganzt nach auszubauen.

D'Schoul, do ass et och sou, do hu mir déi héchsten Zuelen am Ribeschpont, esou dass dee Bau am Ribeschpont eis immens vill bréngt, net nëmme den Ausbau vum Precoce, och an der Ganzdagsbetreierung, och de Mëttesdësch wëlle mir ausbauen am Precoce an da Kllassesäll, déi mir kënne schafen, deen een oder deen aneren, wou dann och d'Schoul kann dovunner profitéieren.

Wat och wichteg ass ze soen, dat ass, dass mir ganz vill Transporter doduerch vermeiden, de Moment gi ganz vill Transporter gemaach an d'Waldschoul, mir hunn zwar probéiert d'Kanner um 16 Auer am Foyer dozehalen, esou, dass Transporter an d'Waldschoul ophalen.

Wat grouss Ännerungen an de Structure-d'accueille sinn, dat sinn d'Auerzäiten, d'Ouvertureszäiten, do fänke mir moies mëttlerweil um véierel vir 7 un an net méi um 7, wat d'Elteren absolut begréissen. Si si frou well d'Leit och mam Zuch fueren an da kënne si d'Kanner schonn um véierel vir 7 bäi eis ofginn. Mir haten och nogefrot, et ass kee Besoin do fir et méi laang opzeloossen, well déi mannste Kanner si bis hallwer 7 do, ausser et ass emol een am Stau.

D'Restauration scolaire, déi kascht eis 1,1 Millioun Euro, mir hunn zwar d'Participatioun en ëmmer dran an awer ass dat ee groussen Invest. Ech wëll awer do soen, dass an der Soumissioun vun der Restauration scolaire ëmmer fest Tauxe sinn, wat mir lokal akafe mussen an och wat Bioprodukter mussen sinn, dat ass eis ëmmer ganz wichteg.

Dann hu mir e Minibus drastoen an deen ass geduecht fir kleng Transporter ze maachen an der Maison Relais, wann d'Kanner an d'Museksschoul mussen, et ass éischter esou kleng Gruppen, wou mir d'Camionnette da géife brauchen. Mir hunn nëmme eng an ech muss soen, mam Ausbau vun deem Ganzen ass et wichteg, eng zweet Camionnette ze hunn.

Dann eppes aneshtes wat mir maachen, dat ass d'Maison Relais Schwämm, dat fannt Dir och erëm, den Embau vun den Allentouren bäi der Maison Relais Schwämm, dat hänkt och zesumme mat der Entrée vun der Schwämm.

Do ass et esou, dass dat de Moment net optimal ass, well do d'Leit gemixt gi mat de Kanner, déi an d'Maison Relais erakommen. Mir wëllen elo den Agang no vir leeën an dee ganze Beräich gëtt ëmgeännert, sou dass d'Kanner, déi an der Maison Relais Schwämm sinn, och kënne vu bausse profitéieren, mat enger Wiss an allem wat esou bausse ronderëm ass. Awer dofir mussen mir eng Clôture ronderëm maache fir dass d'Kanner net eraus op d'Strooss lafen, mä dat bréngt eng grouss Verbesserung an der Maison Relais Schwämm.

Weider Projeten, eis Vakanzenaktivitéiten, déi hate mir d'lescht Joer an dëst Joer maache mir se och, mä mir wëllen am Fong véier Siten definéieren, wou mir verschidden Aktivitéite maachen.

Mir haten dat och d'lescht Joer scho gemaach, et ass awer esou, dass een an d'Waasser gefall ass an dat ass natierlech déi Naturvakanzenaktivitéiten, déi konnte mir leider net maache well d'Waldschoul eis net zur Verfügung stoung.

Eppes anescht wat awer och wichteg war an deene Vakanzenaktivitéiten, mir hunn eis Kanner getrennt, déi Kleng ware beieneen, déi sinn an de Mäerchebësch gaangen, an déi Grouss ware beieneen, déi sinn a Konschtatelierien hei um Strutzbiërg gewiescht an a Sportsaktivitéiten an der Schwämm.

An dann déi Grouss, de Cycle 4, dat waren eis Teens, déi konnte bäi den Aktivitéiten am Jugendhaus matmaachen an och dat ass ganz gutt ukomm. Mir haten déi éischt Sessioun 361 Kanner an de Vakanzenaktivitéiten an an der zweeter Sessioun 290 Kanner.

Dann ass nach e Projet, dat ass de Pedibus, dee steet am Budget dra mat 10.000 Euro. Ech wëll dee Projet kuerz erklären, do ass et esou, mir hunn eng Bestandsopnam gemaach wat ee kéint bäi all Schoul oder wou ee misst bäi all Schoul en Trajet maache fir de Pedibus lafenzeloossen.

D'Iddi bleift an ass nach ëmmer d'Eltere mat anzebannen, mir maachen elo eng Testphase an dat ganzt bäi deenen zwee schwéierste Gebaier, dat ass d'Gaffelt an den Däich, wou d'Situatioun vum Verkéier relativ schwéier ass a mir loosse et elo ab Abrëll ulafen. Mir ginn dann nëmme een Trajet an der éischter Phas an hoffen dann, an Zesummenaarbecht mat den Elteren a mat der Schoul dat auszeweiten.



Déi 10.000 Euro, déi virgesi sinn, si fir Schëlde maachen, fir d'Weeër ze erklären an esou virun an esou fort, dat Ganzt ass nach an Zesummenaarbecht mat den Elteren an Schoul an een Betreier aus der Structure d'accueil, deen dat Ganzt da wäert begleeden.

En aneren Projet, de Projet Art à la Maison Relais, dat ass, dass all Maison Relais e Projet gemaach huet, all Maison Relais soll seng eegen Identitéit kréien, dat heescht mat Logo mat Graffiti, mat Numm an esou virun an esou weider, den Projet leeft iwwer "Art à la Maison Relais".

An da kommen ech zu deem, wat ech virdru schonns ugedeit hunn, iwwer de Bréif vum Ministère, dass mir an Zukunft an eiser Maison Relais méi qualifizéiert Personal zur Verfügung gestallt kréien, wéi dat bis elo de Fall war: Psychomotricienne oder dann och, mir kënnen e Kënschtler huelen, mir kënnen e Museker huelen, fir wann d'Kanner an enger Maison Relais sinn - obwuel d'Zesummenaarbecht mat der Musekschoul relativ gutt ass – dat dann och während där Zäit maachen, wou se an der Maison Relais sinn.

Dann zum Enseignement, do gëtt och vill investéiert, sief dat am extraordinäre Budget oder am ordinäre Budget.

D'Bildungshaus Lenkeschléi, dat ass natierlech e ganz groussen Invest, dee mir maachen an deen iwwer e puer Joer leeft. Do ass et ganz wichteg, dass déi Schoul, wann déi elo fäerdeg ass, dass mir do eng Produktiounskichen dran hunn. 400 Menüen, dat entlaascht e bëssen déi aner Sitten, déi Menüen ginn dann do gekacht an déi ginn dann op aner Sitë gefouert.

180 Schoulkanner. An d'Kantin kënnen mir pro Service 60 Kanner eranhuelen an - wat wichteg ass - et entlaascht d'Gebaier ronderëm, de Strutzbierg virun allem, do si jo och Kanner, déi aus der Zoufftgerstrooss kommen, déi Kanner kënnen mir, deemno wéi mir d'Verdeelung vun de Stroossen an der Schoulkommissioun maachen, dann dohinner schécken.

Wichteg ass dann och, hei ze soen, dass deen Aarbechtsgrupp vum Bildungshaus, déi sinn nach ëmmer amgaangen dorunner ze schaffen, déi ginn sech ganz vill Méi zesumme mat der Maison Relais, och deenen e grouse Merci. Déi sinn de Moment am Quartier Italien an engem Appartement uewen an der Schoul

an déi schaffen all Woch a Reunione fir dat Ganzt gemaach ze kréien.

Weider Investitiounen sinn natierlech den Dach vum Butschebuerger Turnsall, do hate mir ganz vill Problemer déi lescht Joren, esou dass dat wierklech en enorm gudden Invest ass.

D'Mise en conformité vum Elektresch an der Schoul Italien, dat gëtt och gemaach, och do sti 50.000 Euro dran.

Dann en akustesche Plafong vun der Sportshal an der Gaffelt, och dat ass wichteg.

Dann eppes, wat fäerdeg gëtt, de Schoulhaff ass fäerdeg ginn, do waart Dir all dobäi, an hannendrun deen Deel, dee gëtt och elo fäerdeg gemaach. Dee steet 2018 am Budget an dee gëtt elo réischt fäerdeg well mir do an de Prozeduren hänke fir Beem ewechzemaachen, déi nëmmen dierfe bis Mäerz gehae ginn. Dofir gëtt dat elo eréischt realiséiert, do kommen Héichbeeter hin an natierlech och fir d'Kanner, Basket, Fussball an och Turnen.

Weider Investitiounen an de Schoulen: Wat och ëmmer méi ass, déi Leit déi an der Schoulkommissioun setzen, déi wëssen dat och, dass d'Installatioun vum Wifi an all eise Gebaier, do si mir amgaangen, do schaffe mir vill, den Däich ass am Fong gutt ausgestattet, d'Gaffelt, do si mir fäerdeg, do hu mir och elo fix Antennen a mobil Antennen.

Elo kommen déi aner Gebaier, mir hunn et och elo fäerdeg bruecht, mobil Antennen ze kafen an déi sinn installéiert um Strutzbierg, Butschebuerger an och am Brill. Do kënnen d'Kanner Coffrete mat Ipads pro Kllassesall benotzen. Et ass och esou, dass mir keng Ipads kafen, mee leasen, well mir domat méi Ipads kënnen huelen, dat sinn 144 Stéck. Do ass et esou, pro Gréisst vun der Schoul kritt jiddereen esou e Coffret mat 8 Ipads a si kënnen dat iwwerall an de Kllassesäll notzen. Och fix Antenne wëlle mir installéieren, dee Budget fannt Dir och hei erëm.

Wat vläicht och nach wichteg ass, an der Schoul Butschebuerger, do fänke mir dann elo och mat der fixer Antenne un, déi hu mobil Antennen, well déi dat an hirem PDS stoen hunn, dass si vill mat Ipads wëlle schaffen, dofir kënnt duerno de Brill an och de Strutzbierg drun.



Och Schoulbicher hu mir ugepasst, déi sinn och an d'Luucht gaangen, well awer ëmmer méi Bicher gebraucht ginn an och d'Präisser ëmmer an d'Luucht ginn an dofir hu mir déi dann ugepasst.

Wat nach ganz wichteg ass, wat villäicht fir Erklärungen suergt, dat sinn eis Exkursiounen an eis Activités scolaires, do hu mir ee Budget doraus gemaach, dat heescht dat waren der bis elo dräi an do hu mir een doraus gemaach, dat gëtt de Schoule méi Flexibilitéit, dass net méi "Excursions", mä et ass einfach "Activités pédagogiques et excursions", dat heescht si kënnen dat besser gebrauchen.

Dann e Budget vu 25.000 Euro, dat sinn d'Barriären um Däich an zu Butschebuerg, do ass et esou, dass mir ganz vill Problemer hunn op deenen zwou Plaze well d'Eltere mat den Autoen niewent der Schoul oder am Agang vun der Schoul dréinen a kéieren an erëm erausfueren, esou dass mir decidéiert hunn, zu Butschebuerg fir, dass dat do net méi geschitt eng Barrière opzeriichten an och um Däich, well do ass den Agang vun der Schoul an do sinn d'Eltere kräiz a queer doduerch gefuer. Alles ass am Kader vum séchere Schoulwee.

Deen neie Schoulbus gëtt gebraucht well mir awer nach Transporter maache wéi Schwämm, Turnen, Maison Relais, och wa mir duerch den Ausbau vun deene Strukture probéieren, manner Transporter ze maachen.

Och den "Art à l'école" leeft an der Schoul de Moment zwar nëmmen am Cycle 1, do ass d'Klangpädagogin, déi kennt zweemol d'Woch an de Cycle 1 an dat si ganz vill Kanner, déi ganz gutt dorop reagieren.

En anere Punkt fannt Dir net eenzel am Budget erëm, et ass awer trotzdeem wichteg ze soen, mir hunn d'Begehung gemaach vun all eise Schoulen an all eise Maison Relais, wou mir gekuckt hunn, wat ass gutt, wat ass net gutt, wat muss verbessert ginn, wou muss gefléckt ginn.

Do si ganz vill Punkten opgehol ginn, en Deel ass schonns realiséiert a mir wäerten 2019 all eise Schoule konform hunn, mat Uschrauwe vu Schaf bis zum Spigel flécken, alles dat ass gemaach, mir sinn do richtig gutt. Merci do deem Service, well ouni si wier et net méiglech gewiescht.

Santé scolaire wëll ech nach soen, do ass et esou, do hate mir och eng Presentatioun, do si bäi Obésité, Insuffisance de poids a Pieds plats, do hu mir 1.200 Kanner gesinn, 804 kruten en Avis an nëmmen 248 hu reagiert.

Bäi Vaccinatiounen, do sinn 126 Kanner, déi hu keng Kontroll vun de Vaccinatiounen, an 101 sinn net komplett, do hu mir 459 Avise geschéckt an nëmmen 121 si Retour komm.

Dat selwecht ass fir d'Zännhygiene, an och do hu mir 1.729 Kanner gesinn, 678 Avise geschéckt an 157 sinn der zeréckkomm.

Och do Merci deem ganze Staff, well dat ass relativ vill Aarbecht fir dat ze maachen, déi ganz Gestoun.

Wat ech och wëll soen, ass Merci un d'Direktioun am Fundamental. Merci fir hir gutt Zesummenaarbecht dat ganz Joer iwwer, mat der Schoul, dat war excellent+.

Mir hunn och dräi Leit an der Logopädie, wouriwwer mer hei zu Diddeleng wierklech frou sinn, déi hu mir och virgestallt kritt.

Mir hunn eng Psychomotricienne och säit kuerzem elo, déi mat de Kanner um Däich schafft an deem Sall. Mir hu Psychologen a Pädagogen um Strutzbiërg, déi agräifen an d'Schoul, wa Problemer sinn.

Also, och do Merci der ganzer Equipe fir dass se esou gutt mat eis zesummeschaffen.

Eng aner gutt Zesummenaarbecht, dat ass net nëmme méi Bildungshaus, mä dat ass all d'Schoulen a Maison Relais, déi fänken un, zesummenzeschaffen, si notzen d'Raimlechkeete besser zesumme wéi dat virdru war. Zu Butschebuerg gëtt mëttlerweil ënnen d'Kiche genotzt, wou se Aktivitéiten zesumme maachen, wou se aus hiren Héichbeeter Zoppen zesumme kachen, och dat klappt wonnerbar.

Aktivitéite wéi de Makerspace, och dat ass eng gutt Zesummenaarbecht mëttlerweil téschent Schoul a Maison Relais, och do ware Reuniounen, déi schaffen elo och ganz vill a gutt zesummen, do huet och ee vun den Enseignanteng eng Decharge kritt fir mat den neien Enseignanteng zesummenzeschaffen.



Dann natierlech och de Pedibus, wat nach net leeft, mä wou ech hoffen, dass mir och do eng gutt Zesummenaarbecht kréie mat der Schoul.

En anere Volet ass d'Famill, och do muss ech ganz éierlech soen, do ass och vill geschafft ginn, den Här Zuang gëtt och vill Gas do. Och him villmools Merci fir déi vill Aarbecht, déi hie gemaach huet.

E puer Saachen, op déi ech wëll agoen, d'Ecole pour parents, déi geet an d'Luucht, déi ass och schonn am Rectifié an d'Luucht gaangen, do ass et esou, dass mir duerch de Coin des parents, wa mir dee wëlle réalisieren d'nächst Joer, an op anere Plazen nach, da brauche mir de Budget an dofir geet deen an d'Luucht.

An och d'Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul, déi ass vill besser ginn, do si vill Aktivitéiten um Terrain.

Babyplus geet erof, dat ass einfach doduerch, dass mir de Règlement de protection des données hunn, si ginn eis e Bréif a mir schécken deen un iwwer d'Population un d'Leit mä d'Reckmeldung sinn net méi esouvill, dofir geet do de Budget erof.

De Familljendag, dat ass déi drëtt Editioun, déi zweet war och exzellent, do geet awer wahrscheinlech den Här Zuang a senger Ried drop an.

Dann aner Saachen, déi och ëmmer ënner der Familljekommissioun waren, dat waren de Mäerchbësch, d'Cité jardinière, mëttlerweil d'Héichbeeter an d'Schoulgäert, wou een sech drëm këmmert, wou vill Reuniounen sinn.

Do ass et esou, dass do eng Verännerung kënnt, dat ass déi Zesummenaarbecht mam CIGL. Vu dass mir der ëmmer méi kréien an déi Héichbeeter immens gutt ukommen, ass et esou, dass den CIGL ab dem nächste Joer den Ënnerhalt vun deene Gäert soll maachen. Et ass esou, si solle selwer Onkraut rapen, wann d'Personal awer mat hirer Klass dohinner kënnt an dann eng Stonn Onkraut rappt, an een nëmmen 1,5 Stonnen huet, da mécht een net méi vill am Gaart. An de CIGL, wéi gesot, ech soen do e grouse Merci well si waren direkt bereet fir do matzehlëfen an an Zukunft den Entretien vun all deene Saachen ze maachen.

Nei Projeten, de Lauschterwee um Gehaansbierg, dat ass e Projet, dee mir mam Nico Brettner maachen, do sollen d'Kanner um Gehaansbierg déi verschidde Statiounen iwwer Geschichten a Kuerzgeschichten, déi am CNA opgeholl ginn, erkläert kréie fir et méi interessant ze maachen.

De Buerfousswee an der Lenkeschlei, do ass e Wee erausgesicht ginn, dee 750 Meter huet, mat verschidde Materialie soll do geschafft, ginn. Den Här Zuang geet dorop nach an, hien huet dee Projet begleet.

Dann de Bëschkierfecht, deen hate mir schonns am Gemengerot, do wëll ech soen, dass mir prett si fir unzefänken. Dat Eenzezt, wou mir nach drun hänken, dat ass den Depliant, wou mir awer keen Impakt drop hunn.

D'Spillplazen, mat deene fuere mer virun an och mat de Schoulhäff. Déi éischt Spillplaz, déi gemaach gëtt, dat ass den Mayrisch Park, do gëtt net dat grousst Spill ersat. Do ass et esou, dass mir eigentlech keng Spiller fir kleng Kanner haten, dofir gëtt dat fir déi Kleng ersat an och dat Spill am Brill, dat gëtt och ersat.

Subsides aux élèves, och dat wollt ech nach soen, do ginn et ëmmer méi Jonker, déi op d'Uni ginn, dofir geet dee Budget och ëmmer weider an d'Luucht.

Maison des Jeunes, ech wëll kuerz dorop agoe well dat eppes ass wat mir um Häerz läit, de Jugendsommer geet an d'Luucht, dat gesitt Dir am Budget, do ass et esou, dass mir 5 Woche maachen an net méi wéi soss 4 Wochen. Mir haten 2018 435 Inscriptiounen, wat der ganz vill sinn, well dat Joer virdru waren et der nëmmen 341, esou dass mir do an d'Luucht gaange si wat déi Participatioun en ubelaangt.

Dann hate mir natierlech d'Maison Relais, déi mat hiren Teens matgemaach huet, dat ass gutt ukomm an och d'Zesummenaarbecht mat de Veräiner war wéi ëmmer exzellent. Mir hate 47 verschidden Atelieren. Ech mengen, Dir wësst wat dat bedeit, mir haten nëmme 5 Wochen, dat ass e risegen Aarbechtsopwand.

Nei Projeten, opsichend Jugendaarbecht, dat heescht net datt si dem Outreach seng Aarbecht maachen, dat heescht einfach, dass si Aktivitéiten ausserhalb vum Haus maachen, also einfach net méi am Haus selwer sinn.





Si sollen och Aktivitéiten an deene verschiddene Quartiere maachen, dat wäert och an där nächster Zäit ulafen.

De Be Active, ech wëll ganz kuerz dorop agoen, dat ass zwar keng Organisatioun vum Jugendhaus mä et ass eng Organisatioun wou mir hei um Diddelenger Terrain maache mam SNJ. Dat ass eng Kontaktbörse fir Jonker an Elteren, wou se kënnen hikommen an d'Firmae kucken, déi mir hei um Terrain hunn, wou si sech kënnen mellen a wou se sech kënnen presentéieren.

Och d'Gemeng ass dobäi, dat ass ganz flott, eis Servicer hunn sech direkt bereet erkläert och do en Atelier matzemaache wou d'Stefania an de Pol presentéieren, wat ee vun Stagen a Studentenjobs op der Gemeng ka maachen.

Outreach huet nei ugefaangen, do si mir och gutt virukomm, et huet relativ vill geschafft, et huet en Handbuch geschriwwen, wéi een d'Ëmsetzung mécht, wéi een un déi Jonk erukënnt, hat iwwerhëlt déi ganz Zesummenaarbecht vum Be active, dat ass relativ vill Aarbecht, well do kommen awer 600 Jonker. Et war och Zesummenaarbecht mat der ADEM, mat der SNJ, dem Lycée, dat leeft alles, an et si bis elo 5 Jonker do gewiescht, déi wierklech Hëllef gebraucht hunn, déi do begleet ginn.

Jugend a Konscht, do ass et esou, dass mir am Januar e Vernissage hunn, dat ass am Hild, dat ass fir déi Wierker, déi am Jugendsommer hiergestallt gi sinn, déi ginn am Hild virgestallt an da gesäit een, wat do geschitt ass.

Ganz kuerz nach, d'Jugendhaus mécht elo nach en Austausch mat de jumeléierte Stied a soss den Internetsite soll neigemaach ginn, den informatesche Réseau an den Exterieur.

An e lescht Wuert zum Jugendhaus, mir kruten en Avis favorable vum Agent régional iwwer d'Konzept vum Jugendhaus, dat all 3 Joer soll neigeschriwwen ginn.

Dee leschten Deel ass d'Informatik, do well ech kuerz mam SIGI ufänken, dee Budget geet an d'Luucht, elo freet natierlech jiddereen firwat geet den an d'Luucht? Et ass esou, dass den SIGI ëmmer méi wisst, ëmmer méi Produiten ubitt, den Moment gi 44 Produite schonns ugebuede vum SIGI, dat verlaangt

natierlech och, dass ëmmer néit Personal bäi kënnt, esou, dass mir an deene Gebaier, wou mir elo sinn, net méi kënnen bleiwen dat heescht mir hunn en anert Gebai gelount, wat méi grouss ass, dat kascht natierlech Loyer, doduerch geet d'Participatioun an d'Luucht a mir sinn amgaangen am Gescome plus ze schaffen, dat heescht deen ass méi performant an dee kann och eng Gestion des déchets maachen an dee ka vill méi wéi bis elo an och dat kascht en Deel méi.

Eppes anescht, wat mir zesumme mam SIGI elo amgaange sinn, wat och ganz wichteg ass fir eis Gemeng, dat ass d'Facture électronique. Mir sinn domadder amgaangen an ab September 2019 wäerte mir als Gemeng Diddeleng eng Facture électronique hunn, wou d'Facturatioun hei vun eis iwwer de Gescom gemaach gëtt, wat bis elo net de Fall war, dofir konnte mir déi Facture électronique och net maachen.

Weider Fraise vun der Informatik sinn natierlech d'Acquisitiounen, Locatiounen an och d'Contrat de maintenance, mir kréien och ëmmer méi Personal, also brauche mir och méi Computeren an esou weider.

Dat alt Policegebai an och d'Maison Relais, wat méi grouss gëtt, dat verlaangt dann natierlech ganz vill.

Dann hu mir nach am Budget eng App stoe vun 20.000 Euro, op déi geet och d'Claudia Dall'Agnol an, dat ass zwar den informateschen Deel, mä hat war do déi dreiwend Kraaft fir déi App ze kréien, well et ëmmer eng Vereinfachung ass wann een eng App huet, wou een dann den Zougrëff huet op déi verschidde Beräicher.

Fir de Cours informatique bleift de Budget wéi all Joer, och dat kennt e grouss Succès, virun allem de Cours fir d'Persounen mat spezifesch Besoinen, deen ass gutt besicht, dee kënnt och gutt un a mir maachen och e Projet zesummen, e "Projet ensemble" wou mir méi dat Soziaalt ervirhiewen. Et si vill Leit, déi kommen an d'Computercoursen fir och Kontakt ze hunn, esou dass mir doraus elo e Projet maachen. Dat wier alles, villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dem Josiane Di Bartolomeo Ries fir d'Virstellung wat seng Ressourcen ugeet, an da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.





**Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech schléisse mech dann all deene Mercien un, déi virdrun un eis Servicer ausgedeelt gi sinn.

Dir hutt elo scho ganz vill Detailer zum Rectifié 2018 an och zum Initial 2019 kritt, ech wäert deemno probéieren, mech esou kuerz wéi méiglech ze faassen awer op meng Ressorten anzegoen ouni awer an all Detail ze verfallen an och ouni lech mat den Zommen dozou ze erschloen, déi Dir am Budget erëmfant an déi, wéi de Buergermeeschter jo och virdu sot, och herno wäerten am Internet stoen. Meng Fraktiounskollegin a -kollege wäerten op eenzel Domainen agoen, wou si d'Presidence an deene Kommissiounen hunn, wat mir dann erlaabt mech an deene Fäll op e Minimum ze beschränken.

Ech fänke wéi all Joer u mam Verkéier. De Parking résidentiel gouf 2017 progressiv weider ausgedeent, esou wéi dës Majoritéit dat och versprach hat.

Fir drun ze erënneren, mir hunn d'Route de Bettembourg, dat Stéck laanscht de Kierfecht, payant gemaach, well sech do Dauerparker breet gemaach hunn an d'Leit sinn net méi bäikomm wann se op de Kierfecht wollten. Deen hu mir also an de Parking résidentiel matgehall, am Quartier hu mir d'Situatioun entspaant, doduerch, dass mir de Leit elo d'Geleeënheet bidden, dass se kënnen eng Vignette huelen, wann se dat wëllen, an hiren Auto op de Parking Tattebiërg stellen an net méi spéit wéi den leschten Gemengerot hu mir eise Parking beim Centre culturel a bäi der Museksschoul mat eragehall an de Parking payant, dat hu mir wéi gesot déi lescht Kéier gestëmmt.

Eise Service ass dann och zesumme mat Komobile amgaangen, eiser Beroderfirma, de Romain Molitor, weider drun ze schaffen, wéi mir dat versprach hunn an eise Walprogramm, de Parking résidentiel ausbauen am Rescht vun Diddeleng. Mir haten och eng éischt Verkéierskommissioun virun enger Rei Méint an eng Diskussioun iwwer dee System, dee kéint interessant sinn.

Et koum an der Diskussioun och nach eng zweet Versioun op an déi ass amgaang gepréift ze ginn.

Ech wëll et awer nach eemol betounen, well de Parking

résidentiel ganz dacks als Allheilmëttel, als Wonnermëttel gepriese gëtt vu ville Leit fir all eis Parkproblemer net nëmmen zu Diddeleng mä allgemeng ze léisen. Dat ass awer net esou, well och Parking résidentiel oder Parking payant ass keng Garantie op eng Parkplaz bäi engem selwer doheem virun der Dier an esouguer net a senger eegener Strooss. Dat bedeit also just, dass Friemer, déi keng Vignette hunn, nëmmen eng begrenzte Parkzäit kënnen do parken, respektiv müssen do bezuelen, an wann se sech net un d'Spillregelen halen, riskéieren e Protokoll ze kréien.

Wann ech soen Net-Awunner, Friemer, dann heescht dat natierlech och de Besuch, dee bäi een heemkënn, fir dee wou eng Vignette huet, do gëllen dann déi selwecht Spillregelen wéi fir all aneren och, dee keng Vignette an där Strooss huet.

Nach eemol, et ass keen Allheilmëttel, wa keng Parkplazen do sinn, da si keng Parkplazen do, Vignette hin oder hir, ech betounen dat och all Joer ëmmer erëm an och bäi all Diskussioun well et a ville Stroossen en hausgemaachte Problem ass. Et ginn nun emol hei zu Diddeleng vill Stroossen, wou d'Haiser weder eng Garage nach eng Afaart hunn a wou dann och d'Stroossen esou konzipéiert sinn, well dat meeschtens ganz al Stroossen an al Quartiere sinn, wou och nëmmen eng Handvoll Parkplazen op der Strooss sinn. Hautdesdaags hunn d'Leit awer dacks pro Stot zwee oder esouguer méi Autoen. Mir entspanen dann d'Situatioun doduerch, dass keng "Friemer" méi dierfen do parken, mä et ass keng Garantie.

Mir hu schonn d'Situatioun entspaant a verschidde Quartieren, virun allem an deenen, wou ech virdu sot, déi méi enk sinn a wou keng Parkplazen, Garagen oder Afaarte sinn, doduerch, dass keng Camionnettë méi dierfen nuets do parken a wann ech scho bäi den Camionnettë sinn, wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass déi Leit, déi eng privat Camionnette als Auto fueren, elo och kënnen eng Vignette kréie fir nuets dobaussen ze stoen.

Dir wësst och, dass mir de System agefouert hunn, dass d'Leit via Smartphone hire Parkticket kënnen huelen.

Dat huet sech och bewäert a mir sinn elo amgaangen, an eisem ënnerierdesche Parking Am Duerf deen och dorun unzeschléissen, fir, dass een, wann dat bis geet, och déi App, déi OP'n'GO heescht, ka benotze fir de Parking Am Duerf ze bezuelen.



A wann ech scho beim Parke sinn, dann ass et vläicht och interessant, ze soen, dass mir während der Chantiersphas vum Shared Space - de Buergermeeschter ass do am Detail drop agaangen, dofir brauch ech dat net méi – déi éischt hallef Stonn Parke ganz gratis maachen.

Ëffentlechen Transport: Dir wësst, dass mir zënter September 2017 de Bus 305 vum RGTR hunn, deen eis Zone-industriellen an och de Staatslabo mat der Gare Beetebuerg verbënnt an deen ass och ganz gutt ukomm an dee funktionéiert jo zu 100% mat Elektroundriff.

Ee Joer zënter dem leschten 11. Dezember, méi genau, fiert dann och den RGTR Bus 207 hei aus dem Stadzentrum direkt op de Kierchbierg. Och dee gëtt genotzt, mä hei hunn och scho vun eis mat der Bedreiwergesellschaft an och vun hirer Säit aus Diskussiounen mam Ministère stattfonnt fir dee Service kënnen ze verbesseren.

Dir wësst, mir sinn iwwer déi Busser vum RGTR net Här a Meeschter, mir kënnen just an Diskussioun trieden a Verbesserungsvirschléi mat op de Wee ginn. Mir probéieren dat och, fir nach méi Leit an dee Bus fir op de Kierchbierg ze kréien, an eis Nopeschgemeng hei vir am Frankräich zu Volmérange-les-Mines, déi ass och schonn un de Ministère erugetruede fir ze froen, ob een de Bus net esouguer kéint bis iwwer d'Grenz bis bäi si verlängeren.

Mir sinn do net Här an Meeschter, mir kënnen do just eis Doleancen an Informatiounen, déi wou mir vun den Notzer kréien, erundroen.

Dir wësst, dass d'CFL hire Carsharing Modell Flex och hei zu Diddeleng zënter dësem Joer ubitt an och si sinn interesséiert fir eventuell nach op enger anerer Plaz wéi ebe just um Parking bäi der Hauptgare hei zu Diddeleng, dat unzibidden.

Den TICE bestellt och fir 2019 nei Busser, dat wieren 9 nei Gelenkbusser a 6 Standardbusser, dat sinn déi vun 12 Meter.

Mir hunn dëst Joer ab Mäerz de Ruffbus, de Flexibus fir Leit iwwer 60 Joer agefouert. Dee Bus funktionéiert zu eiser an awer virun allem och zu de Leit hirer Zefriddenheet a gëtt méi wéi gutt genotzt. Mir hunn am Mäerz domadder ugefaangen, mat ronn 350 Faarten a waren Enn Oktober op 750 Faarte pro

Mount, du simple ou double, hei kann ee wierklech vun enger Success Story schwätzen.

Eise Foussgängerleitsystem gouf dëst Joer jo finaliséiert an ageweit. Heimat wëlle mir jo d'Bierger motivéiere fir méi ze Fouss ze goen, wann se gesinn, dass et eigentlech vun der Gemeng bis op d'Gare nëmmen e puer Minutte sinn, an dass se wahrscheinlech méi schnell ze Fouss si wéi wann se mam Auto am Krees fueren.

Da wäerte mir awer och, an dat ass e Projet am Budget an och en Devis, all eis Foussgängersträifen an deenen nächste puer Joer op de Leescht huele fir, dass déi och all sécher sinn, fir dass se gutt beliicht a gutt gezeechent sinn, fir dass do och kee Foussgänger zu Schued kënnt an si sollen och alleguerten handicapéiertegerecht sinn, respektiv, dass de och mat enger Kutsch gutt erop- an erofkënns an si sollen och all de Virschléi, déi d'staatlech Verkéierskommissioun gëtt, entsprechen.

Da kucke mir och fir eisen ënnerierdesche Parking an eise Parking op der Fohrmannsplatz besser ze bescheldere fir dass jiddereen déi direkt fënnt, deen net vun Diddeleng ass an och net hei ronderëm fiert.

Nodeems mir déi lescht 2 Joer dem Foussgänger méi Zäit gewidmet hunn, doduerch, dass mir de Foussgängerleitsystem entwéckelt hunn an och ageweit hunn, wäerte mir dëst Joer de Vëlo méi genau analyséieren an en Réseau an och éischt Routen entwéckelen.

Déi wou méi laang dobäi sinn, déi wëssen, dass de Romain Molitor schonns eemol en Inventaire gemaach hat, an du gewaart gouf wéi de Shared Space soll ausgesinn.

Do wësse mir elo méi, mir fänken och mat der zweeter Phas vum Chantier un, esou dass mir heirop kënnen gezielt weider schaffe fir och de Vëlosfuerer sécher an och séier an den Zentrum an och duerch Diddeleng ze lotsen.

Och de PROSUD huet dëst Joer zesumme mam Ministère an och de Gemengen eng Analys vun de Vëlostauglechkeet vun eise Stroossen am Süde gemaach an och Virschléi fir e funktionale Vëlosréseau uechter eis Regioun, also duerch de Süde gemaach an déi Analysen an lwwerleeunge sollen dann natierlech och an eis lwwerleeungen zum Vëlo mat erafléissen.



Dann ass eise Service och amgaang ze kucken, wou nach iwwerall Vélosstänneren op ëffentleche Plaze a bäi ëffentleche Gebaier feelen an déi wäerte mir da séier kënnen norüsten.

Dir wësst, dass de Ministère och weiderhin iwwer de Superbus, wéi e genannt gëtt, nodenkt, deen de Süden an d'Stad fir 1-2 Knotenpunkte verbanne soll, och do bleiwe mir um Ball, well mir der Meenung sinn, dass et net vu Muttwëll ass, d'Südgemengen ënnertenee besser a virun allem och méi séier ze vernetzen. Am Juni war um Belval och eng Reunion wou d'Bierger an d'Biergerinnen dem Minister hir Virschléi an hir Doleancë fir eng besser Mobilitéit am Süde mat op de Wee ginn, do waren natierlech och d'Zuchverbindungen, respektiv de schnellen Tram, wat Diddeleng elo méi speziell ubelaangt, en Thema.

Mir hoffen - de Buergermeeschter ass do och schonns drop agaangen - dat Thema a virun allem déi Analys, Zuch versus Tram mat all senge Vir- an Nodeeler séier hei zu Diddeleng mat de Bierger a Biergerinnen ze diskutéieren. Virun enger Rei Méint hu mir dat diskutéiert gehat well déi Viraarbecht, déi soll vum MDDI gemaach ginn, mir bleiwen op alle Fall hannendrun, fir dass mir och kënnen hei de Biergerdialog féieren an déi Analys vun hirer Säit gemaach gëtt.

De Projet Nightrider gëtt zesumme mam PRO-SUD och weidergefuert 2019.

Den Nightlife Bus ass de Bus, deen d'Leit nuets gratis zeréck op Diddeleng bréngt, dee fiert jo zënter dësem Joer freides a samschdes. Mir hunn awer dëst Joer och nei Haltestelle mat bäi geholl, de Bus fiert nämlech zënter Oktober och iwwer d'Schmelz an de Quartier Italien an dat gëllt och fir Sylvester, wou natierlech wéi all Joer och den Nightlife Bus wäert fueren.

Och den TICE fiert jo zënter 2 Joer op den Haaptachsen, dat heescht op den normalen Linnen, freides a samschdes nuets, och dat war och dëst Joer erëm e grouss Succès. Den Nuetsbus vum TICE fiert och d'Virowenter vun de Feierdeeg an op de selwechten Arrête wéi am Dag an och zum selwechte Präis wéi am Dag. Den TICE wäert dat och 2019 weiderféieren.

Ech mengen, dass mir 2019 alles an allem als Gemeng jidderengem d'Méiglechkeet bidden, duerch dës Mesuren nuets sécher heem, zeréck op Diddeleng ze kommen.

De Mobilitéitsdag, dee soll och eng nei Nues kréien, de Gratistransport wärend där Woch wäerte mir dann och nach dëst Joer bäi behalen an dann hoffe mir, dass vum Joer drop un dann de Gratistransport am ganze Land wäert Realitéit sinn.

Mir wëllen awer virun allem och d'Leit belounen, déi den ëffentlechen Transporter elo schonn notzen a mir wëllen dozou och bäidroen, dass e méi verstärkt genotzt gëtt, doduerch, dass mir informéieren, sensibiliséieren an och wëllen incitéieren, en ze notzen a mir wäerten och zu deem Zweck eng Mobilitéitsbroschür erausginn.

Fir dass et och angenehm ass, den ëffentlechen Transport ze notzen, kucke mir iwwerall duerch Diddeleng, wou mir Arrête hunn, op en do kann e Bus-haischen oder en Iwwerdaach zum Beispill installéieren. Dir wësst, dat ass net iwwerall méiglech - an och eventuell eng Sätzgeleeenheet installéiert ginn.

D'Chargy-Bornë fir d'Elektroautoen, déi sinn dëst Joer jo och alleguerten op den designéierte Plazen installéiert ginn.

Da kéim ech schonns zur Voirie. Wann ech Voirie soen, da wësst der, do gëtt gebuddelt a wa gebuddelt gëtt, dann ass dat zwar fir eng gutt Saach, mä bis déi gutt Saach Realitéit ass, bis d'Leit dat gesinn, bis dat zum Virschäi kënnt, sinn d'Leit ganz dacks genervt vun de Chantieren.

Wa mir wëlle mat propperem Gas, Waasser, Stroum an deem séieren Internet wat haut vu jidderengem verlaangt gëtt, eis Awunner an d'Schoulen an all déi, déi heihinner schaffe kommen, wa mir déi wëllen domadder versuergen, da komme mir net derlaanscht, eist Netz komplett à jour ze halen.

Dir wësst, Leitungen déi hunn ëmmer nëmmen eng begrenzte Liewensdauer, éier se mussen ersat ginn. Dofir hu mir och dëst Joer esou wéi all déi Jore virun déi néideg Montanten am Budget stoe fir déi Stroossen, déi Dir alleguerten am Detail an och mat de Montanten am Budget erëmfant, net nëmmen ënnerierdesch mä och dat wat d'Leit gesinn, nämlech d'Strooss selwer ze erneieren.

A wat déi Chantieren, déi d'Leit ganz dacks opreegen, ugeet, huet eng Ausso an der "Süddeutsche Zeitung" mir gutt gefall an ech well lech déi net virenthalen.



Do huet de Kolumnist Axel Hacke geschriwwen: *“Es ist ja die Baustelle an sich, die das Leben lebenswert macht, sie steht für Aufbruch, Zukunft, Unzufriedenheit mit dem Bestehenden”*, ech wäert dem näischt mei bäifügen.

Eis Servicer wäerten och an Zukunft nach méi einfach ze erreeche sinn, dat ass déi App, vun där d'Madame Di Bartolomeo geschwat huet, déi huet eng Funktioun Report it. Eng ganz Partie Leit vun lech wäert dat eppes soen, well et dat an aner Gemenge gëtt, déi dat hunn. Dat ass wann Dir dobausse feststellt, dass zum Beispill eng Stroosseluucht net geet, da kënnt Dir dat fotograféieren an dat direkt un d'Gemeng eraginn, via Äre Smartphone.

Dat heescht, Dir kënnt also direkt melle wann eppes net funktionéiert, Dir braucht net ze waarde bis den Dag duerno, eventuell wann Dir dat owes gesitt, dass dee Service ophuet, Dir braucht net ze telefonéieren, Dir braucht keng E-Mail ze schreiwen, Dir huet einfach Äre Smartphone, Dir maacht eng Foto vun dem wat net funktionéiert oder an ären Ae misst verbessert ginn a schéckt dat un eisen Service eran. Dat ass eng vun de Funktiounen vun där App, déi wichteg ass ze ernimmen.

Zu der Museksschoul: Dir wësst mir hunn eng ganz aktiv, regional Museksschoul an déi waren och dëst Joer all Dag um Dill fir méi wéi 1.100 Kanner, Jugendlecher an Adulten e qualitativ héichwäerteg Museksunterrecht kënnen ze bidden.

Dir wësst och, dass mir zënter deem Schouljoer eng Konventioun mat der Gemeng Käl-Téiteng hunn an, dass déi Zesummenaarbecht fir déi 2 Parteie vu Virdeel ass. Ech ginn do elo net weider op all d'Detailer an, well mir haten déi réischt de leschte Gemengerot um Ordre du jour, wou och eisen Direkter hei war fir Froen ze beäntweren, esou, dass dat eigentlech nach ganz rezent a frësch misst sinn.

Just eng Info awer, mir hunn dëst Joer en Uwues vun Schüler a Schülerinne gehat an dofir musse mir am Budgetsartikel d'Matériel de musique e bëssen eropgoe fir eise Parc locatif ze erweideren.

Zum Tourismus, mir organiséieren natierlech weider eis Visite-guideen, déi d'Leit hei an der Gemeng och kënnen buchen.

Da ginn national erëm Formatiounen ugebuede fir Guide ze ginn, dat ass vum ORT Süden. Wann ech soen, ORT Süden, da wësst Dir, dass mir zënter enger Rei Jore schon am Verbond mat aneren Südgemengen als ORT Süde schaffen an och do wäert sech dat nächst Joer näischt änneren, well si e ganz flotten Internetsite och hunn, op dräi Sproochen, wou d'Leit alles erëmfannen, wat duerch eis Region leeft.

Si hunn och déi Mountainbike-Trails mat ausgeschafft, déi bii eis op der Haard dann uginn an déi dëse Summer, wahrscheinlech och bedéngt duerch dat gutt Wieder, e grouse Succès haten, net nëmme bii den Touristen, mä och bii eisen Awunner.

Et gëtt och reegelméisseg eng Broschür erausbruecht, wou Dir alles dran erëmfant, wat hei am Süde lass ass an et gëtt och eng Brochür erausginn iwwer d'Visite-guidéen an do fannt Dir alles erëm wat ee ka visitéieren, duerch de Süden an och eng Rei Rondgäng. Och dat ass net nëmme geduecht fir auslännesch Touristen, mä och fir den Inlandstourismus. Mir hunn eis Dumpingstation verbessert, mir hunn eng Wäschanlag fir Mountainbikes installéiert, mir hunn de Syndicat d'Initiative personnell verbessert a mir hunn en neie Stadplang erausginn.

Mir probéieren eisen Deel dozou bäizedroen, dass Diddeleng op der Landkaart fonnt gëtt, mir wäerte sécherlech ni mat de ganz grouse Touristestied kënne mathale mä mir brauchen eis an eise Patrimoine awer net ze verstopen.

Alles an allem huet sech déi gemeinsam Aarbecht mat de professionelle Mataarbechter gelount, dofir gëtt se och weider gefouert, am Verbund mat deenen anere Gemengen, an ech schwätzen hei bewusst vun der Region Süden, net vun Diddeleng eleng well et besser ass eng Region an och gemeinsam eppes ze vermaarte wéi wann ee ganz eleng struwelt.

De Verbond, dass mir am Süde schaffen, do wësst Dir, dat gëtt eis Recht, dat huet eis och eppes bruecht well den Titel vun der Europäescher Kulturhauptstad u Land ze zéien, hätt sécherlech net eng Gemeng eleng fäerdeg bruecht.

Zum Jumelage, do bleift ze soen, dass eis nei Jumelagekommissioun dëst Joer zu Manom dobäi war wou hiert Jumelagefest war, dass se mam Jugendhaus





kucke fir eis Jonk a Jumelagestied verstärkt zesummenzebréngen an een deen aneren ze entdecken.

Ech ginn do net an Detailer, d'Presidentin vun der Tourismus- a Jumelagekommissioun sëtzt hei an si wäert och sécherlech nach op dat eent oder anert kennen agoen.

Et bleift awer ze hoffen, an dee Message ginn ech all Joer erëm, dass eis Clibb an Associatioune verstärkt wëlle mat de Partnergemengen zesumme kommen. Eenzel Clibb hunn dat och scho méi dacks gemaach an dat war ëmmer ganz flott a fir jiddereen interessant.

D'Gemeng an och sécherlech déi zoustänneg Kommissioun ass bestëmmt bereet, Clibb an Associatioune weider ze ënnerstëtze wann se op dee Wee ginn. Dofir, déi Leit déi a Clibb aktiv sinn, déi kennen dat roueg mat op de Wee huelen an e Projet ausschaffen.

Vum Jumelage weider zur Integratioun, mir hunn d'Chance, hei zu Diddeleng iwwer 100 verschidden Nationalitéiten ze hunn. Dat ass eng Beräicherung, de Schäfferot an dës Majoritéit, a virdrun ass jo och an enger Interventioun Riets gaangen, dass deen och der Meenung ass, dass mir d'Integratioun solle weider ënnerstëtzen, op alle Fall ass dës Schäfferot natierlech erëm eng Kéier um Dill fir d'Integratiounskommissioun och weiderhi mat deenen néidege Mëttelen auszustatten, net nëmme fir hir Fête des Cultures ze organiséiere mä natierlech och déi, well dat all Joer e flotte Rendezvous ass. D'Integratiounskommissioun hat och dës Joer eng ganz Rëtsch vu flotte Projeten, ech erënnere just un hire Spot "Wéi wielen ech richteg" och hei wëll ech net an Detailer agoe well Martin Bodry-Kohn, d'Presidentin dovunner, sécherlech och nach wëll dat eent oder anert dozou soen an ech wëll do net virgräifen.

Zum Volet Integratioun gehéieren awer och eis Sproochecoursen, déi mir zënter enger laanger Zäit ubidden. Mir haten d'lescht Joer 800 Participanten an deene Coursen fir Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugiesesch.

Dir wësst, niewent deene, wat eis eege Course sinn, ginn och hei an der Gemengen nach Italieneschcoursen ugebueden an och déi ënnerstëtze mir weider.

Eise Projet Ensemble huet och eisen Tandem de langues ugebueden.

Dir wësst, dat ass e kreative Projet fir d'Méi-sproochegkeet an d'Interkulturalitéit ze fërderen, hei treffen sech Leit vun allen Alteren an aus deene verschiddenste Kulturen, fir sech an där enger Sprooch, déi deen ee léiert an deen anere scho kann, sech dann an där Sprooch auszetauschen.

Zil ass et och hei, Lëtzebuergesch eisen auslännesche Matbierger méi no ze bréngen an d'Ina Tereziu, d'Responsabel vum Projet Ensemble, ass amgaangen, sech och hei nach aner flott Modeller unzekucke fir dass jiddereen d'Méiglechkeet huet fir op eng flott an interessant Manéier eiser Lëtzebuergesch Sprooch mächtig ze ginn.

De Projet Ensemble bitt awer och eng Rei aner Saachen un, déi meescht vun lech kennen déi Saachen, dat geet iwwer Sportskursen, iwwer Permanenzen an Informationsversammlungen an natierlech gëtt dee Programm och weidergefouert, mä si loossen sech wéi all Joer eng Partie nei Saachen afalen, ech zielen déi elo net all op, mä ech géif awer eraussträichen d'Installatioun vu sougenannte Giftboxen, op Däitsch Geschenkbuden, wat net méi gebraucht gëtt, mä awer nach gutt ass kann een an dës Box leeën an dat geet da gratis iwwer an aner Hänn, dat heescht un deen, deen et gebrauchte kann, eng flott Win-Win Situatioun also.

Voilà, ech kommen da lues a lues zum Schluss, ech hu probéiert, net an all Detail anzegoen an lech mat den Zommen ze erschloen, déi Dir all am Budgetsdocument erëm fannt.

Ech soen et awer all Kéier um Schluss vun de Budgetsdebatten an dat scho säit Joren, dat ech dee Budget ënnerstëtzen, well en den Prinzipien, vun menger Partei, der LSAP gerecht gëtt an déi mir och perséinlech als Sozialistin um Häerz leien. Dat sinn Fräiheet, Solidaritéit a Gerechtegkeet an och Sécherheet a vu, dass dat an dësem Budget wéi all Joer net anescht ass, kann ech wéi all Joer dës Saz erëm widderhuelen an ech weess, dass et engem gudden Deel hei an dem Sall genau esou geet. Merci fir d'Nolauschteren.

### 3.3. Festleeë vun de Gemengentauxe vun der Grondsteuer fir d'Joer 2019

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci Claudia Dall'Agnol. Ech mengen, mir kennen elo d'Ronn schlësse vun der Presentatioun vum Budget



2019 mat senge politesche Prioritéiten an - wéi gesot – den nächste Freiden ass et dann hei un de Conseillere vun deene verschiddene Parteien, Stellungnam dozou ze huelen.

Ech soen hei emol erëm dem Schäfferot Merci fir deen Exercice an ech géif lech dann elo proposéieren, dass mir mam Ordre du jour weiderfuere well mir hunn en zimlech chargéierten Ordre du jour mat enger Rei Punkten drop. Mir musse kucken ob mir d'Mëttegstonn do mathuelen oder eng Paus um 12 Auer maachen, dat gesi mir wéi et geet an dann decidéiere mer dat zesummen.

Ech géif weiderfuere mam Impôt foncier, dee musse mir all Joer fixéieren, déi verschidden Tauxen, ech ginn nach eemol op déi verschidde Kategorien an.

Dat ass d'Kategorie A, dat ass alles wat Agricole a Bësch ass, do ass en Prozentsaz vun 500 Euro, d'Kategorie B1, dat sinn Constructiouns industrielles ou commerciales, 750 Euro, B2 alles wat à usage mixte ass 500 Euro, B3 ass alles wat Autres usages ass, dat ass 250 Euro, dann eben, wat meeschtens de Fall ass, dat ass Maisons unifamiliales a Maisons de rapport, B4 250 Euro, B5 ass Immeubles non bâtis oder Terrains à bâtir à l'état d'habitation, 500 Euro an och de B6, dat sinn déi fräistehend, dat si 600 Euro.

Ech proposéieren also hei, dass mir dee selwechten Taux bäibehale wéi déi Jore virdrun. Dir hutt jo och elo am Kader vun der Budgets-presentatioun eraushéieren, wat den Impôt foncier ausmécht, liicht iwwer 800.000 Euro an eisem Budget, also eng kleng Recette, mä et ass jo och virgesinn, an ech hoffen, datt et kann ëmgesat ginn, dass déi Reform vum Impôt foncier dës Legislaturperiod kann iwwer d'Bühn goe fir dass eng méi konsequent Recette ka si fir de Staat, respektiv d'Gemeng.

Voilà, dat zum Impôt foncier an d'Diskussioun, respektiv d'Stellungname sinn op.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci, mir droen dat mat mä et ass wéi Dir sot, wat onbedéngt op de Leescht muss geholl ginn, ass eng national Reform vum Impôt foncier an Dir hutt et gesot, dat ass um Ordre du jour vun der neier Regierung an do hoffe mir, dass sech do eppes deet, virun allem fir déi eidelstoend Baulücken-Terrainen, déi net genotzt ginn, dass een do awer deen néidege Geste mécht an déi

Leit dozou incitéiert fir awer déi Terrainen zur Verfügung ze stelle fir se ze bebauen. Also, mir droen déi heite Fixatioun awer mat.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci der Madame Kayser och fir hir Zoustëmmung. Madame Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**Romaine Goergen (Déi Gréng):** An deem Sënn géife mir als Gréng Fraktioun och deem Ganzen zoustëmmen, och mat de Remarquen, déi d'Madame Kayser gemaach huet. Also, besonnesch fir d'Baulücken an d'Terrainen, déi brooch leien, soll gekuckt ginn, datt se séier genotzt ginn. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci der Madame Goergen, sinn nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Wéi gesot, ugangs hunn ech gesot, dass et um Programm steet vun dëser Regierungserklärung, dass eng Reform vum Impôt foncier soll gemaach ginn an d'Iddi ass jo och, dass dat an de Kader gesat gëtt och vun den neie PAGen, déi mir kréien.

Et soll éischter jo an déi Richtung goen, dass déi Leit, déi Terrainen hunn, dass déi manner besteiert gi par rapport zu deenen, déi Terraine broochleie loossen. Dat ass e Mechanismus, deen an der Regierungserklärung effektiv och dran ass, dass dat en Incentive ka sinn, mä nach fir bis dohinner ze kommen ass e wäite Wee. Dofir musse mir déi heiten Tauxe stëmmen fir dass mir dat och esou kënnen a Rechnung stellen.

Ass de Gemengerot mam Impôt foncier fir d'Joer 2019 averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.4. Approbatioun vun der Konventioun fir d'Bereetstellung vun engem Terrain fir d'Associatioun "Natur & Ëmwelt a.s.b.l. "**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir op deen nächste Punkt eriwuer, dat ass am Fong eng Konventioun, déi mir maachen als Stad Diddeleng mat Natur & Ëmwelt an am Fong geet et hei ëm d'Fleegestatioun fir wëll Déieren an der Le'h, déi e Vorzeigekarakter huet an eenzegaarteg hei am Land ass, wat am Fong eng national Opfänkstatioun ass, e feste Bestanddeel vun Diddeleng.



Dir hutt et jo mat kritt, dass si d'Bestriewen hunn, Renovatiounen ze maachen, respektiv d'Fleege-statioun auszebauen, wou si och als Natur & Ëmwelt de Bauhär wäerte si fir dee ganze Projet.

Do ass et esou, an dëser Konventioun stelle mir hinnen Terrainen zur Verfügung ënner verschidde Konditiounen, fir dass si deen Ausbau kënne maachen.

Dat heescht, mir hunn hei als Gemeng eng Surface vun 2 Hektar, 18 Ar an 20 Zentiar. Et muss ee soen, dass dat déi ganz Surface ass, wou souwuel d'Fleege-statioun drop ass, wou souwuel d'Société agricole drop ass, wéi och den Déierenasyl a vun deenen 2 Hektar stelle mir am Fong 1 Hektar, 22 Ar an 70 Zentiar der Natur & Ëmwelt zur Verfügung fir hire Projet ëmzesetzen, wëssend, vun deenen 1 Hektar an 22 Ar ass elo schonns 43 Ar am Besëtz vun Natur an Ëmwelt, well se jo schonn do sinn. Si kréien also nach zousätzlech 80 Ar, déi nei dobäikomme fir op déi 1,23 Ar ze kommen.

D'Durée vun der Konventioun, wëssend, dass dat heite jo e Projet ass, wou si Bauhär sinn, wou een am Fong eng Rei Jore brauch fir en ëmzesetzen, hu mir hei an d'Konventioun gesat, dass déi fir 30 Joer an enger éischer Phase leeft an dass se herno par reconduction iwwer successiv Tranchë vun 10 Joer ka weidergefouert ginn, dass mir déi Mise à disposition à titre gratuit maachen, dass natierlech den Terrain just ebe fir d'Fleege-statioun an nëmme fir dat ka genotzt ginn, dass keng Souslocatioun do méiglech ass, dass all Amenagement a Konstruktiounen, déi do gemaach ginn, natierlech och am Kader vum Ausbau an Aval brauche vun der Gemeng Diddeleng, natierlech dofir och déi neideg Baugeneeh-megunge ze froe sinn.

Dat ass e Projet, dee mat der Gemeng och zesumme gekuckt gëtt, well mir eng Gemeng sinn déi Baugeneehmegunge muss ausstellen, do sinn och eng Rei Reuniounen, déi stattfonnt hunn, an natierlech, wann déi Situatioun géif antreffen, dass Natur & Ëmwelt sech géif opléisen, da géif natierlech alles an d'Propriétéit vun der Gemeng zeréckfalen.

Dat ass de Kader, dee mir gesat hunn, wat d'Mise à disposition vun deem doten Terrain ugeet, a wann eventuell, wat mir awer net mengen awer net hoffen, wann e Litige sollt opkommen, dass dee classesch vun de Lëtzebuerger Gerichtsbarkeete soll tranchéiert ginn.

Voilà, dat eben zu dem Contenu vu dëser Konventioun, wat d'Fleege-statioun hei zu Diddeleng ugeet, déi, mengen ech, jo ganz vill Succès huet an ëmmer méi sollicitéiert gëtt. Dëst zu der Konventioun an d'Diskussioun an d'Stellungsname sinn op.

**Sylvie Andrich-Duval (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, mir begrëssen natierlech, dass hei d'Wëld-déierestatioun ausgebaut gëtt well - wéi jo och aus dem Bericht vun hinnen ervirkënnt - ëmmer méi Déieren do ageliwwert ginn a musse gefleegt ginn an ee vun de Punkten ass deen, dass fir déi wëll Déieren erëm un d'Natur ze gewinnen, dass do och méi grouss Voliëren da gebraucht ginn.

Dat ass ee vun den Aspekter fir dat méi aartgerecht da kënnen unzepassen.

Ech hat awer elo net eng präzis Fro zu der Konventioun selwer, ech denke jo, dass d'Gemeng sech do déi verschidde Garantië gi gelooss huet, mä et gi jo awer elo nach an aneren Uertschaften am Land där Fleege-statiounen do gefërdert, wéi zu Klierf, zu Fehlen oder zu Jonglënster an do wollt ech froen, sinn déi Gemengen och un de Finanzement hirersäits beedelegt oder ass Diddeleng do eleng, déi sech hei mat engagéieren an de Finanzement vun esou enger Saach? Summa summarum ënnerstëtze mir als CSV natierlech, dass se soll ausgebaut ginn an dass aartgerecht Méiglechkeete geschaf ginn.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci der Madame Andrich, den Här Garcia huet d'Wuert.

**Robert Garcia (Déi Gréng):** Merci fir d'Wuert, ech maachen et ganz kuerz, ech bedanke mech och fir de Projet a mir brauchen der Natur & Ëmwelt net ze erklären, wat een an enger Zone verte dierf bauen a wat net.

Ech hätt just eng Verständnesfro: Dir hat gesot, si bräichte fir dat wat se bauen d'Autorisatioun vun der Gemeng. Mussen se awer net och d'Autorisatioun vun der Ëmweltverwaltung hunn, well et ass jo awer e groussen Agrëff an d'Gréngzon, och wann se nützlich ass, a fir d'Recupératioun vun der Gréngzon?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dem Här Garcia, gëtt et nach weider Froen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da ginn ech op déi Froen an.



Et ass esou, dass Natur & Ëmwelt hei als ASBL optrëtt an dass d'Ëmsetzung vun deem Projet jo Subside vum Staat kritt fir déi Extenssioun, mir eis jo och bereet erkläert hunn, dee Projet finanziell ze ënnerstëtzen, respektiv och Terrainen zur Verfügung ze stellen, well eis dru läit, dës national Opfänkstatioun hei zu Diddeleng ze halen, dat einfach vum Prinzip hir.

D'Iwwerleeung vun den Dropboxen, déi effektiv méi dezentral ugesidelt sinn, dat ass jo e Projet vun Natur & Ëmwelt mam Staat zesummen, ebe fir schonn dezentral Opfänkstatiounen ze maachen, déi awer schonn en anere Charakter hu wéi déi heiten. Déi kommen op Diddeleng an hei zu Diddeleng wäerte mir dann déi néideg Installatioune fannen, wou dann och de Veterinäre ass fir natierlech déi néideg Interventiounen ze maachen, déi néideg Fleeg, dat ass eng ganz aner Ausrichtung par rapport zu der nationaler Statioun, esou dass och hei déi Contribution financière vun anere Gemengen net spillt, well d'Ausrichtung eng komplett aner ass.

Et ass an der Komplementaritéit an et ass och am Kader vun der gudder Zoufuer vun Diddeleng. D'Approche ass, wéi gesot, eng aner, déi Drop-offe si jo keng national Referenzzentren, mä et si Boxen, wou een en Déier kann hiféieren a vu wou et dann op Diddeleng herno gefouert gëtt.

Et ass richtig, wat den Här Garcia gesot huet, hei brauche mir effektiv nach eng ganz Rei Autorisatiounen, notamment och déi vun der Ëmweltverwaltung.

Ech hat ugangs och am Kader vum Budget gesot, dass mir jo och Etüde maache well mir Proprietär si vun den Terrainen, och fir déi ganz Reseauen, wat dee Site ugeet, well jo dann och dräi Acteuren op deem Terrain sinn a mir hunn och déi Iwwerleeung, dass mir duerch déi verschidden Autorisatiounen, déi mir och vun der Ëmweltverwaltung kréien, a Richtung vun enger Zone spéciale ginn, well mer engersäits d'Déierenasyl do hunn, mir hunn eng national Statioun fir d'Fleegestatioun, mir hunn d'Société SYVICOL, wat herno am PAG awer och méi als Zone spéciale erausgehewe ka ginn.

Dat sinn déi Iwwerleeungen, déi mir gefouert hunn, déi mir kënnen ëmsetzen. Natierlech brauche mir well mir jo an der Gréngzon sinn, och nach déi néideg Autorisatiounen, mä fir einfach mol en Ausbléck ze ginn a wéi eng Richtung dat herno kann histeieren,

well mir jo och aner Zone-spécialen hei zu Diddeleng hunn am Kader vum PAP - ech denken och un den Kräizbiereg - esou dass dat eng Iddi ka si fir datt een an déi Richtung am Kader vun der Refonte goe kann, mä bon, dat sinn Ufanksdiskussiounen, déi musse weidergefuert ginn. Voilà, dëst gesot, Madame Andrich?

**Sylvie Andrich-Duval (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, ech hätt nach eng Zousazfro, well Dir vu Zone-spécialë schwätzt, et kënnt engem zu Queren, dass op ëmmer méi Plazen Demandë sinn, fir zum Beispill Hondspensiounen ze maachen also elo net Hënn oder Déieren, déi ausgesat ginn, mä wou d'Leit kucken, hir Déieren a Pensioun ze ginn, während se an der Vakanz sinn.

Do ass schonn déi eng oder aner Question parlementaire doriwwer gestallt ginn, do war ni esou richtig kloer, a wéi enger Zon esou eppes kéint stattfannen. Wier dat net och villäicht en Aspekt, wat esou an eng Zone spéciale kéint passen, well ech kéint mir virstellen, dass eng Stad wéi Diddeleng oder méi regional gesinn, och esou Besoinen hätt, fir dass Leit, déi hir Déiere gär gutt versuerge loossen, net déi, déi se aussetzen, dass déi och eng Méiglechkeet hätten. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, et ass eng Iwwerleeung wäert. Dass een elo eng Hondspensioun op deem dote Site maache kann, dat ass zimlech schwierig well d'Propriétéitsverhältnissen, déi sinn déi se sinn, dat heescht déi dräi Acteuren hunn elo schonns d'Vergab vun dem Terrain gemaach, do ass elo keng Plaz méi fir en zousätzleche véierte Projet, wat dee Site ugeet.

Näischt verhënnert awer, dass een déi Idee ophëlt a kuckt ob et aner Méiglechkeete gi fir dat ëmzesetzen. Et muss een awer soen, dass à ce stade mat enger Demande vun enger Hondspensioun nach net un d'Gemeng erugetruede gouf. Et ass awer eng Iddi, déi net oninteressant ass.

Voilà, da komme mir zu der Ofstëmmung vun där Konventioun. Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.





### 3.5. Approbatioun vun enger Cession gratuite fir en Terrain zu Diddeleng an der rue Milly Steinmetz-Ludwig

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir op den nächste Punkt iwwer, dat ass och eng Cession gratuite, déi mir kréien an der Rue Milly Steinmetz-Ludwig, do geet et am Fong ëm eng Cession gratuite vun engersäits dem Här Jean-Marie Konz an der Madame Nancy Meisch an awer och der Sociétéit Stugalux Construction S.A., déi zedéieren un d'Gemeng Diddeleng en Terrain an der rue Milly Steinmetz-Ludwig, dat si 46 Ar a 45 Zentiar.

Déi gratis Cessioun mécht sech am Kader vun der Konventioun vum PAP Lenkeschléi vum Juli 2016, et ass am Fong en Terrain just en face vun der Spillplaz am Quartier Lenkeschléi, an do geet et dorëms, deen Terrain ze kréie fir d'Bildungshaus Lenkeschléi drop ze bauen.

Dat heiten ass am Fong d'Exekutioun vum PAP, esou wéi et och an deem Artikel drasteet, net méi an net manner, fir dass dann och elo nom Zouschlag a wou d'Autorisatiounen jo och do sinn, d'Aarbechte kënne lassgoen. Voilà, dat zu der Cession gratuite. Gëtt et Froen dozou? Här Gangler.

**Jean-Paul Gangler (CSV):** Kënnt Dir mir soen, ob dat do déi Terraine sinn, wou ech mech esou vague erënnere kann, dass hien déi, deemools wou mir de PAP gemaach hunn vun der Gemeng fir näischt kritt huet? Esou eppes hunn ech nach an Erënnung.

Et war nach eng Diskussioun iwwer dee Wee, dee laanscht deem leschten Awunner vu Lenkeschléi säin Terrain gaangen ass, ob dee sollt e séchere Schoulwee ginn? Do kann ech mech vague erënnere, mä u keng Detailer méi. Ech ka mech just erënnere, dass zu där Zäit Stugalux Terraine fir näischt vun der Gemeng kritt huet.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Also, hei exekutiere mir wéi gesot dat wat am PAP Lenkeschléi stoung. Wat laanscht d'Schoul geet an dat war déi Diskussioun ronderëm de PAP, dass am Fong d'Rue Lenkeschléi jo net opgemaach gëtt mä dass en Trëppelwee do laanscht féiert. Et ass jo eng Connexioun gemaach gëtt am Kader vun der Mobilité douce, mä deen heiten Terrain ass en Terrain, deen an der Propriétéit ass vu Stugalux, dee wou si kaf hunn als zwou Parteien a wou mer am Kader vun der

Entwécklung vun deem neie Quartier gesot hunn, am Kader vun deene 25% ënnert anerem, déi och hei matspillen, dass dat muss un d'Gemeng cedéiert ginn, als Propriétéit zousätzlech ouni Soutle fir dass mir eng Schoul kënne drop setzen. Dat ware jo d'Konditiounen vun der Stee deemools.

Voilà, ass de Gemengerot mat dëser Cession gratuite averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### 3.6. Approbatioun vun engem Acte d'échange mat dem Staat Lëtzebuerg

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da géife mir weider fueren, elo gi mir vu Lenkeschléi an de Bierenger Quartier, wou och d'Bierenger Kiermes ass, do maache mir en Echange, de Staat mat der Gemeng. Dat heescht, de Staat zedéiert eis 98 Zentiar a mir ginn dem Staat 70 Zentiar, dat Ganzt mécht sech am Kader vun der staatlecher Baulück, déi do gemaach ginn, engersäits kréie mir, dat gesitt Dir op den Zeechnungen, vum Staat engersäits en Deel vum Trottoire, deen nach a senger Possessioun ass, respektiv zedéiere mir him en Deel vun eiser Propriétéit fir dass en dee Projet do maache kann, wou virun allem de Fonds de Logement Bauhär ass.

Dofir hu mir deen Acte de cession gratuite hei virleien an ech wollt awer do och präzisieren, dass éier mir hei den Echange maachen, dass mir och nach hei am Kader vun der Deliberatioun, déi mir hei hunn als Gemengerot, dass mir do e Klassement maachen, den Domaine de la voie publique mussen mir als éischt an den Domaine communal privé ëmklasséiere fir duerno dem Staat et och kënne ze zedéieren. Gratis. Dat ass eng Formalitéit, déi net onwichtig ass.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### 3.7. Approbatioun vum ofgeännerten Devis vun 330.000 Euro fir d'Reamenagementsaarbechten op de Spillplazen

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da géife mir weiderfueren op eng Rei Devisen, déi effektiv sech an d'Exekutioun aschreiwé vun der Budgetserklärung an och vun deene Prioritéiten, mä den Devis ass jo am Fong dee politeschen Aval, dee mir eis siche gi fir déi Projeten ëmzesetzen.



Engersäits hu mer hei den éischten Devis remanié, wat eis Spillplazen ugeet, wou mir 28. Januar 2015 en Devis hate vun 100.000 Euro, elo en zousätzlechen Devis vun 230.000 Euro, dat heescht dat Ganzt eis 330.000 Euro, a wéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries a senger Erklärung gesot huet, hei geet et ëm den Mayrisch-Park fir do Spiller ze maache fir Kanner vun 0-2 Joer, respektiv och bäi der Spillplaz am Brill vis-à-vis vun der Struktur vum Kräizbiert fir och do Spiller ze maachen, déi méi adaptéiert si par rapport zu den Awunner vum Foyer, respektiv ass dat och eppes wat mir mam Foyer zesumme gekuckt hunn, dofir hutt Dir och den Devis hei virleien. Si Froen oder Remarquen dozou? Här Martini.

**Claude Martini (CSV):** Ech mengen, dat mat der Spillplaz ass wierklech ze begréissen, well néierens an Diddeleng ass eng Spillplaz, wou ee mat Kanner kann higoen zwëschent 0 an 2 Joer, dofir mengen ech, dass dat de richtege Wee ass.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, nach weider Stellungnamen? Här Gangler.

**Jean-Paul Gangler (CSV):** Ech wollt effektiv nach Detailer froe well dat Ganzt ass elo fir mech e bësse konfus. Ech war deemools am Summer 2016 op der Aweigung vun deem grouss Spill am Mayrisch-Park. Ech mengen, do hat Dir e Montant lancéiert vun 100.000 Euro. Da ware mir och nach an der Crèche vis-à-vis fir do nach eng kleng Spillplaz anzeriichten, do hat Dir vun 150.000 Euro geschwat.

Sinn dat vun deemools vun deem Spill déi 100.000 Euro vun der éischter Tranche, wéi Dir gesot hutt, vun 2015, an elo kommen 230.000 Euro dobäi fir déi kleng Spiller am Mayrisch-Park a fir déi Spillplaz beim Foyer? Mä déi éischt Tranche, war dat dat grousst Spill am Mayrisch an déi kleng Spillplaz do vis-à-vis?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Et ass ganz einfach, et separat ze consideréieren, dat heite sinn déi Adaptatiounen, déi mir maachen am Mayrisch-Park op där Spillplaz, fir Kanner spezifesch vun 0 bis 12 Joer, dofir brauche mir en zousätzlechen Devis, respektiv fir déi Projeten ze maachen am Brill.

Dat heescht, den éischten Devis, dee mir hei haten, war fir dat grousst Spill, wat jo net fir Kanner vun 0-2 mä fir méi grouss Kanner ass a vu dass mir hei awer eng Spillplaz hunn, déi awer zimlech vill genotzt gëtt

wollte mir do ufänken an et ass net ausgeschloss, dass mir op aner Spillplazen déi Akzenter setze fir Kanner vun 0 – 2 Joer.

**Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP):** Villäicht ganz kuerz dozou, et ass esou, dass net nëmmen d'Spiller do gemaach gi fir dee Präis mä et do ass och déi Sandkaul, déi net genotzt geet well näischt dran ass. Do sinn och Alentouren, do ginn d'Steng geréckelt, dat gëtt vill méi kannerfrëndlech gemaach. Also, et ass net nëmmen d'Spill mä och déi ganz Saache ronderëm.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Ech hunn och nach eng Fro well hei steet och am Devis estimatif, an der Ecriture uewen, also Park Mayrisch, Brill, rue Victor Tesch, an da steet och Balzeng, Boujel a Suebelkaul dobäi.


Do war dann elo d'Fro firwat dat och elo mat hei drasteet?

Ech hunn och eng technesch Fro: Firwat hu mir deen Devis vun 2015 net ad acta geluecht an einfach hei en neien Devis gemaach? Firwat ass dat net méiglech, dat ass e bëssen onlogesch, dat gesäit ëmmer e bësse blöd aus, et gesäit aus wéi wann een en Depassement gemaach hätt vun engem initialen Devis, wat awer dobaussen net esou gutt mécht.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Also, ech ka villäicht dozou eppes soen, hei ass e Gesamtbudget wat de Reaménagement des aires de jeu ugeet, dat ass de gesamt Budget, de Gesamtprinzip, dofir loosse mir dat iwwer dee Budgetsartikel lafen, et huet kee Wäert, separat oder fir all eenzelne Projet, dee mir maachen, en neie Kredit ze stëmmen oder nei auszeweisen.

Dat heiten ass am Fong e Sammelbudget iwwer de Reamenagement des aires de jeu an an deem Kontext kann een deen Akzenter, respektiv Prioritéite setzen. Mir maachen dat jo och mat aner Projeten, do ass och d'Inskriptioun am Budget esou ausgewisen: Réaménagement des aires de jeu.

**Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP):** Firwat stinn déi dräi dran, Suebelkaul, Boujel a Balzeng? Och do si Saache gemaach ginn. Dat ass einfach dee Budget, deen all Joer do ass, dat ass näischt Aussergewöhnlech a mir misste jo all Joer all Kéier en Devis



maachen esou ass et e Sammelbudget, mä hei sinn och Plazen, wou eppes geschitt ass, dofir stinn déi mat dran.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da komme mir zur Ofstëmmung, wien ass mat dem Devis remanié averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

### **3.8. Approbatioun vum Devis iwwer 75.000 Euro fir d'Installatioun vun der Skulptur Bikers – Sprangbur op der Gemeindeplaz**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da komme mir bei deen nächste Punkt, Dir hutt hei en Devis virleie vu 75 000 Euro an et geet ëm eng Skulptur, déi den Numm "Bikers" huet an den Artist, deen déi Skulptur wäert ausschaffen, ass den Armand Strainchamps, also keen onbekannten Artist, deen Diddelenger Originnen huet an deen och schonn eng ganz Rei Konschtwierker hei zu Diddeleng gemaach huet, notament an eise Centre Sportif René Hartmann.

Déi nei Skulptur, déi hie maache wäert, déi ass virum Gemengenhaus. De Buer, dee mir virfannen, wou am Summer Waasser dran ass, respektiv am Wanter vun eise Service Jardinage gemaach gëtt, wier am Fong frëschgemaach ginn a mir hunn hei e Konschtwierk virleien, wat eng Uspilling mécht op déi industriell Vergaangenheet vun Diddeleng an déi Vergaangenheet gëtt hei artistesch opgeschafft.

Hei op der Projektioun gesäit een, wéi dat wäert ausgesinn, et ass am Fong e Vëlofuerer mat senger Kusch, also eppes wat den Alldag vun Diddeleng geprägt huet, déi Zäit wei mir nach d'ARBED hei haten.

Et ass also och en direkte Lien mat den Aarbechter an och mat der Industrie hei zu Diddeleng- E, et ass awer och e Projet vu Konscht am ëffentleche Raum, an déi Skulptur déi hei opgeriicht gëtt, wäert och permanent dee Charakter hunn, eppes ganz Flottes hunn, eppes ganz Attraktives, wat am ëffentleche Raum wäert sinn, an och natierlech d'Gemengeplatz wäert qualitativ opwäerten.

Dat zu der Presentatioun vun dësem Devis an dëser Skulptur. D'Diskussioun ass op. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

**Sylvie Andrich-Duval (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, ech hätt zwou Remarquen oder Froen dozou. Et ass jo schéin originell, mä souwäit ech weess, steet de Moment eppes op där Plaz, dat war vum CIGL organiséiert ginn oder et war den Architekt. Ech wollt froen, wat den Avantage ass, dat wat mir elo hunn, dat kascht näischt a wat de Schäfferot beweegt huet fir dat unzegoen?

An déi zweet Fro, déi hannendru steet, ass ob hei eng Ausschreiwung war, wou nach aner Kënschtler, eventuell och vun Diddeleng, do d'Méiglechkeet haten, sech hei ze mellen. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, Här Garcia.

**Robert Garcia (Déi Gréng):** Merci, ech wëll lech net verstoppen, dass deen dote Projet an eiser Sektoun fir gréisser Onrou gesuergt huet, déi ech awer well e bësse méi humoristesche hei am Gemengerot och breet treppelen.

Wéi mir gelies hunn, dass do eng Skulptur mat Bikere wier, do wousste mir net esou richtig, Biker kéint jo och Biker mat Motorrieder sinn an dunn hu mir fir d'éischt eemol verzweiwelt gekuckt, wou gëtt et zu Diddeleng villäicht e Bikercafé, wou een déi da virun d'Dier ka stellen, an do sinn ech extra op d'Gemeng an den Dossier kucke komm, do louch dat Bild awer net do, an dunn hunn ech mir geduecht, dat ass wahrscheinlech fir dass déi herno kann ageweit gi mat enger Baatsch driwwer, da soll een dat net weisen an dunn huet awer de Gemengesekretär alles an d'Weeër geleet fir dass een deen Entwurf kéint gesinn.

Dunn hu mir da gemierkt, dass et effektiv Vëlofuerer sinn an du hu mir dat bäi eis an der Sektoun dann diskutéiert. Ech wëll virausschécken, dass mir natierlech och fir Skulpturen am ëffentleche Raum sinn, déi een normalerweis och net muss ausschreiwe well normalerweis huet een eng Virstellung dovun, wéi esou eppes soll ausgesinn, an da seet een net zu 25 Kënschtler, maach mir do aacht Vëloen hin, dat ass schonns e Choix, deen een als Bauhär normalerweis ka maachen, souwuel wann een an enger Schoul e Konschtwierk mécht, dat ass u sech eng üblech Praxis.



Mir hunn also net doriwwer diskutéiert, mir hunn eis dunn ënnerhalen iwwer dee symbolesche Wäert vun deem Konschtwierk. Et war esouguer, ech wëll lech dat net virenthalen, eng Persoun, déi gesot huet, dat ass sécher eng Provokatioun, well an der vélosfeindlechster Stad vum Süde vu Lëtzebuerg, vum Universum, vun der Mëllechstrooss ass dat eng Provokatioun. Ech konnt awer du konnt soen, dass dat keng Provokatioun ka sinn.

Dunn hu mir eis ënnerhalen, wien déi 12 Männer do op deene Véloe sinn, dat krute mir dunn erkläert. Dat sinn Aarbechter, déi op d'Schmelz fuere mat hirer Musette. Dunn ass an eiser Sektoun gefrot ginn, wéi dat esou üblech ass, wat hunn dann d'Frae gemaach, déi sinn net Vélo gefuer deemools, d'Frae waren deemools Hausfraen, wann se op de Maart gefuer sinn, sinn déi ze Fouss gaangen oder hunn déi de Citybus, deen et net gouf, geholl?

Dat war en Thema vun der Diskussioun, ech hunn dunn awer gesot engem Kënschtler, ob jonk oder al soll een net a säin Handwierk fuschen, dat ass déi kënstleresch Fräiheet, déi en huet.

Ech ka mech erënneren, am Neimënster ass och e Lëtzebuurger Kënschtler, deen huet 100 Portraite vu berühmten Lëtzebuurger opgehaangen an ech hunn e gefrot, do ass jo keng eenzeg Fra dobäi, dunn huet hien dat selwer eréischt gemierkt. Dat ass eben déi kënstleresch Fräiheet déi een ebe muss engem Mann, engem Kënschtler, loossen.

Dann hu mir eis d'Fro gestallt firwat mir déi an dee Sprangbur setzen?

Een huet gemengt, dat ass en Hiweis op d'Klimakatastroph well an Zukunft fieren d'Leit da mat de Véloen duerch d'Waasser.

Dann huet ee gesot, si hu besser vläicht, dobannen ze bleiwe well op der Strooss zu Diddeleng ass et e bëssen ze vill geféierlech fir mam Vélo ze fieren an et sot och een, zu Diddeleng geet alles am Krees, et kënnt een net aus dem Krees eraus. Mat de Vélospisten, do si mir eppes Besseres geléiert ginn, well do kréie mir e Projet vu Vélospisten hei presentéiert.

An et huet esouguer ee gesot - dat ass elo de Summum vum Humor, mir mussen eis e bëssen entspannen - dat doten ass eng Virukënnegung vun engem Vélodrom, deen ersetzt de Stadium vum Här

Becca, da gëtt dann ee Vélodrom am Platz e Fussballstadion gebaut, deen da gesponsert ka ginn.

Et gouf zimlech hott an har, mä ech hunn dunn d'Conclusioun gezunn, dass dat dote symbolesch eng Prefiguration vum Shared Space an 10- 20 Joer wäert sinn, well da wäerten hoffentlech nëmme méi Véloen a Foussgänger an deem Shared Space sinn a keen Auto méi, an dofir gesi mir dann déi Skulptur als Prefiguration vun där stralender Zukunft vun de Véloen zu Diddeleng. Dofir stëmme mir dee Projet och mat. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Weider Stellungnamen? Dat ass net den Fall, da wëll ech soen, dass dat dann am Wanter um Bur gemaach gëtt, dass dat am Fong eise Service Jardinage mécht an dass mir hei an enger Situatioun sinn, dass mir mat der Ausrichtung, wat de Bur ugeet, wëssen, dass do Sputt no uewen ass, an dass dat, wat mir am Summer do virfannen, och net méi zäitgeméis ass, an dass, wann déi Skulptur do montéiert gëtt, d'Element Waasser nach ëmmer bleift.

Prinzipiell ass et schéin ze héieren, dass et kreativ a multipel Interpretatiounen a Lektüre gëtt, wat e Konschtwierk ugeet, bäi der grénger Sektoun an de grénge Membere vun der Lokalsektoun, mä wat ech hei kloer wëll eraushiewen, sinn zwou Saachen: Éischtens hu mir dës Présentation artistique an Opdrag ginn als Gemeng an zweetens wonnert mech e bësse wat d'Madame Andrich gesot huet.

Et ass jo esou, dass een hei der kënstlerescher Fräiheet soll fräie Laf loossen a mir hunn et hei mat engem Artist ze dinn, deem mir e fräien Opdrag ginn hunn, dat en Diddelenger ass, dee mat Diddeleng staark verwuerzelt ass, an deem mir och an d'kënstleresch Fräiheet net dra schwätzen, esou wéi mir dat generell bäi de Konschtwierker gemaach hunn, déi mir hei zu Diddeleng hunn.

Déi Fräiheet muss ee ginn an dat Vertraue muss een deene Leit ginn an ech mengen, dass dat wat den Armand Strainchamps eis hei presentéiert huet, kënstleresch a stilistesche virun allem - well an der Konscht huet ee ganz vill Interpretatiounen a ganz vill Lektüren a jidderee gesäit an deit eppes anescht - also, ech mengen, dass mir hei eppes ganz kënstleresch an intellektuell Flottes stoen hunn. Här Gangler.





**Jean-Paul Gangler (CSV):** Merci, ech wollt just froen: Et ass jo awer da selbstverständlech, dass déi Struktur do stoe bleift ? Déi gëtt dann net just am Summer dra gesat an am Wanter kënn erëm eppes anescht dran? Oder wéi ass dat geduecht?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** D'Iwwerleeung ass schonns, dass se dann definitiv do bleift, Jo. Oder wann eppes sollt eng Kéier eppes gemaach ginn oder de Bur aus iergendwelleche Grënn misst fortgemaach ginn, dass se da kann ofmontéiert an op enger anerer Plaz nei opgeriicht ginn. Dat ass en Avantage. D'Konscht bleift ëmmer am öffentleche Raum.

Voilà, da proposéieren ech, dass mir zum Vote kommen, wat den Devis ugeet, wien ass mat dësem Devis averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech dem Gemengerot Merci.

### **3.9. Approbatioun vum Devis iwwer 1.105.000 Euro fir d'Reamenagementsaarbechten an der Rue des Minières an an der Rue Gare-Usines**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir weider op deen nächsten Devis, dat ass en Devis iwwer 1,1 Millioun Euro, wat den Reamenagement an der Rue des Minières, Gare Usine ugeet.

D'Claudia Dall'Agnol ass am Kader vun der Budgets-presentatioun drop agaangen, et ass e Reamenagement, dee gemaach gëtt, och am Kader vun der Crèche am Quartier Italien, wou och eng Rei Aarbechte musse gemaach ginn um Gas, Waasser, Ofwaasser, Eclairage public an awer och dee ganzen Antennereseau.

Dir hutt déi verschidden eenzel Devisë virleien, d'Kanalisation 250.000 Euro, d'Waasser 65.000 Euro, de Gas 60.000 Euro, d'Antenn 75.000 Euro an den Eclairage public 50.000 Euro. Dir hutt jo och gesinn an Ärem Dossier wat d'Envergure vun deenen doten Aarbechten ass, déi an deem doten historesche Quartier néideg sinn.

Remarques? Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géife mer elo ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.10. Approbatioun vum Devis iwwer 1.550.000 Euro fir d'Reamenagementsaarbechten an der Rue de la Brasserie an an der Rue Dr Welter**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Deen nächsten Devis, deen sech an déi selwecht Approche areit awer, wéi gesot, e bësse méi deier ass, dat ass 1.190.000 Euro, an der Rue de la Brasserie, rue Dr Welter, do ass de Reamenagement geplangt, dat ass engersäits 500.000 Euro, de Gas an der Rue Dr Welter Strooss, dat sinn 90.000 Euro, dat ass de Gas an der rue de la Brasserie ass 40.000 Euro, d'Conduite vum Waasser, 105.000 Euro an der Rue Dr Welter, an der rue de la Brasserie 45.000 Euro, Kanalisatioun an der Rue Dr Welter 250.000 Euro an an der rue de la Brasserie 30.000 Euro, dann d'Kollektivantenn an deenen zwee 85.000 Euro an den Eclairage public an deenen zwee, dat sinn 45.000 Euro.

Et muss een awer och hei soen, dass mir déi Aarbechten hei maachen, well mir och vun Awunner saiséiert goufen, dass Problemer mam Kanal waren, och deelweis mol Iwwerschwemmungen, dofir hu mir deem emol eng Prioritéit gesat an dësem Budget.

Si Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.11. Approbatioun vum Devis iwwer 250.000 Euro fir Rackage-Aarbechten an der Rue Pasteur an an der Rue Mathias Cungs**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir weider op de Rackage, och do en Devis vun 250.000 Euro fir an der Rue Pasteur an och an der rue Mathias Cungs e Rackage ze maachen. D'Differenz vum Rackage par rapport zu deenen anere Projeten ass, dass mir hei jo dann net un der Kanalisatioun, Gas oder Waasser schaffe mä den Tarmaque uewe frësch maachen an dass mir hei 2 Stroossen hunn, déi concernéiert sinn a mir dat dann och 2019 maachen. Also wéi gesot, deen Deel vun der Pasteur-Strooss, dee Jore laang net frësch gemaach gouf, dat wëll ech hei präziséieren.

**Romain Zuang (LSAP):** Ech wollt just froen, ass do net eng Null ze wéineg am Total vum Avis en annexe?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Jo, mir réckelen dat. Merci. Madame Andrich?

**Sylvie Andrich-Duval (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, ech hätt eng Fro zum Rackage wat d'Pasteurstrooss ubelaangt. Déi Strooss ass jo nach net



virun esou laanger Zäit frëschgemaach ginn an amenagéiert als Zone 30, dofir wollt ech froe firwat et elo muss sinn.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ech hat elo am Kader vun den Erklärungen gesot, dass mir deen Deel frësch maachen, dee viru Joren net frësch gemaach gouf. Dofir hat ech dat präziséiert, well, wéi Dir richteg sot, virun enger Rei Joren deen een Deel frësch gemaach gouf. Nach weider Froen?

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.12. Approbatioun vum Devis iwwer 80.000 Euro fir den transitoireschen Amenagement vun engem Padel-Tennis-Terrain**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir weider op deen nächste Devis, dat sinn 80.000 Euro, dat ass fir den Amenagement vum Padel-Tennis - do ass de Loris Spina virdrun drop agaangen - wou mir wëlle beim Stade Kennedy maachen. Dat ass also eng nei Sportaart, déi mir hei aféieren, tëscht Tennis a Squash, mir hunn do eng Plaz um Terrain J.F. Kennedy selwer, wou mir dat kënne maachen, an dofir froe mir eis hei d'Autorisatioun fir dat kënnen ëmzesetzen. Si Froen dozou? Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, ech hu mech mol informéiert wat dat wier, do hunn ech mir emol e schéinen Artikel ausgedréckt aus der Zeitung. Dat ass jo elo näischt esou riseg Grousses, 20 op 10 Meter ass deen Terrain, mä d'Fro stellt sech awer, do kënnt jo dann eng Glas-Clôture ronderëm an e Grillage an do gëtt et zwou Varianten, eng zouen an eng oppen, do ass meng Fro: Wéi eng Variant maache mir an dann zweetens, hypothekéiere mir do net eben de Kennedy-Terrain, well mir do jo och den CAD drop hunn an den American Football, kommen déi sech do net ze vill an d'Féiss?

Mir hunn och kee Plang, wou dat soll genau hkommen, et wier villäicht och sënnavoll gewiescht wa mir dat gesinn hätten an dann, wéi gesot, och ob mer dann elo déi oppen oder déi zoue Versioun wielen.

Hei am Land ass déi eenzeg Plaz wou een dat ka maache bäi der Kockelscheier fir een deen dat schonns wëll üben.

Et muss een zu zwee an zwee spillen, dat ass eng flott Saach.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, nach den Här Bob Claude.

**Bob Claude (LSAP):** Merci, de Schäfferot huet déi flott an déi iwwerraschend Iddi, dës nei Sportaart zu Diddeleng unzebidden. Wéi den Numm et scho seet ass Padel een dem Tennis ähnlecht Spill, dat weltwäit vun ronn 8 Milliounen Adepten, dovunner 50.000 a Frankräich an 1,2 Milliounen a Spuenien gespillt gëtt.

Et ass schonn ubruecht, deen Terrain vun 20 op 10 Meter um Stade Kennedy an der Géigend vun den Tennisterrainen ze setzen. Ob spéider dës nei Sportaart vum Tennis Club geréiert an adaptéiert gëtt, bleift ofzewaarden.

Jiddefalls ass dat a Frankräich geschitt, wou de Padel-Tennis an d'Tennisfederatioun integréiert ginn ass an ëmmer méi Popularitéit genéisst.

Ob dat hei zu Diddeleng eng Kéier de Fall soll sinn, steet nach an de Stären. Dat Spill gëtt also vu mindestens 4 Spiller gespillt, dat sollen awer net ëmmer déi selwecht sinn. Wichteg ass et also, dass d'Benotzung vun deem Terrain organisatoresch gereegelt gëtt. De Padel-Tennis soll fir Jonker a manner Jonker zougänglech sinn.

Besonnenesch de sozialen Aspekt ass ganz wichteg. Esou kéint de Padel de d'Maison Relaisen, dem Lycée, dem Jugendhaus awer och zum Beispill dem Club Senior ugebuede ginn. An dësem Sënn wäert d'LSAP-Fraktioun dës flotte Projet stëmmen.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci fir Är Stellungnam. Här Friedrich.

**Jean-Paul Friedrich (CSV):** Merci, ech wollt just wësse wien dat geréiert? Et ass jo net esou, dass een do einfach dohi geet mat 4 Racketten an da spillt, mä et muss dann och gekuckt ginn, dass do en Arbitr mat kënnt, respektiv wéinst Vandalismus an da muss ee kucken, dass dat geréiert gëtt, dat ass jo normal, esou wéi beim Tennis och, do gees de jo och net einfach mat denger Rackett spillen. Dofir ass meng Fro: Wie kontrolléiert wien do spille geet? Muss een sech do aschreiwen? Wie geréiert dat? Merci.



**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da geet de Loris Spina drop an.

**Loris Spina (LSAP - Schäffen):** Merci Här Buergermeeschter a Merci lech och all fir déi Stellungnamen, ech spieren do och direkt en Accord fir de Projet, wat wierklech flott ass.

Jo, effektiv et muss een elo kucken, wéi vill Succès mir domadder kréien, et ass e bëssen eng nei Sportaart hei zu Lëtzebuerg, mä dorëms geet et jo och, fir nei Offerten ze maachen an hei ass eng flott Formule font ginn, fir do am Réckschlagspill, wéi dat iwwersat gouf, en neien Incentive ze setzen.

Wéi et herno an der Praxis ausgesäit, respektiv wou: Et ass um Kennedy, wann s de bäi der Haaptentréeë erakënns, wou fréier e Basketsterrain war, et ass do deen Areal, dee mir erausgesicht hunn, deen och soss natierlech keng weider Sportaart déi do um Site sinn, respektiv och Zukunftsprojeten, déi mir do schonn entaméiert hunn, wäert beanträchtegen.

Firwat och do? Mir haten effektiv driwwer nogeduecht fir dat op Neischmelz ze maachen, well mir do eng Rei vun Initiative geholl hunn, mä hei ass de Virdeel esou, dass mir do d'Proximitéit hunn, engersäits mat de Veräiner an och dem Concierge, deen um Kennedy aktiv ass, respektiv awer och de Lien maache mam Tennis Club, deen eis do kann hëllefen, en A drop ze wäerfen, dass do keen Abus gedriwwen gëtt, respektiv och, dass déi Leit, déi effektiv tennisaffin an interesséiert sinn, éischer den Hang hunn, esou eppes auszeprobéieren wéi vläicht en anere Sportler an enger anerer Phas.

An da schwätzt sech dat am Diddelenger Duerf séier ronderëm an dann hoffe mir, dass dat och dee Succès kritt deen et verdéngt. Et ass an deem Sënn am Moment eng oppe Struktur, et ass also keen Dach drop an och oppen an dem Sënn, dass een herno muss mam Tennis zesumme kucken a wéi enger Form mir musse Loisirs an Kompetitioun do verbannen, ob een sech do muss aschreiwen oder fräi kann Zougang kréien ouni elo am Tennis mussen aktiv ze sinn oder Member ze sinn.

Dat ass en Detail, deen een dee Moment muss kucken, mä wéi gesot, Proximitéit zum Tennis, déi ass wichteg, dass mir do eng gewëssen Iwwersiicht hunn an owes, wann de Kennedy dann och zougespaart

gëtt, kënnt och kee méi un déi Struktur erun, fir Vandalismus virzebeugen. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Den Här Martini an dann den Här Claude.

**Claude Martini (CSV):** Merci fir d'Wuert, ech hunn elo just nach eng kleng Fro: Dir hutt wéi oft elo de Lien gemaach mam Tennis Club, also, mir begréissen dee ganze Projet, mir stëmmen deen och mat mä deen Tennis Club soll dach op eng aner Plaz kommen an deenen nächste Joren an elo setze mir de Padel-Tennis niesen deen aktuellen Tennisterrain?

Ass do eppes geplangt wéi mer herno weiderfueren? Huele mir de Padel-Tennis mat op deen anere Site? Oder wéini plënnert den Tennis? Dat ass meng Fro.

**Bob Claude (LSAP):** Also, wann ech jo richtig verstanen hunn, kënnt en op deen ale Basketsterrain? Ass et net esou, dass mir do virgesi hu fir do eng Kéier eng Liichtathletikshal ze bauen? Kënnt déi net do op deen Terrain? Géif déi op eng aner Plaz kommen? OK.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen? Da kann de Loris Spina drop agoen.

**Loris Spina (LSAP - Schäffen):** Fir dat direkt opze-gräifen, dat hat ech och a menger Presentatioun gesot, do ass et wichteg, datt gekuckt gëtt, dass déi zukünfteg Projeten – an domat hunn ech déi doten Hal gemengt - dass déi laanschtenee ginn.

Den Tennis ass ugeduecht fir eventuell ze plënneren, dat heiten ass awer eng Struktur, déi kann een och mathuelen. Et geet elo mol dorëms fir se ze lancéieren an da muss ee kucke wéivill Succès dat huet an ob een dat mam Tennis mat plënnert oder awer herno do léisst, dat ass eng Decisioun, déi kann ee méi spët huelen, mä déi ganz Struktur kann ee mathuelen.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Nach weider Froen? Dat ass net de Fall, da gi mer zum Vote iwwer. Wien ass mat deem Devis averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.



### 3.13. Approbatioun vum Devis iwwer 700.000 Euro fir d'Etüden an d'Reamenagementsaarbechten an d'Mise en conformité vun de Zebrastreifen (Passages pour piétons)

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da géif ech proposéieren, dass mir op deem nächsten Devis iwwerginn, dat ass en Devis vu 700.000 Euro, et geet ëm de Reamenagement an d'Mise en conformité vun den Passage pour piétons, och do ass in extenso d'Claudia Dall'Agnol drop agaangen, wat dat mat sech bréngt, dofir erspueren ech hei déi néideg Erklärungen mä wann Dir natierlech Froen hutt, gi mir gärden drop an. Här Gangler.

**Jean-Paul Gangler (CSV):** Merci, mech géif interesséieren, elo si mir schonn de Moment amgaangen, d'Trottoiren opzerappe fir d'Fiber vun der Post, gëtt do elo gekuckt fir déi Saachen e bëssen ze koordinéieren, dat heescht, wann elo d'Post kënnt, mir rappen elo do den Trottoire pour piétons och gläichzäiteg maache fir dass mir net zweemol mussen den Trottoire oprappen?

An dann och d'Fro: Firwat hu mir net méi fréi dru geduecht fir dat ze koordinéieren mat de Fiberaarbechte vun der Post? Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci, nach weider Stellungnamen? Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, am Devis do steet "Aménagements et réaménagements, mise en conformité, études et Travaux", also elo hunn ech an de Fraisen, wat mir detailléiert opgezielt hunn, do hunn ech elo just Travaux gesinn, ech hunn awer elo näischt vun den Etüde gesinn.

D'Fro ass elo, sinn déi Etüde scho gemaach ginn? Wéi vill hunn déi kascht? Oder ass dat esou eng Formel, déi een einfach esou dohinner schreift, well ech hunn elo hei kee Präis vun den Etüde fonnt.

Dann eng zweet Saach, "Traitement de matériaux contaminés" 8 525 Euro, dat kënnt mir e bësse schappeng fir wann ech elo drun denke wéi exorbitant déi Evakuatioun vun de Matériau-contaminée war, wéi mir de Schoulhaff an der Gaffelt renovéiert haten.

Do wollt ech nach eng Kéier nofroen, hu mir deene nei Realitéiten do Rechnung gedroen, well dat jo esou deier gi war well mir déi esou wäit missten transportéieren.

Eng kuerz Zousatzfro ass och nach: Wéi vill "Passages pour piétons" kommen iwwerhaupt an Fro a wéi eng maache mir? Maache mir se allegueren? Oder just déi? Et si jo och méi kleng Stroossen, wou ee vläicht denkt, mir maachen déi elo net oder sinn déi iwwerall geduecht? Dierfen déi och elo an de Staatsstroossen intervenéieren? Dat ass och eng Fro, déi net oninteressant ass.

An da profitéieren ech och nach eemol fir kuerz ze erwänen, et war jo eng Petitioun vun de Bierger aus der Leborn Strooss, fir och do e Passage pour piétons ze kréie fir déi Kanner méi sécher an d'Ribbechponte Schoul ze bréngen. Do war och är Äntwert am Oktober komm an Dir sot, d'Servicer géifen do kontrolléieren ob do e Passage pour piétons géif kommen. Do wollt ech kuerz froen ob do envisagéiert ass, do op där Héicht e Foussgängersträifen ze maachen? Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci Madame Kayser, nach weider Stellungnamen? Här Glesener.

**Henri Glesener (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen, et wäert lech net wonneren, dass ech genee zu deem Punkt e puer Wuert soe well et jo ee vun deene Punkten ass, deem sech an déi Punkten areit wou et direkt ëm d'Sécherheet vun Bierger geet.

Ech weess, dass eis Servicer an eise Schäfferot ëmmer méi Demandé kréie vu Leit, déi gärden e Foussgängersträife virun hirer Dier hätten oder enzwousch wou et hinne grad an de Krom passt. Ganz oft sinn déi Demandé mat Argumenter bruecht, déi ganz ënnerschiddlecher Qualitéit sinn. Oft sinn do emotional Beweegrënn mat dobäi awer all déi Demandé sinn ëmmer ganz gutt gemengt.

Et muss ee wëssen, dass en Zebrastreifen – fir emol eng Kéier de Gebrauchsnumm ze benotzen – net onbedéngt an alle Fäll déi gewünschte Sécherheet bréngt oder bréngen kann. Et soll een sech bewusst sinn, dass bäi wäitem déi meeschten Accidenter mat Persounen innerhalb vun den Uertschafte genau um





Zebrastreifen passieren. Firwat ass dat sou? Eng vun den Haptursachen ass, dass de Foussgänger sech op esou engem Zebrastreifen an enger Pseudo-sécherheet fillt, ganz nom Motto: Ech sinn hei am Recht, ech hu Virfaart an den Automobilist weess dat an dee passt op mech op.

Ob de Foussgänger am Recht war spillt net méi d'Haaptroll wann e bis ugestouss oder blesséiert ass. Aus all deenen Ursaache ginn eis Servicer zwar all deenen Ufroen no, mä mir zeechnen awer net iwwerall e Streifen an, wou et net wierklech Sënn mécht.

Ufank 2018 hat de Minister vum Développement durable an den Infrastrukturen iwwer eng Circulaire d'Gemengen drun erënnert an opgefuerdert, hir Foussgängerstreifen ze iwwerpräiwen an dat mam Endzil fir méi Sécherheet ronderëm an op deene Foussgängerstreifen ze garantéieren.

Fir dat uerdentlech ze maachen, gëtt et jo och e Guide, dee vun der staatlecher Verkéierskommissioun gesammelt opzielt wéi esou e Foussgängerstreifen ze sinn huet, fir dass e säin Zweck beschtméiglech erfëlle kann.

Fir dass all eis 118 Foussgängerstreifen och dësem Guide entspriechen, ginn se elo ënnert d'Lupp geholl. Si sinn och zum Deel schonn ënnert d'Lupp geholl ginn. A wann se net oder nëmmen deelweis de Richtlinie vun der staatlecher Verkéierskommissioun entspriechen, da bessere mir no.

Dobäi ass net vergiess ginn, dass den Zebrastreife ganz besonnesch fir eis Bierger mat engem Handicap wichteg sinn. Et gëtt also Wäert drop geluecht, dass den Iwwergang rollstullgerecht ass an domadder ass en automatesch méi praktesch fir d'Kannerkutsch an niewebäi esouguer fir den Akafsweechen.

Eis Iwwergäng ginn awer och ugepasst fir dass se fir déi Leit, déi blann sinn oder schlecht gesinn, méi gerecht a méi sécher solle sinn.

Last but not Least, ass et wichteg, dass d'Sichtbarkeet um Foussgängerstreife garantéiert ass, et geet net wéi an der Vergaangenheet duer, dass de Verkéiersstreife muss beliicht sinn, mä et geet drëm, dass déi Luucht esou afält, dass besonnesch de Foussgänger, deen drop ënnerwee ass, vun deenen anere siichtbar gemaach gëtt.

Obwuel mäin Exkurs elo hei scho relativ an den Detail geet vun den Zebrastreifen, verspriechen ech hei, dass dat heite just awer just e puer Kritäre sinn, déi beliicht ginn, wa mir eis Iwwergäng ënnert d'Lupp huelen.

Dofir approvériere mir haut den Devis fir d'Etüden an d'Aarbechte vun eise Foussgängerweeër an d'Rei ze setzen an et géif mech traureg stëmmen, wann dës Initiativ net vun alle Conseillere géng ënnerstëtzt ginn.

Natierlech gräife mir elo direkt déi urgentste Plazen fir d'éischt un a leeën déi nächst Joren nach no. Och ginn déi Aarbechte beschtméiglech - wéi den Här Gangler gefrot huet - mat deenen anere Servicer koordinéiert, et ass net nëmmen d'Post, et sinn d'Servicer Gas an Waasser an d'Ponts et Chaussées an esou weider an si gi probéiert mat deene koordinéiert ze ginn. Natierlech, do wou souwisou agegraff gëtt, do rässe mir net 6 Méint virdrun de Foussgängerstreifen raus, oder senken den Trottoire oder maachen nei Luuchten.

Dat zielt natierlech och ëmgedrënt, do wou Aarbechte geplangt si vun deenen dote Servicer, do probéiere mir d'Zebrastreifen direkt elo scho korrekt ze plangen.

Dat heescht also och, dass déi Aarbechten, déi dësen Devis wäerte betreffen iwwer déi nächst puer Joer wäerte lafen an net 2019 kënne gemaach ginn an ofgeschloss ginn. Zu dësem Punkt bleift mir just nach e Merci ze soen un eis Servicer vun der Circulatioun, mä awer och e Merci geet un d'Voirie an lech alleguerten déi d'Moyene fir dës Verbesserungen zur Verfügung stellen. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dem Här Glesener. Sinn nach weider Stellungnamen? Neen, da kritt d'Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

**Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin):** Jo, ech hunn d'Chance, dass den Här Glesener scho praktesch alles gesot huet, dat erlaabt mir, nach méi kuerz ze sinn. Just, den Här Gangler huet gefrot ob mir dat koordinéieren, den Här Glesener ass drop agaangen, Jo an Neen, et ass net iwwerall wou d'Post oprappt, et si relativ kleng Lächer, d'Post rappt elo net onbedéngt ganz Stroossen op, et ass net iwwerall en Zebrastreifen, wou si oprappen. Wann se awer op engem Zebrastreifen oprappen, da gesi mir dat nat-



ierlech an da maache mir dat an engems. Etüden ass haaptsächlech dat wat eis Servicer maachen, nämlech all Zebrastreifen opschaffen a kucke wou wat gemaach muss ginn.

D'Koordinatioun ass ugeschwat ginn. Vu dass déi nämmecht Persoun zoustänneg fir den Devis ass, wéi fir de wou Dir gesot hutt wou mir souvill driwwer waren, dann huele mir jo mol un, dass en doraus geléiert huet an dass dat doten da wäert duergoen. Mä e Chantier ass e Chantier, mir wëssen net wat mir do fannen. Et ass och gefrot ginn, d'Ponts et Chaussées, staatlech Stroossen, also alles wat mir hei maache musse mir wéi ëmmer aschécken an an der Stad hunn se dat lescht Wuert an da kréie mir et entweder verworf oder ugeholl. Mir mussen natierlech am Virfeld all Projet eraschécken an da ginn se eis am Virfeld de Go ob mir dat kënnen esou ausféieren oder net.

Mir rappen also net fir d'éischt en Zebrastreifen op, maachen eppes wat mir net dierfen an da loosse mir eis vun der Stad, respektiv der Ponts et Chaussées Süden, wou et fir d'éischt muss higoen, de béise Fanger weisen.

Wéi gesot, et gëtt awer e Guide vun der staatlecher Verkéierskommissioun zu deene Zebrastreifen, do ass alles dran, wat d'Belichtung ubelaangt, d'Beschëlderung ubelaangt, den Accès, do ass alles dran an och déi zoustänneg Servicer vu Ponts et Chaussées verlaangen normalerweis näischt anescht wéi dat wat an deem Guide steet. Mä mir wësse jo wéi et ass, de Guide kann och erëm eng Kéier änneren, mir probéiere wéi gesot, et ass esou, dass dat net e Budget ass fir an engem Joer alles ze maachen, dat do ass e Budget pluriannuell wou mir kucken, wou ass et am dréngendsten, wat solle mer virhuelen a wat sinn déi Plazen, wou elo méi Leit iwwer d'Strooss ginn, wou sinn och villäicht kleng Aarbechte wou mir ganz séier eppes kënnen maachen, dat ass elo mol eppes wat eis Servicer musse maachen.

Dat ass eng ganz flott zesummen Aarbecht an dësem Fall zwëschent dem Service Circulation an dem Service Technique Voirie, deenen ech och wëll Merci soe well et ass e Corollaire tëschent zwee Servicer, et ass eng ganz gutt Zesummenaarbecht an dësem Dossier a mir hoffen, dass se déi och wäerten esou weiderféieren a mir hoffen, dass se kënnen op den eenzele Plazen, wou et néideg ass, nobesseren.

Etüden ass u sech virun allem dat wat eise Service mécht, nämlech d'Opschaffung vun all deenen Zebrastreifen, déi mir hunn. Si kucken do selwer wat muss gemaach ginn, si hu jo de Guide, dat muss vun Etüde gemaach ginn. Et kascht eis Leit, mä déi kréie souwisou all Mount eng Pai an der Hoffnung, dass do näischt op eis zoukënnt wa mir se all mussen eenzel kucken.

Rue de Lebork, Ribeschpont, do war esouwuel eisen Ingenieur, wéi och eisen Ingenieur adjoint op d'Plaz, do haten se och Rendezvous mat enger Persoun vun der Petitioun a mir hunn zeréckbehalen, dass se u sech alles krute wat se gefrot hunn, ausser den Zebrastreifen. Firwat? Majo, fir déi déi d'Situatioun besser kennen, do ass 50 Meter méi wäit en Zebrastreife mat enger roudier Luucht, dee wierklech eng richteg Sécherheet bitt, an ech mengen, dann ass et besser, du léiss se e bësse méi wäit goen an si kënnen iwwer eng rout Luucht goen, wéi wa mir se iwwer en Zebrastreife schécke wou et eng virgetäuschte Sécherheet gëtt.

Déi staatlech Sécherheetskommissioun seet dat och alles nach eemol an hirer Broschür, och en Zebrastreifen ass net d'Allheilmëttel, et ass net esou, dass de do net kanns iwwerrannt ginn, a mir sollen d'Leit och dozou incitéieren, dass se no lénks an no riets kucken an och oppassen, wann se iwwer en Zebrastreife ginn an et ass bäi Kanner ëm esou méi wichteg.

Et ass eng Luucht do, si solle waarde bis se gréng ass, d'Elteren an d'Grousseltere sollen och mam gudden Beispill virgoen, well do gesinn ech och heiansdo déi drolegst Saachen. A wann se dat maachen, dann hunn se eng richteg Sécherheet. Et géif näischt brénge fir hei en Zebrastreifen ze maachen, just fir eng Petitioun zefriddenzestellen an am Endeffekt näischt ze bidden.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dem Claudia Dall'Agnol och nach fir déi doten Erklärungen, da gi mir zum Vote iwwer: Wien ass mat deem Devis averstanen? Dat ass **unanime**. Da soen ech lech Merci.

**3.14. Approbatioun vum ofgeännerten Devis vun 1.600.000 Euro fir d'Bedelegung un der Ausféierung vun de Chantiere vun der Post**



**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da bleiwe mir beim Stroossebau, ginn eriwuer bei d'Post, do wëlle mir den Devis remanié presentéiere vun 1,6 Milliounen Euro fir Aarbechten, déi d'Post vun 2015 bis 2021 am Kader vun der Fibre optique hei zu Diddeleng mécht. Devis remanié well mir 2013 en Devis vu 400.000 Euro gestëmmt haten, 2015 en Devis gestëmmt hate vun 800.000 Euro am elo en Devis remanié vun 1,6 Milliounen Euro.

Wéi gesot, dat schreift sech an an déi Strategie vun der Post, wou mir wëssen, dass deemnächst hei Chantiere lass ginn, si si jo voll amgaangen, hei zu Diddeleng an si wäerten och nach déi nächst Jore domat beschäftegt si fir dat ëmzesetzen, viraussichtlech och nach bis 2021, an dofir musse mir eis hei méi Kreditter ginn, wëssend, dass d'nächst Joer eng ganz Rei Stroossen opgerappt ginn an d'Joer drop, esou dass mir déi néideg Kreditter kënne virgesi fir d'Stroossen, do wou et néideg ass, frësch ze maachen iwwer de Pavé, respektiv de Belag. Dat ass d'Erklärung zu dem Devis.

Kënnen mir ofstëmmen? Wien ass mat deem Devis remanié averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.15. Approbatioun vum Devis iwwer 50.000 Euro fir d'Instandsetzung vun der Passerell um Site Neischmelz**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da komme mir bei d'Remise en état vun der Passerell Neischmelz, déi jo vum Parking am Quartier Schmelz eriwuer geet bis bal an de Quartier Italien, do hu mir eng Remise en état virleie vu 50.000 Euro.

Wéi ech ugängelech sot, sinn dat Fraisen déi mir zu 50% mam Fonds de Logement deelen, déi sinn och a Kenntnis gesat heivunnen.

Wéi gesot, mir hunn hei eng Passerell, déi ganz oft genotzt gëtt, déi an engem schlechten Zoustand ass well se ëmmer der Witterung ausgesat ass, an hei geet et dorëms déi Panneau-d'habillage lénks a riets frëschzemaachen an och nach eng Rei Luminaires ze ersetzen an dofir musse mir eis hei deen zousätzleche Kredit ginn.

Wann een elo kuckt, si ass scho bal 8 Joer am Asaz, si ass 2011 ageweit ginn an huet zu der Mobilité intraquartier bäigedroen. Dofir wiere mir frou wa mir dës Remise en état stëmme kéinten. Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, wéi Dir schonn an Ärer Budgetspresen-tatioun gesot hutt, hat Dir, dat war och eng Fro vu mir, ob mir do géifen e Subsid och kréien, mä Dir hutt jo gesot, dat ass zu 50% vum Fonds de Logement.

Dir hutt och du gesot - ech hat mir nämlech d'Fro gestallt - wéini mir déi Passerell gebaut hunn, dat war 2011, hat Dir gesot. Meng Fro ass: Wéivill hat et deemools kascht, et wier interessant ze wëssen, einfach fir ze kucken, wéivill musse mir elo dobäi ginn.

An dann ass meng Fro: Wat soll elo do gemaach ginn? De Belag steet hei, "Pose d'un nouveau panneau d'habillage", dat ass ënnen den Belag - an op de Säiten - well eben och verschidde Leit mat verschidde Schong do an de Lächer hänkebleiwen, ob een elo net soll en anere Belag maachen? Dat ass eppes wat een eng aner Kéier kann diskutieren.

An d'Beliichtungsinvestitiounen, dat ass sécher ganz wichteg, well och grad owes ëmmer méi Leit hin- an hingginn, deen Terrain och ëmmer méi genotzt gëtt well och de Sportsterrain genotzt gëtt, dat fanne mir eng ganz gutt Saach.

Et war just d'Fro, wéi vill war den initialen Invest, wéi vill Prozent musse mir no siwe Joer hei noschéissen? Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Fir lech direkt ze äntweren, ech weess net méi wéivill den initialen Invest war, ech kann dat ganz gär nokucken an lech den nächste Freide Bescheed soen. Här Garcia.

**Robert Garcia (Déi Gréng):** Jo Merci, ech wollt nach eemol déi Fro stellen, déi ech virun enger Zäit opgeworf hat, dat ass: Déi Passerell ass jo deelweis gebaut gi fir dass d'Leit kënne bis an de Quartier Italie kënne goen an dat ass dorunner gescheitert, dass Ponts et Chaussées ze stur war fir ze tolerieren, dass do e Foussgängeriwergang wier.

De gesonde Mënscheverstand géif jo soen, dass ee kéint den Tempo 70 ophalen op där Plaz wou d'Strooss riets erageet wann een elo vu Frankräich kënnt. An dat scheitert natierlech dorunner, dass Ponts et Chaussées do stur bliwwen ass. Gëtt et do kee Fortschrëtt an där Matière, dass een do méi kéint insistieren, soss misst een den Här Bausch uschwätzen, wann e kënnt fir d'Consultatioun iwwer den ëffentlechen Transport well dat gehéiert jo och



zu deem Accès zum öffentlichen Transport, dass een dat an d'Arena wäerft, well ech géif dat immens gutt fanne wann do e Foussgängeriwergang mat enger roudere Luucht wier, dat géif an engems och de Verkéier, dee vu Frankräich kënnt, e bëssen ofbremsen.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci fir déi dote Stellungnam. Sinn nach weider Remarquen? Dat ass net de Fall, da géif ech vläicht drop agoen.

Et kënnt een an de Quartier Italien, mä et muss een effektiv en anere Wee aschloen. Et kënnt een iwwer d'Bréck dohinner, mä wat fir eis mol wichteg war, initialement 2011, wéi d'Bréck ageweit gouf, dat ass einfach emol, dass en Intraquartier emol iwwerhaupt kann iwwer de Site vun Neischmelz ka goen, mat all de Schwieeregkeeten, déi de Site jo huet.

Dat war d'initial Iddi an am Prolongement vun där doter Iddi war jo dann och ugeduecht, dass een iwwer de Contournement, deen do laanscht fiert, iwwer d'route de Thionville dann och kéint op de Quai komme vun der CFL, dat war déi initial Iddi.

An deene ganzen Diskussiounen huet sech duerno erausgestallt, dass e Contournement, dee jo op 70 Km/h limitéiert war, a schlussendlech op 90 Km/h gehuewe gouf an dass mir an der Diskussioun, déi mir mam Ministère haten a mat Ponts et Chaussées, éischter eng Fin de non-recevoir kruten.

Mir haten de Minister schonn drop ugeschwat, mir kënnen dat ganz gär och nach eemol maachen, mä ech ginn dovunner aus, dass déi Argumenter vun deemools och haut nach eng gewësse Validitéit hunn. Wann den Contournement als 90 gesi gëtt, da mussen eng ganz Rei aner Moosnamen an der Stroosseféierung selwer ënnerholl gi fir dann och do d'Vitesse ze drosselen, wann een do en Iwwergang mécht. Dat waren eng ganz Rei Bedenken, déi geäussert goufen, mä et kann ee ganz gär bäi enger nächster Geleeënheet dat doten nach eng Kéier thematiséieren.

Dëst gesot, ass de Gemengerot mat der Remise en état averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.16. Approbatioun vum Devis iwwer 22.000 Euro fir de Reamenagement vum eemolege Proufsall am Kiosk vum Park Le'h**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir weider an d'Le'h, do hu mir en Devis virleie vum Kiosk, do sinn zwee Proufsäll, ee Proufsall ass 2018 renovéiert ginn an 2019 huele mir deen zweete Proufsall op de Leescht, wou och eng Rei Gruppen dra prouwen, dofir wëlle mir och do akustescher besser opbereeden, awer och d'elektresch Installatiounen wéi och de Buedembelag méi Up-to-date maache fir dass déi jonk Gruppen do kënnen prouwen. Dofir brauche mir hei am Fong e Kredit vun 22.000 Euro fir dat kënnen ëmzesetzen. Si Froen dozou? Här Gangler?

**Jean-Paul Gangler (CSV):** Merci, ech wollt froen ob mir net schonns virun e puer Joer do dran investéiert haten?

An déi aner Fro: Wie sinn déi Leit, déi dohinner prouwe ginn? Sinn dat Privatileit oder sinn dat offiziell Museker aus Diddeleng? A wou kéint een, wann een als Privatmann do prouwe wëlt? Wie mécht déi Gestoun dovun?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ech äntweren op déi Fro, ob net schonn dran investéiert hunn. Mir hunn 2018 schonns doran investéiert, dat war deen ee Proufsall an elo kënnt deen zweeten. Déi Jore virdrun hu mir net weider dran investéiert, mir hunn emol hei oder do eng Fléckaarbecht gemaach, déi budgetär net vill kascht huet, mä hei 2018 respektiv 2019 ginn déi zwee Säll de fond en comble frëschgemaach, respektiv wëlle mer dat maachen.

**Loris Spina (LSAP – Schäffen):** Jo, effektiv, an dat heiten ass elo d'Iddi vun de Kënschtler, déi Artisten, déi Gruppen, déi de Moment an deem Raum sinn, deen elo frëschgemaach gëtt, déi plënnere elo eriwuer an den neie Raum, deen effektiv besser ausgestatt ass, an da gëtt deen op deen nammlechten Niveau gesat wéi den Proufsall, dee mir 2018 an d'Rei gesat hunn, fir dass mir 2019 zwee identesch Proufsäll hu mat deeselwechte Strukturen a mat der selwechter Sécherheetsqualitéit an da wäert et och esou weidergoen, dass do en Opruff gemaach gëtt, wie sech da wëll melle fir den neie Raum ze notzen.

Am Moment sinn et véier Diddelenger Gruppen, déi sech deen ee Sall deelen, da gëtt do en Opruff gemaach, natierlech sinn do déi Diddelenger prioritär, mä et ass awer esou, dass eng Band oft aus verschidde Membere besteet, déi net allegueren exklusiv aus enger Stad kommen, esou dass et do eng





gewësse Mëschung wäert ginn. An da gëtt eng Konventioun mat deenen opgesat wou dann drasteet, wéi de konkreten Oflaf an der Praxis soll sinn, wéi eng Rechter a Flichten et déi eng Säit an och op där anerer Säit ginn.

De Moment ass et esou, dass mir do déi ominéis Pucen drop hunn, mir gesinn also och wien do eran- an erausgeet. Dat war virun e puer Joer net onbedéngt de Fall an do ass dann déi Dier opgeschafft gi fir dass een do als Gemeng e besseren Iwwerbléck huet a säitdem klappt dat besser.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Madame Kayser?

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Ech hunn dann do nach eng Fro: Wéi den Här Spina elo sot, da maache mir eng Konventioun, dann huelen ech jo un, dass mir mat deene véier Gruppen, déi do sinn, eng Konventioun maachen.

Ech géif et net oninteressant fannen, déi Konventioun dann och eemol hei am Gemengerot virzestellen.

**Loris Spina (LSAP - Schäffen):** Dat kann effektiv opgräifen, spéitstens da wa mer déi nei Bands mat eranhuelen, da kann een déi Konventioun och eemol hei virdroen.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dofir. Ass de Gemengerot domadder averstanen, dass mer deen zweete Proufsall an Ugrëff kënnen huelen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.17. Approbatioun vum Devis iwwer 10.000 Euro fir d'Installatioun vun enger akustescher Isolatioun am Turnsall vun der Schoul Gaffelt**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir weider an de Gymnase vun der Gaffelter Schoul, do musse mir eng akustescher Isolatioun um Plafong maachen, déi kascht 10.000 Euro. Här Zuang.

**Romain Zuang (LSAP):** Aus menger aler Zäit, wéi ech nach an der Gaffelt war, war de Problem mat der Akustik ee vun eise Wënsch, deen op ganz laang zeréckgeet. Mir haten 2008 - 2009 eng Renovatioun vun dem Turnsall, do hate mir de Problem vun der Heizung emol endlech an de Grëff kritt, mä dat mat der Akustik, duerfir war et deemools anscheinend

net duergaange mat de Suen. Duerfir sinn ech frou, dass de Projet 2019 ëmgesat gëtt. Et ass nämlech fuerchtbar, an där Hal mat de Kanner sechs Stonne laang ze schaffen. Eis Turnlehrer leiden do wierklech, also Merci an hirem Numm.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci och fir d'Stellungnamen, Präzisatiounen, den Historique. Da géife mir zur Ofstëmmung kommen, wien ass domadder averstanen, dass mir de Plafong akustescher opbesseren? Dat ass **unanime**. Merci.

### **3.18. Neit Festleeë vun der Indemnitéit fir d'Membere vum Mediationsservice**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir op den nächsten Punkt iwwer, do ass d'Propos d'Indemnitéit fir d'Membere vum Service de médiation, also d'Mediateuren, déi haaptsächlech d'Médiation de voisinage maachen, fir hir Indemnitéit frësch ze fixéieren.

Dir wësst, dass 2006 d'Stad Diddeleng jo déi éischt Gemeng war, déi e Service de médiation de voisinage agefouert huet, en attendant si jo eng ganz Rei Gemengen nogezu fir dat och ze maachen, an deemools – ech hunn déi Deliberatioun och virleien - hate mir ugefaangen, dee Montant vun den Mediateuren op 40,47 Euro pro Stonn ze fixéieren. Mir haten eis deemools ugelehnt och un déi selwecht Indemnitéit vum Centre de médiation, wou déi selwecht Mediateuren och geschafft hunn. En attendant huet déi Indemnitéit jo natierlech evoluéiert, och well se un den Index gebonnen ass.

Fazit ass awer elo an Dir hutt jo och dee ganzen Argumentaire an Ärem Dossier virleien, dass och eng Erhéijung gefrot gouf, notament well och eng ganz Rei Diskussiounen waren um nationale Plang mat de Mediateuren, déi déi Aarbecht ausüben, déi eng niewent hirem Haaptberuff, déi aner wierklech professionell als Vollzäitaarbecht, dass an deem Kontext och eng Rei Revalorisatiounen gemaach goufen, engersäits wat hir Aarbecht ugeet, anerersäits wat och hir Formatioun ugeet.

Mir sinn hei an enger Situatioun, wou och déi Mediateuren, déi hei zu Diddeleng sinn, och nach ëmmer fir de Centre de médiation, wat en nationale Referenzzenter ass fir d'Mediation hei zu Lëtzebuerg, schaffen an dass se do elo en Accord fonnt hunn,



dass an Zukunft déi Médiateurinnen 58,43 Euro kréie fir d'Prestatioun pro Stonn, dat ab dem 1. Januar 2019, dat ass e Montant, deen effektiv a Kraaft trëtt fir déi Médiateurinnen, déi an deem Centre de médiation schaffen.

Déi Leit intervenéieren och hei an do war natierlech och eng Rei Konsideratiounen eraus, dass den Montant sollt gehéicht ginn op 65 Euro d'Stonn. Mir waren awer der Meenung, 60 Euro pro Stonn ze froen an dee Virschlag, dee mir hei maachen, ass am Fong och e Virschlag, dee mir mat de Gemengen Déifferdeng an Schëffleng ofgeschwat hunn en concertation well déiselwecht Médiateurinnen, déi och hei intervenéieren och an deenen zwou Gemengen intervenéieren, esou dass dat heiten am Verbund ofgeschwat gouf an och an deenen anere Gemengen esou proposéiert gëtt. Dat e bësse méi wäit ausgeholl firwat mir zu deem Tarif kommen an dat proposéieren. Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, Dir hutt op eng Fro geäntwert, ech wollt froen ob mir deen Tarif mat deenen zwou anere Gemengen ofgeschwat hunn. Dat ass och gutt, dann ass et jo och eng kohärent Geschicht.

Meng Fro ass just: Et steet och hei, dass mir dee Service bimensuel ubidden, déi Permanence fir d'Bierger, meng Fro ass just, wéi gëtt dat vun den Bierger sollicitéiert? Wéivill kommen der? Mussen déi Médiateurinnen dann och ëmmer kommen, ass dat op Rendez-vous oder kommen si wa Leit komme well hei eng Permanence ass fir mech einfach do setzen, oder mussen d'Leit en Rendez-vous huelen a wa keen urift fir ze kommen, da brauch de Mediateur sech och net déplacéieren.

Dofir meng Fro: Bezuele mir d'Permanence egal wéi oder just déi effektiv Präsenz? Dat wier eng wichteg Fro awer am groussen Ganze si mir mat der Konvention averstanen, ech denken och, dass deen Tarif an der Rei ass. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci och fir Är Zoustëmmung. Da ginn ech drop an, et gi jo zwee Elementer, dat eent ass déi bimensuell Permanence, déi d'office ass, wou och de Mediateur do ass a waart ob e Bierger kënnt oder net kënnt, dofir gëtt en d'office dofir bezuelt no deem doten Tarif, respektiv si jo dann, wann d'Médiatioun bis lass geet, individuell respektiv gemeinsam Rendez-vous

an och fir déi Interventiounen gëtt e bezuelt. Fir all Déplacement, deen e mécht, gëtt en dann och bezuelt.

Et muss een awer soen, dass mir d'Decisioun elo kierzlech getraff hunn, dass déi Permanence wäerten ewechfale well net vill Leit op d'Permanence wäerten zeréckgräifen, well d'Leit éischter awer d'Tendenz hunn, de Service direkt unzeruffen an och e Rendez-vous ze maachen.

Dozou wëll ech awer och soen, dass duerch déi Hausse engersäits, engersäits d'Permanence, déi ewechfällt, awer och déi Hausse, déi mer hei maachen, de Budget dëst Joer weider dee selwechte bleift, well mir éischters eng Depense manner hunn an d'Indemnitéiten och an d'Luucht ginn.

Dat gläicht sech also aus, dat heiten ass e Modus, dee mir bäibehale well d'Leit entweder iwwer E-Mail oder iwwer Telefon Kontakt ophuelen an do dann déi béid Rendez-vous gemaach gi fir d'Médiatioun.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Et wier awer interessant ze wëssen, wéivill Leit dann awer iwwerhaupt vum Service profitéiert hunn.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Also, dee Service gëtt ganz vill gefuerdert, mir hu pro Mount 1-2 Dossieren, déi opgemaach ginn, an d'Leit, dat mierkt een och, kennen de Service elo gutt 12 Joer, virun allem déi Annonce, déi mir am Bliedche maachen, do sinn ëmmer ganz vill Leit, déi dat kennen an dat an Usproch huelen.

Ass de Gemengerot mat dëser Erhéierung vun den Indemnitéiten fir d'Médiateurinnen averstanen? Dat ass **unanime**. Merci. Da kann och dat ab Januar 2019 ulafen.

### 3.19. Verdeele vun ausseruerdentleche Subsidien

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da komme mir eriwier op d'Subsidien. Dat si Subside vum Summer, Spill an Spaass, dat war fir d'Editioun 2018 do kréien 170 Euro, ech liesen d'Veräiner fir: Amateurs Astronomes, Dëschtennis Diddeleng, Fuesveräin Knabbermais, H.B.D., Judo & Ju-Jitsu Dudelage, Syndicat d'Initiative et de Tourisme Dudelage, Société municipale de Gymnastique Union Diddeleng, Greng Scouten a Guiden Diddeleng, Basket T71 Diddeleng Jugendkommissioun, Guiden



a Scouten Saint Jean Diddeleng, Luxembourg Steelers of Dudelange-Junior, Luxembourg Steelers of Dudelange-Senior, Union Luxembourgeoise des Femmes Baha'ies, Red Sappers Baseball Team, Aikido-Dojo-Diddeleng, Badminton Club Dudelange, Elterevereinigung Lycée Nic Biever, Natur & Ëmwelt Diddeleng, Croix Rouge Migrants et Réfugiés, Comité du Quartier Italie - les Bons Voisins, Ludoland, Rugby Club Terres Rouges, Alma Academy.

Dat sinn déi Veräiner, déi matgemaach hunn. Vun dëser Plaz och Merci, dass se dobäi waren. An de Loris Spina wollt nach eppes dozou soen.

**Loris Spina (LSAP - Schäffen):** Merci, ech wollt dee Merci zousätzlech erklären, Dir kënnt lech dorunner erënneren, dass mir de leschte Summer den Problem an der Le'h hate mat den Eichenprozessionsspinner, dofir konnte mir de Summer Spill an Spaass net do maachen, dunn hate mir de Choix fir dat ausfallen ze loossen oder mir fannen en neien Site. Mir waren eng Rei vu Siten kucken a mir hu gemengt, dass de Stade Kennedy dee beschte wier. Soss hätt dee flotten Event fir d'Kanner net kënne stattfannen, dofir och hinnen e Merci fir déi Flexibilitéit.

**Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter):** Jo Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Jo, ech denken, dass all déi Veräiner, déi do waren, hätten och missen eng Hitzeprämie kréie well et war waarm wéi ech weess net wat an si hunn alleguer vill geschweesst.

Nach eng Fro, d'Jugendkommissioun ass hei och opgeléicht mä d'Kommissioun kréien en eegene Budget, dofir ass d'Fro firwat déi e Subsid kréien?

**Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter):** Dat heiten ass d'Jugendkommissioun vum Basket.

**Loris Spina (LSAP - Schäffen):** Effektiv war et waarm, et war och e Problem fir genuch Schiet op dee Site ze kréien, mir hu probéiert deem entgéintzewierken a mir haten och jidderengem gratis Waasser zur Verfügung gestallt, well et war effektiv ganz waarm.

**Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter):** Ass de Gemengerot mat deem Subsid averstanen ? Dat ass **unanime**. Villmools Merci.

## 4. OFFICE SOCIAL

### 4.1. Approbatioun vum Bilan a vun der Gewënn-a Verloschtrechnung vum Geschäftsjoeer 2016

### 4.2. Approbatioun vum jäerlechen Dekont 2017

**Dan Biancalana (LSAP - Buergermeeschter):** Ech begréisse ronderëm de President Romain Zuang och d'Mataarbechter vum Office social, de Jacques Hansen, d'Carole Wagner an och de Receveur Bib Loos.

Et sinn dräi Punkten, déi um Ordre du jour si vum Office social, et ass engersäits d'*Approbation vum Bilan du Comte des profits et pertes* vum Joer 2016, den Décompte annuel vum Joer 2017 an et ass virun allem awer d'Presentatioun vum *Rapport d'activité* vum Joer 2017 an awer och de Rectifié 2018 a virun allem awer och de Budget vum Joer 2019, an hei par rapport zu der Approbation du Bilan du Comte de profits et pertes vum Joer 2016, géif ech d'Wuert un den Här Zuang ginn.

**Romain Zuang (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, am Uschloss mécht d'Carole Wagner dee wichtigsten Deel, dat ass d'Presentatioun vum Budget vum 2019, uschléissend kënne mir do Froe beäntweren an da géif de Jacques Hansen kuerz duerch de Rapport d'activité féieren, awer nëmme mat enger Partie ausgewielte Sliden, wou mir den Akzent wëllen drop setzen, an doropshin dann och nach eventuell Froe beäntweren.

Ech géif dann d'Wuert weider un d'Carole Wagner gi fir ganz kuerz nach eng Kéier iwwer de Bilan du Comte de profits et pertes 2016 ze goen, dat ass näischt Ëmwerfendes, et ass am Fong geholl eng pro forma Saach, dass dat nach eemol hei an de Conseil muss kommen.

**Carole Wagner:** Genau dat, de Comte de profits et pertes 2016 ass u sech kontrolléiert ginn a muss pro forma nom Contrôle dann nach eemol duerch de Gemengerot goen.

Fir den Décompte annuel 2017, dat ass dee vun der Konventioun O mam Ministère de la Famille, normaleweis huele mir deen ëmmer e bëssen éischter mat duerch de Gemengerot, mir wollten dëst Joer alles regroupéiere fir net mussen nach eemol heihinner ze



kommen an et war och esou, dass mir op d'Kopie vum Ministère gewaart hunn, wou ënnerschriwwer war vum Ministère. Dofir huet dat e bësse Verspéidung gehat.

**Romain Zuang (LSAP):** Wann do keen eng Fro dozou huet, kënnen mir doriwwer ofstëmmen.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ass de Gemengerot mat deenen zwee Punkten averstanen? Ass dat **unanime**? Merci. Da gi mir op de Plat du jour iwwer.

#### **4.3. Presentatioun vum Geschäftsbericht fir d'Geschäftsjoer 2017 an Approbatioun vum Budget rectifié fir d'Geschäftsjoer 2018 a vum Budget initial fir d'Geschäftsjoer 2019**

**Carole Wagner (Office social):** Ech hunn e klengen Tableau préparéiert wéi all Joer, u sech fir de Budget vum Office social e bësse ze regroupéieren a méi einfach ze erklären.

Mir hunn eng Kéier de Budget rectifié 2018, wou mir eng total Recette vun 2 867 339,21 Euro hunn, Dépense vun 3 244 854,92 Euro. Eise Budget ass opgedeelt an déi sechs verschidde Konventiounen.

Do hu mir eemol d'Konventioun 50/50 Ministère de la Famille an d'Gemeng Diddeleng.

Mir hunn eis Konventioun 1, dat ass d'Konventioun 100% Gemeng.

Mir hunn d'Konventioun Avances remboursables an d'Gestiounen, d'Gestion financière vum Office social. Mir hunn d'Konventioun 3, déi 100% Ministère de la Famille ass.

Mir hunn d'Konventioun 4, wou 100% SNAS ass.

A mir hunn d'Konventioun 7 mat dem Ministère de la Santé fir den Tiers payant social.

Ech ginn elo haaptsächlech op d'Konventioun 1 vun der Gemeng an, wou mir Recetten hu vun 540.891,19 Euro an Depensen vun 918.406,90 Euro, mat engem Resultat u sech op där Konventioun negativ vun 377.515,71 Euro, wou u sech ass déi 500.000 Euro 2018 wou mer ginn hu fir de Projet 37/39 rue du Commerce, d'Renovatioun vum Haus.

Esou, dass mir u sech e Mali présumé 2018 hu vun -196.511,58 Euro.

Doduerch, dass mir awer am extraordinäre Budget e Boni reporté hu vun de Jore virdrun, géife mir fir e globale Boni vum Budget 2018 op 585.290,14 Euro kommen.

Da kommen ech op de Budget 2019, wou d'Opdeelung dann natierlech d'selwecht ass, eis Konventiounen sinn alleguerten équilibréiert, ausser eben d'Konventioun 1, 100% Gemeng Diddeleng, do hu mir e Resultat vu -138.050 Euro an den Depensen, déi si méi héich, well do de Conseil d'administration vum Office social decidéiert huet, der Gemeng Diddeleng nach eemol 200.000 Euro ze gi fir de Projet 37/39 rue du Commerce, esou dass mir am Ganze 700.000 Euro do matfinanzéieren.

Do komme mir dann och op e Boni, wa mir mam extraordinäre Budget kucken, hu mer dann awer nach e Boni vu 437.240,14 Euro fir de Budget 2019.

Ech hunn do och nach eng kleng Opdeelung gemaach, wat d'Participatiounen ubelaangt vun der Konventioun 0. Do ass d'Participatioun fir 2018 vun der Gemeng Diddeleng, déi wier fir 445.856,64 Euro, wou u sech eng Participatioun 2018 pro Awunner wier vun 21,77 Euro.

Fir de Budget 2019 wäert d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng 446.875 Euro sinn an Participatioun 2019 pro Awunner op 21,41 Euro erofkommen.

D'Konventioun 0 ass och e bësse opgedeelt hei am Tableau, mat deene verschiddene Funktiounen.

Mir hunn eng Positioun Organes politiques fir 12.500 Euro.

Dann hu mir eis Coordination administrative, wou u sech de Personnel administratif och ass, vun 229.150 Euro.

A mir hunn eis Fonctioun Aide aux nécessiteux, wou ënnen drënner bësse méi opgedeelt ass, wou mir eis Frais de fonctionnement hu vum Office social fir 94.700 Euro, mir hunn de Personnel social vum Office social fir 215.000 Euro, de Personnel social re-facturé à la commune fir 230.000 Euro an eis Aide au Personnes dans le besoin, dat sinn eis Secourse fir 132.400 Euro fir 2019.





An da kënnt eng Opdeelung vum Budget vun der Konventioun 1, Konventioun Gemeng, do gesitt Dir dann, dass mir eng Kéier fir 2018 Depensen hu vun 508.330 Euro, well do déi 500.000 Euro si vum Projet rue du Commerce a fir 2019 hu mir 264.000 Euro, well mir do nach eng Kéier déi 200.000 Euro hu vum Projet Rue du Commerce an de Poste à responsabilité vu 56.000 Euro vum Office social fir de Post à responsabilité, eng hallef Tâche. Dat war et fir de Budget 2019. Merci.

**Loris Spina (LSAP):** Merci Madame Wagner, seet den Här Hansen elo eppes zum Rapport. Neen, da maache mir elo d'Stellungnam fir de Budget wann ech gelift. Wie wëllt eppes soen? Här Gangler.

**Jean-Paul Gangler (CSV):** Merci, ech hunn eng Fro. Wien ass dee "Personnel social refacturé à la commune"?

**Loris Spina (LSAP):** Ech géif proposéieren, dass mir fir d'éischt d'Froe sammeln an duerno beienee beäntweren. Merci. Si soss nach Froen oder Stellungnamen?

**Carole Wagner (Office social):** De Personnel social refacturé à la commune, dat sinn d'Corinne Guidoreni an Tatjana Greffrath, déi vun der Gemeng agestellt sinn an detachéiert sinn un den Office social.

**Romain Zuang (LSAP):** Voilà, da kënne mir elo weiderfuere mat dem Rapport d'activité, wéi gesot net ganz, Dir hutt e jo bestëmmt duerchgeblidert, mä wéi gesot déi wichtegst Momenter. De Jacques Hansen huet d'Wuert.

**Jacques Hansen (Office social):** Merci, ech wollt kuerz soen, wat de Rapport d'activité 2017 ubelaangt, deen ass leider net esou komplett wéi déi Jore vir-drin. Et ass esou, dee System, dee mir do benotzt hunn, deen ass am November 2017 ausgelaf, an duerch en neien ersat ginn. Leider war eis dat net méiglech, sämtlech Donnéeën do eriwwezekréien, et sollt nach nogeholl ginn, mä bis dato ass dat nach net méiglech. Wa mir nach eppes vun 2017 do kréien, da kënne mir dat noreechen. Ech hat dat och kuerz am Rapport hei geschriwwen.

Ech géif dann zum éischte Slide kommen, de Slide 9, wat den Dossier Frais non financiers ubelaangt, dat spigelt am Fong d'Haaptaarbecht vun deene véier Assistante-socialë vum Office social erëm, dat heescht d'Enquête maachen, Conseile ginn an Demanden

ausfëlle vun aller Art. Dat mécht u sech quasi 90% vun hirer Aarbecht aus, alles wat net financier ass. Wann een elo dee Chiffer vun 4 184 Dossieren do kéint héichrechnen op den 31. Dezember, da kéint ee soen, dass nach eng 300 Dossieren dobäi kommen.

De Slide 11, dat sinn d'Demandes de secours financiers, dat sinn all déi Demanden, déi mat an de Verwaltungsrot ginn, wou de Verwaltungsrot eng Decisioun hält, entweder si ginn accordéiert oder refuséiert. 2017 hate mir 404 Demanden, 374 sinn accordéiert ginn an 30 Demandë goufe refuséiert.

De Slide 12 ass Secours financiers accordés, 2017 hate mir Secoursen ausgi fir 96.583 Euro. Wat een hei ka soen ass, dat ass dat de Punkt Logement bal 50% ausmécht vun de Secoursen, déi mir ausginn hunn. Dat betrëfft alles wat de Logement ubelaangt. De Slide 13, do hu mir den Detail vum Logement, wat wéi ech vir-drin gesot hunn, bal 46% ausmécht. Do gesäit een, dass den Loyer, d'Secoursen, dass dat 54% ausmécht, iwwer d'Halschent. Wat eis awer och opfällt, mir iwwerhuelen och vill Gemengentaxen, Elektresch a Gas, a wann een déi 3 Posten zesummerechent, da kënnt een op bal 38%.

Den nächste Slide ass Santé, do kann ee soen, dass d'Santé bäi de Secourse 40% ausmécht. Wat do de Gros ausmécht, dat sinn d'Cotisationsen, déi mir bezuele fir Leit, déi keng Krankekeess hunn, wou mir eng Weiderversécherung maachen an déi Fraisen iwwerhuelen, wat 33% ausmécht. Wat och klëmmt, dat ass den Tiers payant social, d'Part-patients, wou mir vill Dokterrechnungen iwwerhuelen a bezuelen. Déi 3 Poste maachen +/- 85% aus.

Den nächste Slide vun der Comptabilitéit, dat ass am Fong d'Comptabilitéit vun der Gestion financière volontaire. Eis Assistenten am Office social, déi maache schonn zënter Joren eng Gestion financière vun deene Leit, mä wat elo nach dobäikënnt, dat ass déi Gestiou. Leit, déi eng Gemengewunnung kréien, déi mussen och eng Gestion financière volontaire acceptéieren. Well de Sënn ass jo och do, dass mir mat den Leit hire Sue kënne Suen uspuere fir dass se duerno eng Wunnung um private Marché fannen.

Doduerch erkläert sech och, dass bäi de Recetten an den Depensen do déi Montante schéin an d'Luucht gaange sinn. Wann ech elo déi Recetten huelen 2017, do si se op 190.000 Euro geklommen. Déi Recetten,



dat sinn de Leit hir Suen, hiert Akomes wat mir do geréieren a logescherweis klammen d'Depensen och, mat deenen hir lafend Fraise bezuelt ginn.

Déi aner Sliden ginn ech erëm un d'Madame Wagner.

**Carole Wagner (Office social):** Da komme mir ob d'Partie Logement vum Rapport d'activité 2017. 2017 hu mir 29 Menagé logéiert, dovunner waren 44 Erwuessener an 51 Kanner. Mir haten 2017 och vun eise Wunnengen awer 10 Departen, dat heescht wou d'Leit awer erëm konnten entweder um private Marché oder soss eng Wunneng fonnt hunn a konnten aus eise Wunnengen erausgoen.

Dann, beim Suivi social, dat ass u sech déi Partie, wou eis Assistante sociale mécht. Eis Assistante sociale hat 394 Entretienen 2017, 56 Visitten a 66 Reuniounen, wou u sech d'Reunioune si vum Logement, wou mir och heiansdo mol mussen zesummenkommen, mat anere Servicer och, wou mir Konventionen hunn a mir haten 62 nei Demandë fir eng Wunneng ze kréien.

Wat d'Loyereren ugeet, wou mir erakritt hunn, do hu mir 2017 am Ganzen 900.695 Euro Loyer erakritt, dovunner ware 75.935 Euro fir d'Gemeng.

An dann d'Fraise vum Logement, déi louchen 2017 bäi 165 268 Euro, wou awer och d'Loyereren dra sinn, wou mir bezuelt hunn, vun 117.958,16 Euro. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci och fir d'Presentatioun vum Rapport, dee sécherlech en Abléck an d'Qualitéit vun där Aarbecht, déi vum Office social geleescht gëtt. Niewent deem ganze Budget, deen een och brauch fir déi verschiddene sozial Mesuren ëmzesetzen. Dëst gesot, Merci fir d'Presentatioun vum Budget a vum Rapport d'activité an ech géif soen d'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, et ass ëmmer en traurege Punkt vum Ordre du jour vum Dezember, wa mir iwwer den Office social schwätzen, mä et ass eng Realitéit, den Här Manderscheid hat gesot, d'Aarmutsrisiko klëmmt, dat ass eppes wat kee gären héiert wat Dir awer an Ärem Alldag gesitt an dofir e grouse Merci fir déi Aarbecht, déi Dir maacht.

Hei war och op alle Bänken ëmmer en Accord, dass mir allegueren d'Demarchen an Aarbechte vum Office social honoréieren, respektéieren an och aprouvéieren a virun allem lech ëmmer e grouse Merci soe fir Är Aarbecht.

Ech denken, deen neie Site vum Office social huet sécher dozou bäigedroen, dass d'Accessibilitéit och besser ass, d'Visibilitéit och besser ass, och déi Kooperatioun - ech war elo net vill drop agaangen - mat aneren Intervenanten an Ärem Haus, sief et Jugend- an Drogenhëllef oder och anerer, dat ass sécher och eng ganz gutt Saach an ech denken och, hei zu Diddeleng hu mir pro Bierger eng Participatioun um Office social déi nach e bëssen erofgaangen ass, well mir och logescherweis elo méi Bierger hunn, vun 21,77 Euro, domat huet all Diddelenger d'lescht Joer participéiert, dëst Joer sinn et 21,41 Euro, ech denken, dat ass net vill an déi Sue si ganz gutt investéiert.

Wat e bëssen dramatesch ass, dat ass de Problem mam Logement, dat ass all Mënsch hei bannen awer och dobausse sech bewosst, dass dat e grouse Problem ass.

Mir sinn op dee Wee gaangen, dass mir méi Wunnengen och als Gemeng kaf hunn, gelount hunn oder awer geréieren, esou dass dat eppes ass, wou mir kënne weider ausbaue fir dass mir eisen Diddelenger an och net nëmmen Diddelenger Leit, déi un der Aarmutsgrenz krazen oder och schonn dragefall sinn, fir deenen ze hëllefen.

Den Här Manderscheid hat schéin exposéiert, d'Aarmut ass eppes wat imminent ass, dat ka jidderengem no engem Misär, no enger Faillite vum Patron oder esou séier entstoen. Ech fannen et och ganz dramatesch wann Dir déi Zuele weist vun deenen 29 Menagen, déi logéiert waren, 44 Adulten a 51 Kanner.

51 Kanner, déi awer musse mat engem oder zwee Elterendeeler, meeschtens nëmmen engem Elterendeel, an enger sozialer Wunneng Ënnerschlupf fannen - esou muss een et soen - esou schéin an esou gutt wéi se och ëmmer ass, et ass ëmmer e ganze Rateschwanz vun Misär hannendrun, an do si mir um richtege Wee, dass mir eben déi Locatiounen zur Verfügung stellen an dat ass eppes wat ech och a menger Praxis gesinn, dass se einfach immens dankbar sinn, dass se do eng éierbar Wunneng fannen an net an iergendengem Lach ënnerggeschubst ginn an dat ass eppes ganz Wichteges.



D'Durée moyenne, do sot Dir 4,28 Méint, wat ech erstaunlech niddereg fannen, wann ech kucke mat der Kap als Presidentin vum Verwaltungsrot Pro Familia, da fannen ech dat relativ wéineg, well mir hu méi Problemer, Leit aus eisen Zweephasewunnengen ze kréie wéi Dir hei, well dat si Krisewunnengen, do ass meng Fro natierlech och: Déi 10 Departen, wou sinn se higaangen, hunn se wierklech och um fräie Marché eng Wunneng fonnt oder sinn se an eng aner Struktur gaangen oder sinn se bäi d'Wunnengshëllef gaangen, bäi de Fonds de Logement, wat jo och just eng Iwwergangsphas heiansdo soll sinn.

An dann ass och meng Fro: Sinn do heiansdo Problemer komm mat de Menagen, dass déi sech heiansdo wierklech net un déi Konventioun, déi se musen ënnerschreiwen an och wéi mir gesot hunn, acceptéieren, dass eng Gestion obligatoire vun hire Revenue gemaach gëtt.

Gëtt et do och Problemer, dass mir Leit hu missen noleeën, einfach eis Wunnengen ze verlooosse well se do net mat eis kooperéiert hunn?

Wéi gesot, ech kéint elo nach ganz vill soen, ech wollt nach just ee Wuert soen zum Tiers social, Dir sot, et geet an d'Luucht, ech fannen awer, dass nach net genuch Leit dovunner profitéiere well mir hunn awer - soen ech einfach mol, d'Kap op vum Dokter - mir hu vill Leit, déi net à même sinn, hir Rechnungen ze bezuelen an déi de Wee nach scheie fir den Tiers payant social unzefroen.

Meng Fro ass: Kann een deen isoléiert ufroen oder muss een do e kompletten Dossier bäi lech ufroen?

Dat ass wat mir eisen Patiente kéinte mat op de Wee ginn, ech denken, dass do och nach Loft no uewen ass, dass sécher nach méi Leit frou wiere wann do den Tiers social payant kéint accordéiert ginn.

An dann, wat och dramatesch ass, dass esou vill Leit net méi hir Taxe kënnen hei zu Diddeleng bezuelen, hire Loyer net kënnen bezuelen, dat ass einfach e globale Problem a mir haten och scho rieds wéi mir iwwer d'Maison Relais geschwat hunn, dass och do Leit net méi à même sinn, déi Chargen, déi jo awer minimal sinn, mat de Chèque-servicen, déi do d'Enner net zesummekréien.

Also wéi gesot, ech mengen d'Aarbecht geet lech net aus, mir ënnerstëtzen lech wou mir nëmme kënnen, in

Worten, Taten an awer och am Support moral, do kënnt Dir lech sécher sinn, och vun der CSV-Säit aus a mir votéiere selbstverständlech Äre Budget mat. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci der Madame Kayser. D'Martine Bodry-Kohn huet d'Wuert an duerno d'Romaine Goergen.

**Martine Bodry Kohn (LSAP):** Merci, elo ass natierlech scho Villes hei gesot ginn. Merci, Madame Kayser fir déi Wieder, besser kann een et och net ausdrécken. De Budget vum Office social spigelt hei d'Aarbecht an d'Engagement erëm hei zu Diddeleng a mir begréissen et och hei vun der LASEP, dass och d'Gemeng an des Majoritéit déi néideg Mëttelen zur Verfügung stellt fir déi Aarbecht ze maachen.

Mir hunn de Cap vun deenen 21.000 Awunner geholl a wann een elo dee Prozentsaz - wéi den Här Manderscheid gesot huet - den herno un der Grenz vum Aarmutsrisiko muss liewen, da komme mir op déi 4.300 Dossieren ongeféier, déi den Office social hei zu Diddeleng muss geréieren, dat heescht, mir si keng Insel hei, gell, mä mir kucken där Realitéit an d'Aen, mir këmmen eis. Mir ginn dem Office social déi néideg Mëttelen an och dat Personal an dofir ënnerstëtzen ech a felicitéieren ech hei, dass och an Zukunft deen Office social nach méi professionell soll ginn, dat heescht, dass mir op de Wee solle goe vun dem Chargé de Direction, fir dass déi Dossieren nach méi professionell och intern geréiert kënnen ginn an dass dat méi schnell weidergeet.

An ausserdeem och, dass déi Cellule Logement deemnächst soll zu engem Service ginn, well d'Erausfuhrerunge bleiwen, déi ginn net méi kleng, och an Zukunft, an dat begréisst mir, dass dat an Zukunft och hei déi néideg Struktur soll kréien.

E grouse Merci och vun der LSAP-Säit fir déi vill Aarbecht, déi do um Terrain geleescht gëtt. Mir felicitéieren hei dem Här Zuang fir dat matzehuelen an de Conseil d'administration, mä awer och de Leit, déi um Terrain, déi ganz Equipe vun den Assistenten an de Fonctionnaire fir déi aussergewöhnlech Aarbecht well ouni si wier dat net méiglech. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci och dem Martine Bodry-Kohn an der Madame Kayser fir déi Zoustëmmung wat d'Aarbecht vum Office social ugeet. Madame Goergen.



**Romaine Goergen (Déi Gréng):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen, heimat erlaben ech mir, am Numm vun den Gréngen Stellung ze huelen, zu deenen dräi Dokumenter, déi mir um Ordre du jour haten.

Also fir d'éischt der Madame Wagner an dem Här Loos e grouse Merci fir déi Komptabilitéitsaarbecht, virun allem der Madame Wagner, déi eis déi Zuelen esou schéi virgestallt huet an sech ëmmer eng Freed doraus mécht, Erklärungen dozou ze ginn.

Ech fänke mam Bilan vun 2016 un a stelle fest, dass mir do e super Resultat verzeechent hunn. Mir schléisste mat engem Excédent vu ronn 780.000 Euro, wat wierklech vill ass an e bësse cocace fir en Office social, deem säin Zil jo net ka sinn, Excédenten ze dégaigieren.

Et erkläert sech natierlech duerch déi kumuléiert Zouwennunge vun der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, déi reegelméisseg op eise Konten ukomm sinn. Eréischt 2 Joer drop, also am Budget 2018, sinn déi erspuerte Sue genotzt gi fir e Projet vu Sozialwunnengen duerch en Transfert vu 500.000 Euro un d'Gemeng.

Am Budget vun der Gemeng fënnt een dann déi hallef Millioun Euro erëm, am ausseruerdentleche Budget vun 2018, fir dat fréiert Bauerenhaus an der rue du Commerce. Och an de Budgete rectificié vun 2018 an initial vun 2019, déi zu 100% vun der Gemeng gedroe ginn, fanne mir dee méi staarken Engagement fir eege sozial Wunnenge vun der Gemeng erëm.

Fir 2019 ginn nach eemol 200.000 Euro vun de kumuléierten Zouwennunge vun der Lotterie nationale fir d'Schaafe vu soziale Wunnengen an dem Haus 37/39.

D'Ausgaben, déi nëmme vun der Gemeng gedroe ginn, belafe sech am Budget rectificié 2018 op ongeféier 918.000 Euro géint ongeféier 540.000 Euro Recetten, also negativ.

Am Budget 2019 ginn d'Ausgaben awer erëm erof op viraussichtlech 670.000 Euro.

Et ass awer och interessant, dass eben 2017 schonn en Deel vum Gewënn vun der Lotterie nationale, deen se eis zoukomme gelooss hunn, direkt ofgezweigt

goufe fir d'Sozialwunnengen, dat waren dee Moment 50.000 Euro, 2018 sinn am Budget rectificié erëm 82.000 Euro fir d'Sozialwunnenge verbucht ginn, grad wéi an de Previsiounen vun 2019.

Doduerch gëtt da verhënnert, dass vill Suen op Konte stinn, déi sënnvoll kënne genotzt ginn.

Komme mer nach kuerz zu dem Budget, deen de Statut an d'Gemeng zu gläichen Deeler betreffen. Bäideenen Ausgabe stelle mir fest, dass se relativ constant am Budget rectificié 2018 sinn, par rapport zum Budget initial vun 2018.

Och fir dat nächst Joer ass eng Participatioun vun ongeféier 440.000 Euro virgesinn vun der Gemeng Diddeleng a vum Lëtzeburger Staat fir déi lafend Geschäfte vum Office social.

D'Zuele vun den Einnahmen an Ausgabe ginn eis natierlech Unhaltspunkten dozou, wat gutt Sozialaarbecht an enger Gemeng ebe kascht. Dofir fannen ech et och wichteg, doriwwer ze schwätzen an sech domadder auserneezenesetzen, och wann et e bësse spët am Dag ass.

Déi speziell Aart a Weis, wéi de Budget vum Office social presentéiert gëtt, fir d'éischt als Ganzt an dann opgedeelt, jee no Finanzéierungsmodus, mécht d'Analys vun den Zuelen net grad einfach.

Mir kënnen awer als Gréng Fraktioun dem Bilan 2016 an dem Budget rectificié 2018 an dem Budget 2019 mat guddem Gewëssen zoustëmmen. Dat gëllt och fir den zukünftegen Responsable de Coordinatioun, deen als zukünfteg hallef Tâche fir 2019 virgesinn ass.

De Rapport d'activité weist d'Aarbecht um Terrain op méi eng méi zougänglech Aart an Weis. Fir dës Grafiken soe mir dem Här Hansen Merci a fir d'Arbechten um Terrain den Assitante-socialen an aneren Mataarbechter am Office social.

Mir hunn de Rapport d'activité a senger gewinnter Form virleien, mat Informatiounen zu de Clienten, déi vu Joer zu Joer relativ wéineg awer ofänneren. Et bléiwen ëmmer ongeféier 10% vun de Stéit vun Diddeleng, déi iergendwa fir Hëllef uklappe kommen.

Et fält all Kéier op wéi vill Leit musse gehollef kréie bei administrativen Aufgaben. Et sinn dat déi netfinan-





ziell Hëllef, déi iwwer 4.000 Ufroen ausmaachen an engem en Androck vermëttelen, wéi wäit ewech vun eiser moderner, schnellieweger Welt verschidde Leit sinn.

Am Réckbléck mierke mir och, dass insgesamt méi Demandë fir eng finanziell Hëllef gestallt gi sinn an dass dobäi och 30 Refusen ausgeschwat gi sinn. Dat war meeschtens, wann d'Leit net matschaffe wollten oder konnten.

Interessant ass dann och de Montant vun den Hëllef a Form vu Loyeren a Kautiounen, säit engem Maximum vun 2014 mat iwwer 60.000 ass dee konstant erofgaange bis 24.000 Euro. Dat huet verschidden Ursaachen, woubäi an der Lescht Kautiounen zu 80% virgestreckt an erëmgefrot gi sinn, während dat virun e puer Joer nach knapps d'Halschent waren.

Et gi vill Hëllef ausbezuelt, déi mat der Gesondheet zesummenhängen. Et ass scho virdrunner gesot ginn, oft hänkt Aarmut mat Krankheet zesummen an den Tiers payant social ass dann eng gutt Hëllef, besonnesch bäi chronesch Kranken, déi vill musse bäi d'Doktere goen. Den Office social iwwerhëlt dann d'Patientepart, déi d'Krankekeess net bezilt, selten ass den TPS d'lescht Joer refuséiert ginn. 2017 hunn d'Assistante-socialen och Gestion-volontaire gemaach, bäi deenen et drëm geet, mat enger schlimmer Verscholdung eens ze ginn an d'Ausgabe besser ze iwwerwaachen. Dat mécht och e groussen Deel vun deem enge Budget aus.

Den extra interessanten Deel vum Tätigkeetsbericht betrëfft awer d'Wunnengen, déi fir d'Gemeng geréiert ginn. Am Moment sinn dat der 23, déi och un e Suivi social gekoppelt sinn. Am Tätigkeetsbericht gesäit een, wéi vill Aarbecht dohannert stécht bäi engem Suivi social, a Form vu Visitten an Entretien mat de Leit, fir se op eng Schinn ze kréien, dass se sech selwer duerno hëllef kënnen.

Am Laf vum Joer 2017 hunn 29 Stéit op eng Iwwergangswunneng zeréckgegraff, 24 Erwuessener mat ëmmerhin insgesamt 51 Kanner. Déi Moyenne vu 5 Méint, déi se verbliwwe sinn, seet net vill aus, well dobäi sinn der, déi ganz laang bleiwen, anerer awer och vill méi kuerz. Glécklecherweis huet 2017 kee missen erausgesat ginn.

Dass dëst Verloune vu Sozialwunnengen um finanzielle Plang an natierlech nëmmen op deem Plang e Verloschtgeschäft fir d'Gemeng ass, ass vident. Et gesäit een et och gutt op engem Slide mat diverse Grafiken. Fir Ausgabe vun 165.200 Euro am Joer 2017 sinn nëmme Loyere vun 118.000 Euro era-komm.

Dat kënnt dovunner well net duerchgehend verlount gëtt, mä och well d'Gemeng d'Taxen a Chargë fir Heizung an Elektresch integral iwwerhëlt. Dat ass aus sozialer Siicht sënnvoll well d'Leit jo Suen uspuere solle fir eng Chance herno um fräie Maart ze kréien. Et wier och net machbar, déi Fraise reell opzedeelen. Et ass just ze hoffen, dass d'Leit sech trotzdeem responsabel spiere fir hire Verbrauch un Heizen, Elektresch a Waasserkäschten.

Op aner Aspekter vum Tätigkeetsbericht wëll ech net agoen, et war schonn e bësse laang.

Ech géif dann ofschléisse mat engem Luef fir déi ganz Equipe vum Office social, mat der Meenung, dass et gutt ass, dass Diddeleng sech esou staark o sozialem Plang engagéiert a versicht ze suerge fir déi sozial Kohäsion, déi eis ëmmer méi – fäerten ech - verluer geet. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci dem Romaine Goergen, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Dat schénkt net de Fall ze sinn, da géif ech proposéieren, dass d'Verrieder vum Office social op verschidde Punkten aginn, wou Froe waren.

**Jacques Hansen (Office social):** Ech wollt drop äntwere wat den Tiers payant social ubelaangt. Dat sinn och Demanden, déi finanzieller Natur sinn, do mussen d'Leit, wann se kommen, och en Dossier zesummestellen. An deem Dossier geet och mat an de Conseil, do gëtt en accordéiert oder refuséiert.

Mir haten 122 Demanden, dovunner sinn der 2 refuséiert ginn, et hänkt ëmmer dovunner of wéi déi finanziell Situatioun ass. Wa mir se dann accordéieren, bezuele mir an déi Sue kënnen mir iwwer d'Santé recuperéieren.

**Carole Wagner (Office social):** Mir bezuelen och am Joer ëm déi 70.000 Euro Dokteschrechnungen, déi mir och esou iwwerhuelen, wann d'Leit eng Rechnung hunn.



Do muss ech e bëssen iwwerleeën. 2017, mir haten 10 Departen, also fir d'éischt wat d'Durée vun de Konventiounen ugeet. Mir maachen ëmmer nëmme 6 Méint eng Konventioun a kucke wéi d'Leit mat eis zesummeschaffen. Och do wéi se mat der Gestioung finanzière mat averstane sinn, ob d'Kollaboratioun mat der Assistante sociale gutt klappt, ob d'Wunnengen an der Rei sinn a propper gehale ginn, wou mir och reegelméisseg Kontrolle maachen.

Voilà, an dofir maache mir eng Konventioun vun eben ëmmer nëmme 6 Méint. Dofir ass dee Montant, also déi Moyenne och esou niddereg. Dat wëllt awer net heeschen, dass d'Leit do erausginn, dat gëtt ebe meeschtens verlängert. Mir sinn nach ëmmer um Punkt wou mir de Leit soen, 2 Joer, maximum 3 fir ab 2 Joer schonn e bëssen Drock ze maachen, dass se kucke fir eppes aneshtes ze fannen.

Dat klappt de Moment, mir kënnen eis net bekloen, et klappt relativ gutt. Dat heescht, mir hu Leit gehat, déi eng aner Wunneng um private Marché fonnt hunn, mir hunn och Leit gehat, déi genuch ugespuert hunn an déi e Prêt kritt hunn, déi konnte sech en Appartement oder esouguer en Haus kafen. Voilà, mir hu keng Expulsioun gehat an deem Sënn, mir hate scho mol Leit, bäi deene mir misste méi Drock maachen, mä si hunn nach ëmmer eppes fonnt.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Romain Zuang.

**Romain Zuang (LSAP):** Ech soe Merci fir d'Zoustëmmung fir déi Budgeten, och fir den Compte Pertes et Profits vun 2016 an den Dekont vun 2017.

Ech soen och Merci fir déi vill Luewen un d'Equipe, ech huelen se gär mat.

Dir hutt jo och un den Zuele vun den Dossiere gesinn, dass effektiv do uewen am Haus sech kee langweilt an dass am Fong d'Zuel vun den Dossieren do nach wäert flagrant an d'Luucht goen, dat mat dem lwwergang elo vum 1. Januar u mam neie REVIS-Gesetz.

Mir hu jo missen eng Persoun mat enger 20 Stonnen-Tâche ausschreiwen. Déi Persoun hu mir och elo, vu dass d'Nathalie Bley awer och demissionéiert huet, hu mir och nach eng Persoun fir 40 Stonn d'Woch misse sichen. Mir hunn do e puer Persoune fonnt, eng déi dräi an en halleft Joer och schonn am Metier

ass, am SRAS (Service régional d'action sociale) gewiescht ass - dat gëtt jo elo ARIS (Agent régional d'inclusion sociale) genannt - dat heescht do hu mir elo eng gutt Basis a mir hunn natierlech nach eng méi jonk Assistante agestellt, déi elo vun zwee Leit vun eis kënnen ugeléiert ginn.

D' Zuel vun den Dossiere wäert klammen. Et ass net fir näischt, dass déi Persoun dobäikomm ass. An Aussicht ass och gestallt ginn, dass 2020 aus deenen 20 Stonnen dann och eng voll Tâche ka gemaach ginn.

Wat deen anere Volet ubelaangt vum Logement, do hu mir de Moie jo och schonn héieren, vun deene ville Wunnengen, déi mir schonn hunn, dat heescht mir hunn der elo scho 34, déi mir musse bewirtschaften, dat ass net evident, mir si keng Agence immobilière, mir fueren do lues a lues op der Felg. Also, mir si bal um Enn vun de Kapassitéiten ukomm, mä d'Zuel vun de Wunnenge wäert awer och nach an de nächste Joer permanent an d'Luucht goen.

Mir haten elo en Appell gemaach am Bliedchen, un d'Propriétaires fir Haiser, Wunnengen mat de Viran Nodeeler, déi et gëtt, wann een se fir d'sozial Locatioun hirgëtt, a mir hunn och direkt Äntwerte kritt.

Mir hunn eng hallef Dosen Immeublen, déi mir kucke ginn, mir ware schonn en Haus kucken. Et ass awer och esou, dass mir net all Haus a Wunneng direkt wäerte gären huelen, heiansdo sinn se ze grouss, heiansdo sinn se ze vill nobel ageriicht, wou een dann herno ëmmer muss domadder rechnen, wann ee scho versprécht, dass een de Leit den Entretien gewäert, dass een natierlech net herno muss en neit Haus bauen.

Dofir sinn Haiser och vill méi problematesch wéi Appartementer. Wéi gesot, do muss gutt opgepasst, wéi wäit mir do ginn.

Dat sinn emol déi, vun deene mir wahrscheinlech 2-3 Stéck zu 100% wäerte kréien, da sinn awer och déi op Lenkeschléi, déi ginn 2019 un d'Netz, déi mir d'lescht Joer hei votéiert haten, dat sinn et der schonns 5-6. Dann hu mir nach Kontakt mat Leit, déi amgaange sinn, Chambre-meubléeën ze bauen, zum Beispill am Hensen-Haus, do hu mir nach keng Äntwert a keng Zouso mä et ginn der nach, wou mir dann oft uklappe fir eben nei Wunnenge derbäizekréien.



Da wäerte mir 2020 vläicht schonn déi zwee Appartementer kréien, déi mir vun den Oeuvres paroissiales kréien, 2021 war an Aussicht gestallt gi fir déi 8 Chambre-meubléeën ze kréien. Also, Dir gesitt wéi séier dat wiisst. Och mat de Wunnengen 37-39 rue du Commerce, dat gëtt e Pak Wunnengen, 2 Appartementer an 10 Chambre-meubléeën, sou dass mir wierklech 2021 op wäit iwwer 50 Wunnenge sinn, dat heescht, 2019 muss also elo e Joer gi wou mir eis mat der Kreatioun vun engem Service Logement, mat der Cellule Logement kënnen mir net méi mat der aktueller Besetzung esou weiderfuere, effektiv elo dëst Joer op d'Bee setzen, dass mir 2020 mat enger Equipe, déi e bësse méi grouss ass - mir brauchen net nëmmen den Numm deen ännert, mir brauchen och Leit déi do mussen dobäi komme fir den Entretien vun deene Wunnenge fir déi sämtlech Remise-de-cléen a Kontrolle maachen ze goen, an, an, an, do ginn et scho Problemer, an och eise Service hei op der Gemeng, dee bis elo déi technesch Fauten esou wäit wéi méiglech an de Grëff kritt, muss ee soen, dass herno och do muss eng fest Persoun sinn, déi an deem Service affektéiert gëtt fir kënnen op déi vill Reparaturen ze reagéieren, a wéi gesot, wa mir d'Appartementer oder d'Haiser müssen zeréckginn, dass effektiv do vill Saache musse gemaach ginn, déi een net ëmmer esou am Daily business vun der Gemeng ka maachen.

Dofir, 2019 ass schonns e wichtegt Joer, och d'Astelle vun deem Chargé de Direction, wa mir deen hikréie fir dëst Joer, dat ass net egal wat wat mir do froen, mir hunn schonn e Profil. Et ass net esou, dass mir dee Posten do elo géifen erfannen, mä mir orientéieren eis do um Office social vu Beetebuerg, Helleng, Fréiseng, wou viru kuerzem eng Annonce an der Zeitung war. Also jiddwerfalls, il y a du pain sur la planche, an et ass och esou, mir hunn dëst Joer wierklech vill Ännerungen an Aarbecht virun eis an ech hoffen, dass mir dat dann och an deem Geescht packen. Merci.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci och nach fir déi doten Erläuterungen an Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote vum Budget rectificié 2018 a vum Budget initial 2019 kommen. Wien ass mat deenen averstanen? Dat ass **unanime**.

Da soen ech dem Gemengerot Merci, dat stäerkt och den Office social a sengem weidere Bestriewen, a senger Aarbecht. An lech dräi och Merci fir Är Präsenz haut de Mëtten hei am Gemengerot.

## 5. APPROBATION VUN DE CHANGEMENTER AN DER ZESUMMESTELLUNG VUN ENGER GEMENGEKOMMISSION AN ENGEM AARBECHTSGRUPP

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da géif ech proposéieren, dass mir weiderfuere, da komme mir elo op d'Neibesetzung an der regionaler Musekschoul, do ersetzt d'Sandra Lux den Här Paul Klein.

Mir hunn och e Courrier vun der Harmonie municipale virleien an de Christian Flammang ersetzt den André Mathieu an der Promotioun vum Centre commercial. Dat sinn déi zwou Ännerungen, déi virleien. Hätt de Gemengerot Froen dozou? Ass de Gemengerot domadder averstanen?

**Jean-Paul Friedrich (CSV):** Ech wollt just eng kleng Fro stellen, dat huet elo näischt direkt domadder ze dinn, wéi dat elo hei besat gëtt, mä just well de Vic Haas gesot huet, hie wier net méi vum ADR, mä wéi geet dat da mat de Kommissiounen, wéi geet dat do, wéi dat verdeelt gëtt? Dat war just eng allgemeng Fro.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ech hunn dat gesot, dat ass eng Saach, déi nach ze klären ass. Mir hunn eis jo och réckverséichert mam Ministère de l'Intérieur, normalerweis misst dëse Gemengerot an engem nächste Gemengerot déi Memberen, déi an de Kommissiounen si fir den ADR demissionéieren. Dat heescht, dat misste mir op de Leescht huelen, well den ADR jo als Partei net méi am Gemengerot vertrueden ass an normalerweis misst de Conseil communal indépendant am Fong an de Kommissiounen ersetze loossen, déi den Indépendant-Statut hunn.

Et kënnen déi selwecht Beweegrënn sinn oder komplett neier, mä am Fong musse mir dat nach d'nächst Joer maachen. Voilà. Dat ass hei en neie Moment. Mir hunn eis am Ministère de l'Intérieur informéiert an nogefrot, wéi ähnlech gelagert Gemengen et gemaach hunn, dat war jo schonn de Fall, et ass keng Première an der Lëtzebuerger politescher Landschaft.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Voilà, da fuere mir weider mam Personal.



## 6. PERSONALFROEN

### Service Erziehung an Accueil

#### 6.1. Iwwerhuele vun den Aktivitéite vun der Associatioun "Placement pour enfants Minettsdepp a.s.b.l." – Kreatioun vun Aarbechtsplazen

##### 6.1.1. Kreatioun vun 1 Gemeindebeamteposten, an der Indemnitéitskategorie A, Indemnitéitsgrupp A2, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp

##### 6.1.2. Kreatioun vu 14 Gemeindebeamteposten, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp

##### 6.1.3. Kreatioun vun 3 Gemeindebeamteposten, Indemnitéitskategorie C, Indemnitéitsgrupp C1, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp

##### 6.1.4. Kreatioun vun 1 Salariéposten (Kollektivvertrag vun de Salariée vun de Südgemengen), Carrière vum Handwierker DAP (H3)

##### 6.1.5. Kreatioun vun 2 Salariéposten (Kollektivvertrag vun de Salariée vun de Südgemengen), Carrière vum Botzpersonal (A2)

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Well mir déi Decisioun jo geholl hunn, dass mir - nodeems d'ASBL Minettsdepp eis jo matgedeelt huet, dass se hir Aktivitéiten astellt an net méi d'Méiglechkeet huet, am Kader vum Benevolat d'Minettsdepp ze geréieren – dass mir natierlech dat Personal iwwerhuelen, déi iwwer 20 Leit, musse mir op där enger Säit Poste kreéieren, wat de Profil vun deene Leit ugeet an herno méi kloer eben déi Leit astelle well se do sinn, respektiv awer och nei Poste kreéieren, well och an de Minettsdepp selwer e Grupp opgeet fir Bëbeeën.

Dofir géif ech elo als éischt domat ufänke wat am Fong déi Leit ugeet, déi de Moment schonn do sinn.

Dat heescht, mir mussen 1 Poste schafe vum Educateur gradué, deen am Fong am Moment als Chargé do schafft, dat ass deen éischte Posten.

Duerno 14 Posten an der Kategorie B, dat sinn am Fong Educateur-diplôméen an dann net wéi hei steet 3 mä 4 Posten am Groupe d'indemnité C1, dat sinn déi sougenannt Aide-éducateurs, dat sinn der 4 Stéck.

An dann e Poste vum Salarié, an der Carrière vum Artisan, CATP, dat ass de Kach an 2 Poste-salariéen, dat sinn déi 2 Persounen, déi am Botzpersonal sinn. Dat ass de Personalbestand esou, wéi en de Moment do ass. Jo, Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci Här Buergermeeschter, ech wollt kuerz am Numm vun der CSV eng Prise de position dozou huelen.

D'Nuddelsfabrik an d'Minettsdepp, dat si konventionéiert Crèchen, déi och eng immens Ouverture haten ëmmer an och genau déi Kritäre walte gelooss hu fir Famille-nécessiteusen och opzehuelen, si hu virun allem och Monoparentallen ëmmer eng Plaz gi fir hir Kanner bäi hinnen ënnerzebréngen, si hunn eng ganz gutt Aarbecht gemaacht.

Ech sinn elo 20 Joer hei an ech hat an deenen 20 Joer nach ni iergendee Problem mat deenen 2 Crèchen. Wat elo den Accueil vun de Kanner ubelaangt, wat den Dialog ubelaangt an et wier schuet wa mir déi zwou Crèchë géifen agoe loossen an ech denken, vu dass mir am Quartier Italien eis souwisou en neien Challenge ginn, denken ech, dass dat heiten eng gutt Saach ass.

En plus kënne mir vun der Professionalitéit grad vun där Chargée de Direction profitéieren, déi eis och kann Tuyaue ginn, well wéi gesot, Quartier Italien, déi Crèche, dat ass en neien Terrain fir eis an ech denken, dass do déi Kollaboratioun sécher gutt ass.

Ech sinn och frou fir dat Personal wat konnt gerett ginn, well et weess een och net, wéi eng aner Alternative wieren et ginn. Hätt e private Repreneur et geholl, wann ee weess wéi dat bäi deene private Crèche funktionéiert, do ass et wurscht ob een Educateur 1, 2 oder 27 ass, d'Kanner hunn all keng Bezuchspersounen an dat ass an dëse Crèchen net de Fall, dat sinn 2 Crèchen, déi mat Häerz geschafft hunn, mat Verstand a mat immensem Engagement an dofir begréisste mir explizit dës Démarche, dass mir déi zwou Crèchen iwwerhuelen. Merci.





**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ech soen der Madame Kayser Merci fir déi doten Zoustëmmung. Wat ee Moment am Raum stoung, mir hu jo d'Decisioun geholl, dass mir se als Gemengerot iwwerhuelen, mir hätten se sécherlech net un e privaten Träger ginn, wann, dann hätte mir se als ASBL un e professionellen Träger ginn, well se och do ganz kloer d'Garantie gehat hätte vun deenen hirer Säit, dass déi se am Kollektivvertrag huelen, well déi Leit si jo de Moment och am SAS-Kollektivvertrag, et ass eent zu eent esou iwwerholl ginn.

Dofir musse mir se astellen an engem Reklassement, dat ass emol dat éischt an dat 2. ass, wat och flott ass, andeems mir déi heiten zwou Crèchen iwwerhuelen, nodeems dass mir un enger drëtter ebe plangen, oder an enger éischter Struktur sinn, déi amgaangen ze bauen, dat ass och de Mataarbechter, déi do sinn, wann se wëllen eng gewëssen intern Mobilitéit fir dee Moment ze dréinen, fir déi e flotten neien Moment. Ass de Gemengerot elo mat deene Poste fir déi bestoend Leit averstanen? Dat ass **unanime**? Merci.

**6.2. Kreatioun vun 2 Gemengebeamteposten, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp**

**6.3. Kreatioun vun 1 Gemengebeamteposten, 20 Stonne pro Woch, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp**

**6.4. Kreatioun vun 1 Gemengebeamteposten, 20 Stonne pro Woch, Indemnitéitskategorie C, Indemnitéitsgrupp C1, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp**

**6.5. Kreatioun vu 5 Gemengebeamteposten, Indemnitéitskategorie C, Indemnitéitsgrupp C1, edukativen a psychosozialen Ënnergrupp**

**6.6. Kreatioun vun 1 Gemengebeamteposten, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, administrativen Ënnergrupp**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da musse mir Posten och nei schafen, déi souwisou hätten och missen nei agestallt ginn, well mir och do schonn den Aval hu vum Educatiounsministère

Dat sinn Professioneller, déi mussen agestallt ginn, well elo deemnächst e Bëbesgrupp opgeet. Dat heescht, do musse mir en Educateur-diplômé-Poste schaffen fir 20 Stonnen, respektiv 2 Educateur-diplômé-Poste fir 40 Stonnen. Dat ass fir de Bëbesgrupp.

Da musse mir och nach qualifizéiert Personal astellen, 20 Stonnen an der Kategorie C, dat ass Personnel qualifié.

Da sinn och nach 5 Posten, 40 Stonnen, als Remplaçanten an nach 1 Posten, deen ass net méi Crèche mä dee concernéiert eis Structure-d'acceuil, dat ass e Fonctionnairesposten an der Redakters-carrière, wou dann och zu 75% awer net wéi déi aner zu 100% mä nëmmen zu 75% vum Staat gedroe ginn. Dee Redakter ass do fir méi de Volet vun der Comptabilitéit ze maachen, wat d'Maison Relaisen ugeet, well mir mierken, dass dat awer zimlech vill ass, fir dat Ganzt ze géréieren, sou dass mir iwwer d'Konventioun hei e Redakterposte kënnen kreéieren an och iwwer d'75-25% % déi Prozedure kënnen ofdecken. Dat ass de Punkt 6.6, dat ass de Redakter.

**Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP):** Also, si sinn net all fir d'Crèche. Et ass esou, dass déi 5 Educateuren, déi mir do hu mat 40 Stonnen, déi si fir d'Maison Relaisen, well mir hu ganz vill Congé-parentalen, mir hu Congé-de-maternitéen an et ass einfach fir kënnen flexibel ze handeln, dat heescht wa mir déi all Kéier erëm duerch de Gemengerot huele fir een nei anzestellen, da bass de mat 3 Méint fort a mir hunn awer heiansdo Urgencen, dofir kreéiere mir elo déi Posten. Et ass och een drop mat 20 Stonnen.

An dann, dee Fonctionnaire, dat ass esou, dat ass déi Comptabilitéit, dat klengt elo komesch mä et ass immens vill Gestiou vu Suen, vu Bongen, vun Akeef, déi gemaach ginn, déi ganz Gestiou vun de Maison Relaisen, déi leeft de Moment do uewen iwwer eis Comptabilitéit.

Elo ass et esou, dass de Ministère eis dat doten accordéiert huet, dat heescht, déi Comptabilitéit gëtt fir d'éischt vun deem gemaach an da kënnt se eréischt erop bäi de Pascal Poull an d'Comptabilitéit. Déi ganz Gestiou déi gëtt da vun deem gemaach, reng fir d'Maison Relais.



**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ass de Gemengerot mat där dote Kreatioun de poste am edukative Beräich averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

Aner Servicer

### **6.7. Kreatioun vun 1 Gemeindebeamteposten, Indemnitéitskategorie A, Indemnitéitsgrupp A2, wëssenschaftlechen an techneschen Ënnergrupp (fréier Ingénieur-technicien) fir den technesche Service Gebaier an Elektresch**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da komme mir eriwuer op aner Posten, déi mir schafen, déi net méi am edukative Beräich leien.

Dat ass engersäits, et huet e bësse mam Organigramm ze dinn, dee mir jo virun e puer Wochen am Gemengerot virgestallt haten, dass mir e Poste schafen, den A2, dat ass also e Bachelor, ebe fir als Fonctionnaire communal am Service de Gestion et maintien des Bâtiments an der Technique des Bâtiments et d'électricité.

Dat ass am Fong een, deem d'Aarbecht suivéiert, et ass e Gebäudetechniker, deem ass am Fong do fir alles wat d'Heizungen ugeet, um Niveau vun der Hydraulik, d'Kogeneratioun, d'Hydraulik vun eise Sanitaires, Ventilatioun, Regulatioun, respektiv Detektioun vum Incendie, Gas, Désenfumage, an dat an eise Haiser muss kucken, dat heescht déi ganz technesch Installatiounen. An et ass natierlech deem, deem déi Dossiere suivéiert, deem och déi néideg Soumissiounen muss maachen, deem de Budget muss opstellen, déi energetesch Projeten och suivéiert, déi eise Gebaier gehéieren awer och fir d'Gemeng an um Niveau vun der Maintenance vun den techneschen Installatiounen. Dat ass am Fong dee Posten, ëm deem et sech hei handelt. Madame Kayser.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Merci ech wollt just froen ob dat och eng Demande ass vum Service fir esou e Posten?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Jo, absolut, et ass net nice to have, et ass wierklech e Besoin do fir dat ze maachen, a wann ee mierkt, dass mir och ëmmer méi Gebailechkeete jo och bauen oder Acquisitiounen maachen, da geet natierlech och do de Besoin an d'Luucht. Voilà, ass de Gemengerot och domadder averstanen? Dat ass **unanime**.

### **6.8. Kreatioun vun 1 Gemeindebeamteposten, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, administrativen Ënnergrupp (fréier Redakter) fir de Service Kommunikatioun a Relatiounen mat der Press**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir op deem nächste Punkt iwwer, d'Kreatioun vun engem Posten am Service Communication et Relations publiques, dat ass e Redakter, dee mir wëlle kreéieren, respektiv ausschreiwien, an och quotéieren.


Wann ee gesäit wat mir an de leschte Joren alles ronderëm den Internet hunn, respektiv ronderëm déi sozial Medien, wou mer awer ëmmer méi eng staark Präsenz kréien an der Kommunikatioun, wou ganz vill Gemenge dee Wee ginn, do hate mir deelweis eng Virreideroll, mä awer vill Gemenge ginn elo och deem dote Wee, ass et wichteg, well et generell awer an der Kommunikatioun opkënnt, dass mir eis do och opstellen.

Am Ufank ass dat en passant vun deem bestoende Service gemaach ginn, mä wann een do eng Vitesse de croisière kritt, muss een natierlech och do eng zousätzlech Persoun astellen, mä déi mécht awer net nëmmen dat mä och dee ganze Volet vun der Kommunikatioun ronderëm de Suivi an d'Produktioun vu Campagnen, déi gemaach ginn, d'Zesummenaarbecht mat den externen an internen Servicer, och d'Lektür vun den Dokumenter déi mir maachen, vun den Annoncen, déi mir inhouse maachen, a wéi gesot de ganze Volet vun de soziale Medien, sief dat Facebook, Instagramm, Twitter, eise Blog, awer och de Plan MEDIART, administrativ Aarbecht, redaktionell Aarbecht, also een deem och redaktionell Kapazitéiten huet, dee mir dann och hei musse recrutéieren, wann et esou wäit ass.

Voilà, ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **6.9. Kreatioun vun 1 Gemeindebeamteposten, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, techneschen Ënnergrupp (fréier Expéditionnaire technique) fir de Service Architektur an Domänen**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da gi mir weider op de Service Architecture et Domaines, dat ass eise Service technique hei am Haus, do ass d'Iddi, e Poste B ze kreéieren, dat ass am Fong en Techniker, also op deem Niveau ugesidelt, do geet et



virun allem dorëms fir Projeten ze suivéieren, respektiv ëmzesetze wat Neibau-Projeten ugeet.

Mir kréien ëmmer méi Projeten, dat hu mer jo am Budget gesinn, wou mir nei Projeten an Ugrëff huelen, wat déi nei Projeten ugeet, do ass de Moment eng Persoun drop, wat reng den Neibau ugeet, och dat gesäit een am Organigramm an do musse mir en Dedoublement virgesi well wa mir méi nei Projete maachen an och bauen, musse mir och wat de Suivi um Terrain ugeet mat deene ganze Corps-de-metieren, Leit op d'Fangere kucke bäi deem dote Bau musse mir eis do wierklech weider stäerken, net ze schwätzen och herno ronderëm Neischmelz.

Mä virun allem sinn hei déi nei Projeten déi an der Stad Diddeleng an der Vitrin sinn. Jo, Madame Kayser?

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Jo, ech hat do nogefrot och am Service Architecture an déi hunn awer gemengt, si hätten do keng Demande oder hunn ech do falsch Informatiounen? Mä ass et awer fir de Service Architecture?

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Ech weess net weens de do gefrot hues well dat heiten ass fir de Service Architecture et Domaines, dat heiten ass eng ganz kloer Demande vun der Architektur, vum Chef de Département vun deem dote Service, respektiv vun deem zoustänneg Mataarbechter, deen sech ëm d'Neibau-Projete bekëmmert.

Ass de Gemengerot mat dësem Posten averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

#### **6.10. Kreatioun vun engem Gemengebeamteposten, Indemnitéitskategorie B, Indemnitéitsgrupp B1, techneschen Ënnergrupp (fréier Expéditionnaire technique) fir de Service Informatik an Nei Technologien**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Da komme mir zu der Kreatioun vun engem Posten, Fonctionnairesposten, och B1, an eisem Informatiksystem wat d'Häerzsteck och hei am Haus ass, well wann informatesch alles zesumme fällt, da fällt och hei am Haus alles zesummen an dat heiten ass e Mataarbechter, dee mir zousätzlech musse rekrutéieren.

De Moment besteet de Service aus fënnef Leit, déi alles maachen, also déi ganz Informatikinfrastrukturen, Hardware, Software, déi ganz Telekom-

munikatiounsgestioun och vun den Telefonen hei am Haus, déi ganz Telemaintenance, respektiv och déi elektronesch Gestoun vun den Dokumenter. Also, alles wat informatiséiert gëtt, do musse mir effektiv eis opstocken, déi ganz Konnexiounen vun den Applikatiounen, respektiv wa mir nei Projete maachen, och wou mir elo am Budget gesot hunn, respektiv 2018 ëmgesat hunn, do muss all Kéier de Service Informatique mat sollicitéiert ginn.

Och wa mir esou Projeten ëmsetze wéi mat den Ipads, och do ass de Service Technique sollicitéiert. D'Aarbecht hei hält net éischter of mä éischter zou, well mir eben d'Informatik an och d'Telekommunikatiounen den Trend hunn, datt jiddereen sech do weider entwéckelt, esou dass mir och do dee Service mat engem Mataarbechter musse bestécken.

**Michèle Kayser-Wengler (CSV):** Dee Posten ass sécher net vu Muttwëll, mä meng Fro ass just: Wou setze mir dee Männchen nach? Wann een hire Büro kuckt, ass do och geduecht, dass een deen Ausbau um 1. oder 2. Stack mécht, dass dat fir dee Service, dee wierklech do ënner bal mënschenonwürdege Konditiounen, och wann een déi Hëtzt dobanne gesäit, dat Ausstoussen, an déi Stralen, vun deene schwätze mir scho guer net, awer wichteg wier fir an déi Richtung och ze goen?

**Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP):** Jo, effektiv, ech hat och ëmmer Platzangscht wann ech erakomm sinn, dat hu mir geännert, ech géif mol soen, gitt einfach eemol erop kucken, mir hunn en Duerchbroch gemaach an dee Büro, wou am Fong virdru d'Pecherte waren, deen hunn se, an och deen, elo zwar nëmmen temporär, dee wou d'Dorothee war, dee kënnen se och notzen.

Dat heescht, dat gëtt hinne vill méi Sputt, déi wou d'Programmation maachen, déi kënnen eleng setzen, déi hunn dann hir Rou. An, wat mer wëlles hunn, ass, en Helpdesk ze maachen, dat heescht, wou een ass, deen alles wat kënnt an och d'Urgencé mécht, deen da spezifesch dat mécht, also uewenop ass et elo ganz anescht wéi soss. Gitt einfach mol kucken.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Sinn nach weider Froen? Dat ass net den Fall, da kënnen mir iwwer déi Kreatioun ofstëmmen.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.



### **6.11. Kreatioun vun 1 Gemeindebeamteposten, Indemnitéitskategorie D, Indemnitéitsgrupp D2, Ënnergrupp Spezifesch Attributiounen (Agent municipal) fir de Service vun den Agent-municipaux**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Dann den zweetleschte Posten, dat ass e Poste vun engem Agent municipal, och am Service Gestion et maintien du patrimoine, wann een d'Ausféierunge vun de Moien héieren huet vum Claudia Dall'Agnol iwwer d'Extensioun vum Parking résidentiel, do bleift et haut vläicht bäi nëmmen enger Kreatioun, mä an nächster Zukunft sécherlech net bäi enger Kreatioun.

Et ass e Service, deen ëmmer méi wäert sollicitéiert ginn um Terrain wa mir weider ausweiden. Dat zu den Erklärungen, wat déi Kreatioun ugeet, wëssend, dass ee Parking wäert bäikomme vum Centre culturel Opderschmelz.

Ass de Gemengerot domadder averstanen?

**Claude Martini (CSV):** Vu dass mir net domadder averstane waren, dass de Parking beim CNA soll payant ginn, si mir net wierklech averstanen, dass e Pechert méi soll agestallt gi fir dann dohinner pechen ze goen.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Bon, ech wëll awer just soen, dass wa mir hei eng Persoun astellen, déi mécht net exklusiv de Centre culturel opderschmelz.

**Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin):** Villäicht nach dobäi gesot, de Parking mat deem Dir net averstane sidd, dass e soll payant ginn, dee kënnt jo eréischt bäi.

Mir hu jo net nëmmen do Parking payant oder résidentiel bäikritt.

Si ginn och fir ganz aner Saache geruff, si ginn owes kucken ob d'Camionnettëreglement agehale gëtt, si gi mëttlerweil geruff wann iergendeen op engem Chantier falsch steet, da ginn als éischt eis Leit geruff, déi dann och mat de Leit schwätzen an dat feststellen.

Ech mengen, ech brauch lech net ze soen, wéi d'Situatioun bäi der Police ass, déi hunn och net méi genuch Leit, esou dass eis Leit vill méi gefrot sinn, wéi nëmmen ze kucken ob Dir Äre Parkingticket mat Zäit erneiert hutt oder är OP'n'Go gestallt hutt.

Do ass vill méi dohannert, dat ass haut net méi dat wéi dat nach virun 10 Joer de Fall war, dass déi just peche gaange sinn. Dat ass et net méi, si sinn och do fir de Bierger z'informéieren.

Wou mir déi nei Vignetten accordéiert hunn, waren et si, déi d'Permanencë gemaach hunn, et sinn och si, déi och d'Leit empfänken, dat ass wierklech e Beruff ginn, deen eppes anescht haut duerstellt wéi dat wat mir vläicht nach virun 10 Joer haten.

Si maachen och e ganz gudden Job an si schwätzen och mat de Leit, si verwarnen se och alt emol éier se pechen an ech mengen, dat rechent dëse Schafferot hinnen och héich un.

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Merci Claudia Dall'Agnol. Wien ass mat der Kreatioun vun deem Posten averstanen?

Dat si Stëmme vun LSAP, Déi Gréng, Membre indépendant an Déi Lénk.

Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV. Merci.

### **6.12. Kreatioun vun 3 Salariésposten (Kollektivvertrag vun de Salariée vun de Südgemengen), Carrière vum Agent polyvalent (A3)(Laangzäitchômeuren)**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Dann déi lescht Kreatioun, vun 3 Posten an der Carrière vum Agent polyvalent, A3, also Salariésposten.

Hei geet et drëms, 3 Poste fir d'Laangzäitchômeuren, dass mir do déi selwecht Solidaritéit wëlle spille loosse, vu dass mir e gesetzleche Kader hunn, wou mir finanziell ënnerstëtzt ginn, dass mir dat och maachen.

Ass den Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

### **6.13. Approbatioun vum Relevé vun deene Persounen, déi fir gutt a loyal 20-järeg Aarbecht eng Auer geschenkt kréien a vum Relevé vun deene Persounen, déi e Kaddosbong fir hiren Depart an d'Pensioun kréien**

**Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter):** Dann de leschte Punkt an der ëffentlecher Sitzung, well Froen un de Schafferot gouf et elo keng, dofir de leschte Punkt.





An zwar geet et hei dorëms, eise Beamten a Salariéen, respektiv de Memberen aus dem Centre d'intervention fir 20 Joer bons et loyaux services e Kaddo kënnen ze iwwerreechen an dat sinn déi Leit, déi mir den Owend wäerte gesinn, et sinn der eng ganz Rei, dofir ernimmen ech se:

Françoise Back  
Marc Ewerling  
Maryse Flammang  
Raymond Graf  
Jasmine Hamtiaux  
Jessica Mack  
Joël Schroeder  
Jenny Simon  
Isabelle Heischbourg  
Flavio Albertini  
Giulio Basile  
Gérard Bausch  
Chantal Klein  
Friederike Migneco  
Marco Papa  
Marco Puleo  
Frank Wagner  
Luc Hensen  
Patricia Barthels  
Fernand Britz  
Marianne Cerri  
Noëlle Clause  
Michelle Ehrhardt  
Anita Guillod  
Jeannot Harpes  
Ghislaine Lisarelli  
Romain Mack  
Robert Schmeler  
Jean-Marie Schroeder  
Pascal Seil  
Jean-Pierre Vanin  
Guy Woicik

Dat sinn déi Leit, déi den Owend geéiert gi fir 20 Joer respektiv well se an d'Pensioun gaange sinn.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**.

Merci dofir, da gi mir elo an de Huis Clos iwwer.



#  
2019

# FÊTES ET MANIFESTATIONS

## 04.-05.05. Eat, Beat & Culture Festival

Foodtrucks, DJs, projections vidéos, workshops, expos,...

Foodtrucks, DJs, Videoprojektionen, Workshops, Ausstellungen,...

📍 Hall Fondoucq

## 16.-19.05. Like a Jazz Machine

Festival international de jazz / Internationales Jazzfestival

📍 Centre culturel opderschmelz

## 19.05. Marche culinaire

Marche gastronomique à travers la nature de Dudelange.

Ein kulinarischer Spaziergang durch die Dödelinger Natur.

## 01.06. Journée de la Famille

Jeux, animations et activités pour tous.

Spiele, Animationen und Aktivitäten für alle.

📍 Centre-ville / Stadtzentrum

## 08.06. Nuit du Sport

Le sport à l'honneur et à tester gratuitement.

Testen Sie kostenlos diverse Sportarten.

📍 Hall Fondoucq

## 15.06. Fête de la Musique

Concerts gratuits en plein air et dans les cafés.

Kostenlose Konzerte im Freien und in den Bars.

📍 Centre-ville / Stadtzentrum

## 22.06. Veille Fête nationale

Cortège, concerts et animations.

Umzug, Konzerte und Animationen.

📍 Place de l'Hôtel de Ville / Rathausplatz

## 29.06. Faires Frühstück

Petit déjeuner équitable gratuit sous chapiteau.

Kostenloses faires Frühstück im Festzelt.

📍 Place de l'Hôtel de Ville / Rathausplatz

## 30.06. Marché du Monde

Spécialités culinaires, artisanat et concerts.

Kulinarische Spezialitäten, Kunsthandwerk und Konzerte.

📍 Place de l'Hôtel de Ville / Rathausplatz

## 07.07. Summer Spill a Spaass

Grande fête estivale en plein air pour enfants.

Großes Kinder-Sommerfest im Freien.

📍 Stade J. F. Kennedy

## 12.07. Summerstage

Concerts en plein air. / Open-Air-Konzerte.

📍 Parc Le'h

## INFOS:

[www.dudelange.lu](http://www.dudelange.lu) > Agenda

Le collège des bourgmestre et échevins

Dan Biancalana, bourgmestre

Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins

DUDELANGE,  
ON DIRAIT  
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange  
T 516121-1 /// [ville@dudelange.lu](mailto:ville@dudelange.lu)  
website: [www.dudelange.lu](http://www.dudelange.lu)  
blog: [www.ondiraitlesud.lu](http://www.ondiraitlesud.lu)

[f /villededudelange](https://www.facebook.com/villededudelange) [@villededudelange](https://twitter.com/villededudelange)